1° approuvant le protocole additionnel du 28 janvier 1997 portant modification de la Convention belgo-franco-luxembourgeoise relative à l'exploitation des chemins de fer du Grand-Duché, signée à Luxembourg, le 17 avril 1946;

2° approuvant les statuts modifiés de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL);

3° concernant les interventions financières et la surveillance de l'État à l'égard des CFL et

4° portant modification de la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

c) la loi du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation

d) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

(Rapport de la Commission des Transports – Discussion générale – Vote et dispense du second vote constitutionnel)

6. Interpellation de Monsieur Marco Schank sur le tourisme *(suite)*

(Motions – Votes)

7. 5206 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit

(Rapport de la Commission de l'Environnement – Discussion générale – Vote et dispense du second vote constitutionnel – Motion - Vote)

8. 5307 – Projet de loi relative à la sécurité générale des produits

(Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports – Discussion générale – Vote et dispense du second vote constitutionnel – Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1) **5593** - Projet de loi portant

1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;

2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 29.06.2006

2) **5594** - Projet de loi portant approbation de «l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Autriche» et portant modification de la «loi du 21 décembre 1998 portant modification et refonte de la loi modifiée du 13 décembre 1988 instaurant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel» et de la «loi du 11 avril 1990 portant création d'un Fonds national de soutien à la production audiovisuelle»

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 05.07.2006

3. En date du 27 juin 2006 fut remise par l'Association des parents d'élèves du Lycée technique d'Ettelbruck la pétition N°272 relative à la situation au Lycée technique d'Ettelbruck.

4. Par lettre du 26 juin 2006, le Secrétaire du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 31 mai au 1er juin 2006:

- position sur l'initiative du Royaume de Belgique visant à faire adopter par le Conseil une décision-cadre relative à la reconnaissance et à l'exécution dans l'Union européenne des interdictions résultant de condamnations pour infractions sexuelles commises à l'égard d'enfants;

- résolution sur la crise humanitaire dans les territoires palestiniens et le rôle de l'Union;

- résolution sur l'amélioration des relations entre l'Union européenne et les États-Unis dans le cadre d'un accord de partenariat transatlantique;

- résolution sur les relations économiques transatlantiques UE/États-Unis;

- résolution sur le commerce et la pauvreté: concevoir des politiques commerciales afin de maximaliser la contribution du commerce à la lutte contre la pauvreté;

- résolution sur la situation des femmes roms dans l'Union européenne.

2. Ordre du jour

Wat eis Aarbecht vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz e chargéierte Programm proposéiert, nämlech folgenden: haut de Mëtteg, muer Mëttwoch moies um néng an nomëttes um hallwer dräi an en Donneschdeg och moies um néng an nomëttes um hallwer dräi.

Um Ordre du jour steet haut de Mëtteg de Projet de loi iwwert d'Infrastructure ferroviaire, d'Motiounen, déi vum Här Schank senger Interpellatioun iwwert den Tourismus déposéiert goufen, de Projet de loi iwwert d'Bekämpfung vum Kaméidi an de Projet de loi iwwert d'Sécherheet vun de Produiten.

Muer de Moien um néng Auer de Projet de loi 5216 iwwert d'Loyersgesetz, dann de Projet de loi 5534 iwwert d'Chambre des Artisans.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi de Projet iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, de Projet de loi iwwert d'Sociétés anonymes, de Projet de loi iwwert de Statut vun der Société européenne an de Projet de loi iwwert de Fonds pour l'Emploi.

En Donneschdeg de Moien de Projet de loi iwwert de Baccalauréat international, de Projet de loi 5521, en internationaalt Ofkommes iwwert d'Meuse. Dann de Projet de loi iwwert d'Ofännerung vum Numm vun der Gemeng Remerschen a schlussendlech de Projet de loi iwwert de Statut vun de Gemengebeamten.

An dann als lescht Sitzung en Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi de Projet de loi iwwert d'Antitubaksgesetz, de Projet de loi iwwert d'Strukture vun de Steierverwaltungen, de Projet de loi iwwert de Code du Travail an de Projet de loi 5518, eng Direktiv iwwert d'Gläichbehandlung op der Aarbecht, an dann um Enn vun der Sitzung maache mer och nach Naturalisatiounen.

Une voix.- Ah!

M. le Président.- Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

Plusieurs voix.- Jo! Neen!

M. le Président.- Ier mer dat décidéieren, huet den honorabelen Här Claude Meisch d'Wuert. Här Meisch!

3. Dépôt d'une motion par Monsieur Claude Meisch

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'éischt, datt mer heibannen iwwert d'Situatioun vun de Gemengefinanze schwätzen. Virun allem an der Lescht ass dat en Thema wat eis jo alleguerte méi Suerge mécht, virun allem och deenen heibannen, déi Responsabilitéit an där enger oder anerer Gemeng droen.

Ech hu mat Freed festgestallt, datt op d'mannst eng vun de Majoritéitsparteie sech intensiv mat deem Thema beschäftegt huet, eng ganz Rei vun Initiative proposéiert huet. Ech schwätzen do vun der LSAP, a mir sinn der Meenung, datt mer sollten op där doter Schinn weiderfueren, fir awer ze kucken, datt mer zu Konkretem kommen, zu Resultater kommen, déi de Gemengen da wierklech entgéintkommen a se net an där Situatioun weider beloosse wou se momentan dra sinn, virun allem an där prekärer finanzieller Situatioun, wou jo ganz vill Gemenge festgestallt hunn uganks 2006, datt se déi Suen, déi se versprach kritt hate vum Stat fir 2005, net alleguerte géinge kréien an am Enn vum Joer dann hu misse kucke wéi se de Rimm nach méi enk konnte schnallen, a mer eigentlech dann och an der Incertitude si wéi et weidergeet mat de Gemengefinanzen. Dat an engem Kontext wou d'Recettë vum Stat awer weider an d'Luucht ginn, och wa mer hei vun enger Spuerpolitik schwätzen.

Wat de Stat ubelaangt, ass de Stat jo nach ëmmer an enger Situatioun wou déi staatlech Recettë steigen - vun 2005 op 2006 soll et eng Steigerung vu 6% sinn -, mä par contre dann d'Gemengen däitlech manner Recetten erakréie wéi dat déi lescht Joren de Fall war. An dat wou dann awer och hei am Haus, an och notamment vun der Regierung an eigentlech och vun all de Parteien ëmmer erëm drop higewise gëtt, wéi wichteg de Rôle vun der Gemeng ass an deem engen oder aneren Domän.

Wa mer hei iwwert de Logement schwätzen, da gëtt gesot, d'Gemenge mussen eng Roll do spillen. Viru kuerzem huet nach den Aarbechtsminister eng Pressekonferenz gemaach an op d'Verantwortung vun de Gemengen higewisen am Domän vum Chômage, virun allem och de Chômage vu behënnerte Leit. D'Responsabilitéit vun de Gemengen an der Educatioun ass ëmmer um Ordre du jour. Den Accueil vun de Kanner soll landeswäit ausgebaut ginn, an dat soll iwwert d'Gemenge lafen. Dat heescht, d'Aufgabe fir d'Gemengen heefe sech, an op där anerer Säit solle se dat bewältege bei Recetten, déi erofginn.

Da stellt een och nach fest, datt eng ganz Rei vu Subsiden, déi versprach waren, elo a Fro gestallt sinn, oder Subsiden, déi versprach waren, eigentlech ganz, ganz spéit ausbezuelt ginn, wat och eng ganz Rei vu Gemenge wierklech a schwiereg Situatioune bréngt, well se an Obligatioun sinn, hir Projeten, hir Investitiounsprojeten ze realiséieren an dann duerno eréischt mat grousse Retardë vu Joren oft d'Subsidë vum Stat kënne remboursëiert kréien.

Déi Propositiounen, muss ech soen, déi d'LSAP gemaach huet an enger Pressekonferenz vu gëschter, déi kann een an eisen Aen op jidde Fall zum ganz groussen Deel deelen. Duerfir proposéiere mer hei an enger Motioun, datt mer d'Regierung beoptragen, ganz schnell zur Émsetzung vun deene Propositiounen do ze kommen, well et gëtt eng gewëssen Urgence an deem doten Domän, also brauche mer dat doten net weider op déi laang Bänk ze schieben.

Nun, wat fir eng Reforme sinn dat? Eng Reform vun de Gemengefinanzen, déi assuréiert, datt d'Gemengefinanzen eben och d'selwecht kënnen evoluéiere wéi déi vum Stat; méi Transparenz wat d'Gemengefinanzen och ubelaangt, virun allem och déi Transferten, déi de Stat bei d'Gemenge gëtt iwwert d'Subsidë fir Investitiounsprojeten: Wat fir eng Gemeng kritt wat fir eng Subsidë fir wat fir eng Projeten? An natierlech och fir zu deenen Engagementer ze stoen, déi an der Vergaangenheet geholl gi sinn an déi dann awer och esou mussen organiséiert sinn, datt…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Entschëllegt, Här Meisch. Dir hat zum Ordre du jour gefrot. Dir sidd de Moment amgaang eng Motioun hei ze explizéieren, déi mer vläicht sollen am Laf vun der Woch eng Kéier diskutéieren.

M. Claude Meisch *(DP).*- Dat kënne mer da ganz gären eng Kéier maachen. Ech wollt och net op all déi dote Propositiounen nach eng Kéier agoen, well jiddfereen huet bestëmmt d'Dagespress viru sech leien, also kann e se nach eng Kéier noliesen. Ech wollt einfach der Chamber hei d'Geleeënheet ginn, d'Regierung ze beoptragen, da ganz schnell zur Ëmsetzung vun deenen dote Mesuren ze kommen.

Dës Motioun dréit just meng Ënnerschrëft. Ech huelen awer un, datt deen een oder aneren hei op der lénker Säit ganz gären nach seng Ënnerschrëft dodrënner wäert setzen.

Merci, Här President.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant la prise de position du POSL concernant la situation financière des communes;

invite le Gouvernement

- à procéder à une réforme des finances communales ayant comme objectif une évolution parallèle des recettes de l'État et des communes;

- à examiner dans ce sens les critères de répartition entre les communes des recettes en provenance de l'impôt commercial communal et le fonds communal de dotation financière;

- à tenir les promesses faites envers les communes tant en ce qui concerne le montant que le calendrier de paiement des subsides accordés par l'État;

- à accorder les subsides en faveur des communes selon des critères objectifs et tenant compte des préceptes d'une politique cohérente dans le domaine de l'aménagement territorial;

- à publier toutes les informations concernant l'octroi de subsides en faveur des communes;

- à réorienter le Ministère de l'Intérieur d'une autorité administrative vers une autorité de consultation au service des communes.

(s.) Claude Meisch.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Mir kucken da fir am Laf vun der Woch zur Diskussioun, zur Debatt vun dëser Motioun ze kommen.

4. Ordre du jour (suite)

Jo, ass d'Chamber d'accord mat dem Ordre du jour esou wéi ech e proposéiert hunn, quitte dass nach d'Motioun vum Här Meisch am Laf vun der Woch zu engem opportune Moment, wa mer och den zoustännege Minister vläicht hei hunn, zur Debatt kënnt?

(Interruptions)

Jo, neen, d'Fro ass, well den Här Meisch eng Motioun hei abréngt, déi hie gär dës Woch um Ordre du jour hätt. Or, mir arrêtéieren de Moment den Ordre du jour vun der Chamber vun dëser Woch. Mir hunn en Ordre du jour proposéiert. Den Här Meisch proposéiert en additionnellë Punkt, nämlech déi Motioun, déi hien elo erabruecht huet. Wéi ass d'Positioun vun den eenzelne Fraktiounen dann dozou?

(Interruption)

Den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Jo, Här President, also ech mengen et kann een dat nëmmen ënnerstëtzen, datt mer dat do dës Woch klären, well ech muss soen, ech hat och mat enger gréisserer Iwwerraschung d'Dagespress gelies. Ech sinn zwar frou iwwert déi Positiounen, déi do ageholl gi sinn, mä et wär och wichteg, datt mer iwwert déi Motioun do klären, ob d'Majoritéit nach ëmmer d'Majoritéit huet am Parlament.

Well op alle Fall sinn do Saache gesot gi gëschter an där Pressekonferenz, déi zwar positiv waren, awer iwwerraschend waren. An ech mengen déi Motioun do kënnt awer zur Kloerheet bäidroen. An et ass awer am Intérêt vun deenen 117 oder 116 Gemengen, datt mer esou séier wéi méiglech Kloerheet kréien.

M. le Président.- Et ass natierlech esou, dass keen hei dee genaue Contenu vun där Motioun de Moment kennt, obschonn den Här Meisch…

(Interruptions)

Jo, mä d'Motioun gouf grad ofginn a si gëtt elo emol kopéiert an da gëtt se verdeelt.

Ech géif da proposéieren, dass mer elo emol den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz arrêtéiert gi war, géifen unhuelen an dass mer am Laf vum Dag oder vu muer drop zréckkomme wat d'Schicksal vum honorabelen Här Meisch senger Motioun wäert sinn. Här Meisch!

M. Claude Meisch *(DP).*- Kënne mer esou verbleiwen, datt mer am Laf vun der Woch kënnen driwwer diskutéieren? Wann d'Majoritéit hei mengt, se misst renvoyéiert ginn an eng Kommissioun oder ofgelehnt ginn, da ka se dat jo dee Moment nach ëmmer maachen.

Une voix.- Dat maache mer och, Här Meisch!

M. Claude Meisch *(DP).*- Mä et wär awer wichteg, datt mer se nach dës Woch géingen evakuéieren, well soss gesi mer eis am Oktober herno hei erëm an dann hu mer deen dote Sujet…

(Brouhaha général)

…erëm eng Kéier direkt um Ordre du jour, an déi Zäit hu mer verluer.

(Interruptions)

M. le Président.- Also wann déi Motioun ausgedeelt ass a se ass emol studéiert vun deenen eenzelne Fraktiounen, da wäert ech en temps utile dorop zréckkommen, fir datt d'Chamber dann décidéiert, wat mat där Motioun geschitt.

Ech froen elo nach eng Kéier: Ass d'Chamber d'accord mam Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virgeschloen huet?

(Assentiment)

Voilà, da komme mer elo bei deen adoptéierten Ordre du jour, an zwar zum éischte Punkt, der Diskussioun vum éischte Projet de loi iwwert d'Infrastructure ferroviaire. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Spautz, den Här Grethen, den Här Braz an den Här Gibéryen. D'Wuert huet als Alleréischten de Rapporteur vun dësem Projet, den honorabelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

5. 5529 - Projet de loi modifiant

a) la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

b) la loi du 28 mars 1997

1° approuvant le protocole additionnel du 28 janvier 1997 portant modification de la Convention belgo-franco-luxembourgeoise relative à l'exploitation des chemins de fer du Grand-Duché, signée à Luxembourg, le 17 avril 1946;

2° approuvant les statuts modifiés de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL);

3° concernant les interventions financières et la surveillance de l'État à l'égard des CFL et

4° portant modification de la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

c) la loi du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation

d) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

Rapport de la Commission des Transports

M. Roland Schreiner *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5529, dee mer haut hei diskutéieren an deen déi zukünfteg Gestioun vum Eisebunnsnetz hei zu Lëtzebuerg regelt, ass den 13. Januar vun dësem Joer vum Transportminister déposéiert ginn. De Statsrot huet den 20. Juni 2006 säin Avis dozou ofginn. An hirer Sitzung vum 22. Juni huet d'Transportkommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert a mech als Rapporteur agesat. De 4. Juli huet de Statsrot en Avis complémentaire ofginn, deen noutwendeg ginn ass op Grond vun zwee Amendementer, déi d'Kommissioun formuléiert hat. An de 6. Juli huet dann d'Kommissioun de Rapport zu dësem Projet de loi unanime mat deene Leit, déi do waren, ugeholl.

Dëse Projet de loi ass eigentlech déi éischt Gesetzesinitiativ, déi aus den Accordë vun der Eisebunnstripartite vum Dezember 2005 ervirgeet an déi eis et erméiglecht déi lescht Elementer vum éischte Paquet ferroviaire an eist nationaalt Recht ëmzesetzen an domat eigentlech eis de communautären Obligatiounen an Exigenze konform ze setzen.

Et ass e bëssen en technesche Projet, dofir, fir besser ze verstoen, wourëmmer et am Gesetzesprojet geet, iwwert dee mer de Mëtteg sollen ofstëmmen, muss ech vläicht e bësse méi wäit aushuelen, ouni dat elo ze wäit ze maachen.

Wéi a ville Beräicher sinn och am Transport- an am Eisebunnssecteur uganks den 90er Joren d'Weichen a Richtung Liberaliséierung gestallt ginn. 1991 huet d'Europäesch Kommissioun en éischt Wäissbuch erausginn, «L'heure du choix». 1996 koum en zweet hannendru mat dem Titel «Une stratégie pour revitaliser les chemins de fer communautaires». An deenen zwee Wäissbicher ass d'Kommissioun zur Feststellung komm, dass den Zuch wuel en interessant an och sënnvollt oder wichtegt Verkéiersmëttel wär, dat an eiser Gesellschaft méi ee grousse Stellewäert misst kréien, mä dass säin Undeel um gesamte Verkéiersopkommes a speziell am Güterverkéier allgemeng géif ofhuelen. An als Haaptursaachen dovunner huet d'Kommissioun an de Raum gestallt, dass d'Eisebunnen an Europa insgesamt ze vill onflexibel an net genuch ugepasst un d'Evolutioun vum Marché an un d'Besoinë vun de potenzielle Cliente wieren.

Et misst also dorëms goen an der Zukunft, an deenen nächste Joren, och aus ëmweltpoliteschen Iwwerleeungen - an do kann ee jo och d'Meenung vun der Kommissioun deelen -, d'Eisebunn méi attraktiv a méi kompetitiv ze maachen, mä dat ze maachen duerch eng Rei vu Mesurë wéi zum Beispill d'direkt Trennung vun der Gestioun vum Netz a vum Transport, vun der Exploitatioun, duerch eng besser Interopérabilitéit, duerch d'Opmaache vun de Schinnennetzer fir d'Konkurrenz an duerch eng méi kommerziell Exploitatioun vun de Réseauen.

Vun dësem Strukturwandel erhofft sech d'Kommissioun eng besser Upassung vun der Bunn un déi real Bedierfnisser vun de Clienten, dat heescht, e bessere Service a selbstverständlech och méi interessant Transportpräisser.

Fir dës Objektiver kënnen ze erreechen, huet d'Europäesch Kommissioun zënter 1991 ugefaange mat där ominöser Direktiv 91/440, déi de ganze Prozess vun der Ouverture vum Zougang zum Eisebunnsmaart formell déclenchéiert huet an e ganzen Dispositif vu Moossnamen, déi sech an deene verschiddene sou genannte Paquets ferroviaires erëmfannen, élaboréiert.

De Moment si mer jo um europäeschen Niveau scho beim drëtte Paquet ukomm. De Gesetzesprojet, dee mer haut hei diskutéieren, geet awer nach zréck op den éischte Paquet, deen u sech dräi Direktive begräift, déi den Accès zum gesamten europäesche Gidderverkéiersnetz regelen, dann awer och eng Harmonisatioun um communautäre Plang vun de Bestëmmunge ronderëm d'Lizenzen, déi all Eisebunnsgesellschaft muss virweisen, erbäiféieren, an e prezisen an och transparente Kader schafen, wat d'Allocatioun vun de Capacitéiten op der Schinneninfrastruktur an och hir Tarificatioun ugeet, fir op déi Manéier en équitabelen an net diskriminatoreschen Accès ze garantéieren.

Den éischte Paquet ferroviaire ass den 22. November 2000 scho vum Europäesche Parlament an och vum Conseil adoptéiert ginn, an hätt am Prinzip misse bis de 15. Mäerz 2003 an nationaalt Recht ëmgesat gi sinn. Well Lëtzebuerg awer nëmmen e klengt Schinnennetz huet, krute mer eng Rei vun Derogatiounen an hunn net direkt alles missen ëmsetzen, wat an deem Paquet do dran ass a wat an deenen Direktiven och do festgehale gëtt.

Esou hate mer zum Beispill ënner anerem Zäit bis den 31. August vum Joer 2004 fir en onofhängegt Organ ze schafen, dat dofir suerge misst, dass den Accès zum Schinnennetz fair an ouni Discriminatioun geregelt gëtt. Well eis Regierung awer ëmmer - an zu Recht, muss ech soen - angesichts vun onsécheren ekonomeschen awer och soziale Konsequenze vun enger ze schneller Liberaliséierung am Eisebunnssecteur op d'Brems getrëppelt ass, sinn dës Délaie verträiche gelooss ginn, wat natierlech dozou gefouert huet, dass mer duerch en Arrêt vum 30. September 2004 vum Europäesche Geriichtshaff dowéinst veruerteelt gi sinn a mer riskéieren, seriö Geldstrofen ze kasséieren, wa mer eise Verflichtungen dann elo net endlech nokommen. Mir maachen dat da mat dem Gesetzesprojet vun haut.

Et muss een awer wëssen, dass mer an deene leschte Joren awer schonn en Deel vun eisen Hausaufgaben an deem Zesummenhang gemaach hunn. Esou huet zum Beispill d'Gesetz vum 11. Juni 1999 schonn eise Réseau opgemaach fir all europäesch Eisebunnsgesellschaft, déi eng Lizenz ka virweisen, an de Règlement grand-ducal vum 31. Mäerz 2003 definéiert och schonn d'Modalitéite vun der Uwendung vun de Redevancen, déi fir d'Benotze vun der Schinneninfrastruktur erhuewe ginn. Déi zwee Règlements grand-ducaux vum 24. Oktober 2003, déi d'Konditioune vun der Délivrance an der Validitéit vun de Lizenze respektiv vun de Sécherheetszertifikae regelen, déi déi verschidden Eisebunnsentreprisen musse virweise kënnen, fir Transporter duerchzeféieren, sinn och schonn applicabel.

Här President, wat ännert sech dann elo konkret mat deem Gesetzesprojet vun haut, mat deem mer elo also d'Ëmsetzung vum éischte Paquet ferroviaire an nationaalt Recht komplettéieren?

Ech hunn éinescht gesot, dass d'Auslaaschtung an d'Verdeelung vun de Capacitéite vun eisem Schinnennetz op eng fair Aart a Weis musse geregelt ginn, déi et net enger bestëmmter Entreprise erméigleche soll, hir dominéierend Positioun ze mëssbrauchen an aner Opérateuren ze diskriminéieren.

D'EU-Gesetzgebung schreift dofir vir, dass d'Repartitioun vun de Sillonen an d'Tarificatioun fir d'Benotze vum Schinnennetz vun enger Institutioun duerchgefouert gëtt, déi rechtlech, organisatoresch an um Niveau vun den Décisiounen onofhängeg ass vun allen Zuchbedreiwer. Am Moment ginn dës sou genannte Fonctions essentielles hei zu Lëtzebuerg vun der CFL a vun der CFL-Gesellschaft geregelt, esou dass mer déi Konditioun vun der Neutralitéit natierlech net erfëllen.

Doniewent musse mer och laut Gesetzgebung fir déi néideg Rekursméiglechkeete suerge fir de Fall, wou e Bedreiwer, deen eist Schinnennetz benotze wëllt, net mat den Décisioune vun der onofhängeger Institutioun d'accord wier. Entspriechend de Konklusioune vun der Eisebunnstripartite gesäit de Projet de loi, dee mer haut hei virleien hunn, vir, dass innerhalb der Communauté des Transports, dem Verkéiersverbond, deen duerch d'Gesetz vum 25. Januar 2006 geschafe gouf, eng Cellule «accès réseau» geschafe gëtt, déi an Zukunft déi sou genannte Fonctions essentielles géréiere soll.

Et versteet sech vu selwer, dass dës Cellule opgrond vun hirer Vokatioun natierlech hir Aarbecht a voller Onofhängegkeet muss maache kënnen an dofir och onofhängeg schafft par rapport zu deene Leit, déi dësem Établissement public Verkéiersverbond ugehéiere respektiv dee féieren.

Wann elo eng Entreprise dann net mat enger Décisioun vun dëser Cellule averstanen ass, ka se sech beim Generaldirekter vun der Communauté des Transports beschwéieren, deen dann déi Responsabel vun der Cellule muss héieren a bannent zéng Aarbechtsdeeg muss entscheeden, ob hien d'Décisioun vun der Cellule bestätegt oder ob hie se reforméiert. Wann dann d'Entreprise dës Décisioun ufechte wëllt, ka se dat beim Minister maachen, ka se de Minister saiséieren, dee bannent zwee Méint muss eng motivéiert Décisioun erbäiféieren. Gëtt dat der Entreprise ëmmer nach keng Satisfaktioun, dann huet se d'Méiglechkeet fir mat engem Recours en réformation virum Verwaltungsgeriicht nach eng Kéier Oppositioun unzemellen.

Domat droe mer dann de Bestëmmunge vun der Direktiv 2001/14 Rechnung, déi verlaangen, dass um nationalen Niveau en onofhängegt Kontrollorgan besteet, dat iwwerwaacht, dass d'EU-Bestëmmungen agehale ginn, an dat bei engem eventuelle Recours och dann tranchéiere muss.

D'Regierung war der Meenung, an d'Kommissioun huet sech där Meenung och ugeschloss, dass een net erëm zwou nei Institutioune soll schafen, fir dës Aufgaben ze iwwerhuelen, déi d'CFL aus evidente Grënn, wéi ech d'éinescht scho gesot hunn, an Zukunft net méi erfëlle kann. Si huet duerfir beschloss, e bestehenden Établissement public, d'Communauté des Transports, ze erweideren an deem eng nei Cellule «accès réseau» bäizeginn, déi dann dës nei Aufgaben erfëlle soll.

Här President, et muss ee soen, dass de Statsrot mat dëser Décisioun alles anescht wéi glécklech war. Hien huet Zweifel ugemellt un der Onofhängegkeet vun dëser Cellule an hien huet och beanstant, dass am Gesetz net genau definéiert wier, wien an dëser Cellule géif schaffen a wéi déi Cellule genau fonctionnéiere sollt. De Statsrot war der Meenung, et sollt een dës Fonction essentielle éischter beim ILR, dem Institut Luxembourgeois de Régulation, oder beim Minister selwer eventuell usiedelen.

D'Kommissioun huet dës Iwwerleeungen awer zréckgewisen a sech dem Choix vun der Regierung ugeschloss, an dat aus guddem a berechtegtem Grond. Déi eenzeg Leit hei am Land, déi den Know-how hu fir dës Aufgaben ze erfëllen, déi hei an dësem Kontext ufalen, schaffe logescherweis de Moment bei der Eisebunnsgesellschaft. Et läit also op der Hand, och deene Leit dës Missiounen an Zukunft ze iwwerdroen. Den ILR huet kee Personal mat deene Kompetenzen, déi gebraucht ginn, an et kann een och net esou einfach Fonctionnairen dofir astellen, déi bis dohinner mat der Repartitioun vun de Sillonen näischt ze dinn haten.

Duerfir war jo och initialement virgesinn, déi Leit, déi elo bei den CFL sinn, un déi Cellule «accès réseau» do ze détachéieren. An duerfir ass jo och schonn am Gesetz iwwert d'Transports publics, wou d'RGTP ëmgewandelt ginn ass an d'Communauté des Transports, dat Gesetz esou modifizéiert ginn, dass ee kéint Leit an d'CdT détachéieren, déi net Fonctionnaire wieren. Eng Léisung, déi och an dësem Fall absolut Sënn mécht.

Wat d'Propos ugeet, d'Fonctions essentielles elo un de Minister ze ginn, déi de Statsrot eigentlech subsidiaresch gemaach huet, esou muss ee soen, dass keen anert Land esou eng Léisung gewielt huet, och wann d'Europäesch Unioun a priori net un der Onofhängegkeet vum Minister zweifelt. Doriwwer eraus kéint dann awer och de Minister an deem Fall do net méi den Uspriechpartner si fir en eventuelle Recours.

Trotz där Opposition formelle, déi de Statsrot op dësem Punkt gemaach huet, huet hien awer d'Méiglechkeet opgelooss, fir d'Fonctions essentielles un eng Cellule vum Verkéiersverbond ze ginn, esou wéi d'Regierung et och proposéiert huet, an huet déi Méiglechkeet net definitiv ausgeschloss. Hien huet allerdéngs dofir eng nei Textpropositioun gemaach fir den Artikel 24 vum Projet de loi, deen ënner anerem da méi prezis definéiert, dass d'Membere vun der Cellule «accès réseau», där neier Cellule, hir Décisiounen an aller Onofhängegkeet vun hire Supérieurs hiérarchiques missten huelen. Eppes, wat jo awer eigentlech evident ass an och an der Logik vun der Philosophie vum Gesetz läit.

D'Kommissioun war dann och mat deem Virschlag d'accord an huet dem Statsrot säin Text iwwerholl. Allerdéngs huet si dozou en Amendement gemaach, well si am Géigesaz zum Statsrot net der Meenung war, dass d'Membere vun der Cellule misste Statsfonctionnairë sinn. Et muss ee wëssen, dass dat a villen anere Länner och net de Fall ass, an dass dat zum Beispill

och bei eis haut an der Aviatioun, do wou jo och op eng neutral Aart a Weis d'Slotten, wéi dat an der Aviatioun heescht, d'Sillonen op der Eisebunn, an aller Neutralitéit vergi ginn, net de Fall ass. A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot déi Approche vun der Kommissioun dann och akzeptéiert, dass an dës Cellule och Agentë kéinten iwwerholl ginn, déi net onbedéngt missten de Fonctionnairesstatut hunn.

E gëtt sech dann awer nach net ganz geschloen a verlaangt, dass, wann dat esou wär, esou Agenten awer da missten all hierarchesch a statutaresch Relatioune mat den CFL oder anere Bedreiwer opléisen an dass se och misste vereedegt ginn, wat déi Leit, déi dat haut op der Eisebunn maachen, souwisou zum Deel scho sinn.

Ech wëll elo hei net laang d'Approche vum Statsrot kommentéieren, obschonn ech sécher vun der Kommissioun aus legitiméiert wier fir dat ze maachen. Mir hunn eis jo och an der Kommissioun laang a breet doriwwer ënnerhalen. Et kann een awer d'Fro opwerfen, firwat de Statsrot dëser pragmatescher a sënnvoller Léisung, déi virgeschloe gi war, Steng an de Wee gehäit huet, déi net néideg gewiescht wären an och net begrënnt waren, dat ëmsou méi mer am Text kloer geschriwwen haten, dass déi Leit hir Aarbecht a voller Onofhängegkeet sollten an och misste maachen. Obschonn och déi Prezisioun eigentlech net noutwendeg gewiescht wär, well et einfach an der Logik vun der Saach ass.

An och de Statsrot, dat muss ee soen, léisst da selwer déi néideg Konsequenz dobäi vermëssen, well hie jo virgeschloen huet, wéi ech et d'éinescht gesot hunn, wann och subsidiaresch, eventuell d'Fonctions essentielles beim Minister unzesiedelen; de Minister, dee jo awer Vertrieder vun enger Regierung ass, där jo awer d'CFL-Gesellschaft zu wäit iwwer 90% gehéiert. Et kann een also och iwweral Problemer kreéieren, déi net si missten an déi der Saach, ëm déi et jo schlussendlech awer geet, absolut net dienlech sinn.

D'Kommissioun vertraut op alle Fall, esou wéi et elo ass, dem Minister, dass hie bei der Ëmsetzung vum Gesetz, esou wéi et dann awer hei proposéiert gëtt, de richtege Wee fënnt, fir eppes op d'Been ze stelle wat Sënn mécht. Duerfir huet och d'Kommissioun dëse Rapport, deen dem Statsrot senge Bedenken an Iwwerleeungen dann och Rechnung dréit, bon gré, mal gré, muss ech soen, unanime mat de Stëmme vun deene Leit, déi do waren, ugeholl, an ech géif lech dann och bieden datselwecht ze maachen.

Ech wëll hei zum Schluss och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen. Och wann ech muss soen, dass mer dat sécher net mat enger ganz grousser Euphorie maachen, well et e Gesetz ass, dat sech aschreift an de Kader vun där Liberaliséierungspolitik, déi speziell am Eisebunnssecteur zënter 1991 gemaach gëtt. Mir conforméieren eis hei dem europäesche Recht.

Ech muss awer soen, dass mer dee Prozess musse begleeden, bon gré, mal gré, wann och mat gemëschte Gefiller, mat der Iddi fir de Schinneverkéier fir d'Konkurrenz opzemaachen. Mir wäerten eis op alle Fall och an Zukunft dofir asetzen, dass de Spillraum, deen d'Europäesch Unioun eis léisst, fir d'Anhale virun allem vun de Sécherheets- a Qualitéitskritären ze garantéieren, déi awer ganz wesentlech duerch déi Liberaliséierungspolitik do op d'Spill gesat ginn, maximal ausgenotzt gëtt.

An deem Sënn wëll ech awer nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der LSAP zu dësem Projet de loi ginn an, wéi gesot, wier ech frou wann déi aner Fraktioune sech deem kéinten uschléissen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Deen éischten ageschriwwene Riedner nom Rapporteur ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no der Berechnung vun der EU-Kommissioun louch 1970 den Undeel vun der Schinn um Gesamtgidderverkéier bei 21%. 1998 war e schonn op 8% zréckgaangen. Laut der EU-Kommissioun war dat op e Mangel vu gesonder Konkurrenz op deenen eenzelne Réseauen zréckzeféieren.

Ech stelle mer awer d'Fro, ob dat wierklech haut d'Ursaach ass respektiv och deemools d'Ursaach war. War et net vläicht d'Kommoditéit an de politesche Wëlle vun deenen eenzelne Länner fir verstäerkt an de Bau an an d'Moderniséierung vu Stroosseninfrastrukturen ze investéieren an net an den Ausbau vum Eisebunnsréseau? Huet den Eisebunnsréseau net éischter eng Nieweroll gespillt?

D'Entwécklung vun de Pëtrolspräisser a gläichzäiteg och e méi grousst Ëmweltbewosstsinn beim Bierger huet en Ëmdenke provozéiert. An dat, wat fir de Gidderverkéier zielt, zielt och deelweis fir de Persouneverkéier.

Theme wéi Pünktlechkeet a Confort vum Passagéier stounge vill ze vill laang am Schiet. Eréischt an deene leschte Jore sinn an deene Volete verstäerkt Investitioune getätegt ginn. Menges Wëssens huet et och iwwer 50 Joer gedauert, bis mer emol ugefaangen hunn nei Strecken ze bauen. De Rescht waren ëmmer nëmmen Instandsetzunge vun de bestoende Strecken.

Ob dat am Intérêt vum Lëtzebuerger Schinnennetz war, dat sief dohigestallt. Ech mengen, mir hunn hei an dësem Haus während dem Débat iwwert den öffentlechen Transport, dee jo deemools hei um Ordre du jour stoung, schonn op déi schwéierfälleg Prozeduren higewisen, déi een heiansdo feststellt, wann et ëm den Ausbau vum Schinnennetz geet.

Ech wëll do nëmmen ee Beispill nach eng Kéier ervirhiewen, dat ass d'Streck zwëschent der Haaptstad Lëtzebuerg an der Unisstad Esch-Uelzecht, wou déi Eisebunnslinn 2004 décidéiert ginn ass, wou do e Projet op den Instanzewee gaangen ass, awer haut nach ëmmer Avisen dozou feelen.

Et ass also onverständlech an deelweis onakzeptabel, dass d'Lëtzebuerger Schinn duerch administrativ Prozeduren nach ëmmer permanent gebremst gëtt an deementspriechend och Schued erleit, fir am Konkurrenzmarché ze bestoen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 3. Mee 2006 huet d'EU-Kommissioun Folgendes deklaréiert, an ech zitéiere se aus der „Süddeutsche Zeitung": „Erstes Eisenbahnpaket: Umsetzung läuft nach Fahrplan." Iwwert dës Ausso waren deemools vill Leit, besonnesch hei zu Lëtzebuerg, iwwerrascht, well mir d'Ëmsetzungsfrist a sech scho ganz laang iwwerschratt haten.

Elo schreiwe mir 2006. De Pak hätt awer sollen, wéi de Roland Schreiner et scho gesot huet, 2003 respektiv 2004 ëmgesat sinn. Do ass et awer och wierklech kengem Bierger bäizebréngen a kengem Bierger ze veriwwelen, wann hie sech freet, wat dat soll, wa mer Délaië festsetzen, déi iwwerschreiden, souguer och nach dofir veruerteelt ginn an et dach einfach net virugeet!

An dësem Kontext kéint een och nach aner Projeten an aner Direktiven nennen, mat deene mer einfach net virukommen. Leschte Sonndeg war jo eng Porte ouverte iwwert den Tunnel vun der Nordstrooss, an do huet e fréiere Buergermeeschter deklaréiert, d'Fro, déi ee sech am Fong misst stellen, wär déi, wuerfir mer fir dräi Kilometer Tunnel méi laang brauche wéi d'Schwäiz - wou vill Héichtenënnerscheeder sinn - fir 24 Kilometer Tunnel. Déi Ausso vum fréiere Veianer Buergermeeschter kann ech nëmmen ënnerstëtzen, well dat ass effektiv déi Fro, déi ee sech do stelle kann.

Awer 2004, an deem Joer, an deem dës Direktiv hätt sollen ëmgesat ginn, war och hei am Land nach villes anescht. Et war keng Fussballweltmeeschterschaft, Italien war net Weltmeeschter, mä Brasilien war dee Moment nach amtéierende Weltmeeschter. Däitschland hat nach e Kanzler a keng Kanzlerin. Den EU-Kommissiounspresident huet nach Romano Prodi geheescht; deen ass haut Premierminister vun Italien.

Hei zu Lëtzebuerg...

(Interruption)

Jo, den Här Juncker ass jo och eng Qualitéit, Här Mehlen, an dat musst Dir awer och respektéieren. An zu Lëtzebuerg...

(Interruptions)

An zu Lëtzebuerg goufen d'Chamberwahle preparéiert. D'DP war nach Regierungspartei an huet den Transportminister gestallt. D'LSAP war Oppositiounspartei, den ADR hat nach eng Fraktioun...

(Hilarité)

...an och bei deene Gréngen...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An den ADR kritt och erëm eng Fraktioun. Leet Äre Kapp a Rou!

Plusieurs voix.- Oh!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Marc Spautz *(CSV).*- An och bei deene Grénge ware manner Deputéierten op de Bänken hei an der Chamber wéi haut. Deemools, dat Joer, dat ech ënnersträiche wëll, 2004, wou déi Direktiv hätt missen ëmgesat sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, haut kënnt et dann endlech och zu Lëtzebuerg zur Ëmsetzung vun deene respektiven EU-Direktiven, an ech wëll hei an elo dovu profitéieren, fir dem Rapporteur vun dësem Gesetz, mengem Frënd, dem Roland Schreiner, zu sengem ausféierleche Bericht ze félicitéieren.

Plusieurs voix.- Ah!!!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Schonns...

(Interruption)

Dee war 2004 och nach net do. Richteg, Här Gibéryen.

Une voix.- Dir waart och nach net do!

(Brouhaha général)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Scho virun e puer Méint huet d'Chamber sech an der Rumm vun der Eisebunnstripartite bei der Grënnung vun der CFL-Cargo deels mat dëser Thematik beschäftegt. Aner Projets de loi fir d'Ëmsetzung vun den Tripartitesbeschléss si jo um Instanzewee; den Transportminister huet déi deponéiert. Mir hoffen, dass mer déi och schnellstens kënne bei der Rentrée sprochräif virleien hunn, fir déi och kënnen ëmzesetzen.

Den EU-Kommissär Jacques Barrot huet am Mee 2006 - ech hu virdru schonn eng Kéier drop higewisen - deklaréiert: „Die Anwendung des ersten Eisenbahnpakets ist für die Wiederbelebung des europäischen Eisenbahnsektors von entscheidender Bedeutung."

(Interruption)

Et stoung awer an der Zeitung esou, Madame Flesch, an ech zitéieren hei dës Kéier d'„Frankfurter Allgemeine Zeitung".

„In Verbindung mit dem zweiten Eisenbahnpaket von 2004 ist der grundlegende Rechtsrahmen nun vollendet. In einigen Mitgliedstaaten hat die Marktintegration im Schienengüterverkehr bereits zu positiven Ergebnissen geführt. Zu verzeichnen sind der Eintritt neuer Marktteilnehmer und ein größeres Verkehrsvolumen. Der Marktanteil des Schienengüterverkehrs hat sich in Europa stabilisiert. Dies lässt mich optimistisch in die Zukunft blicken. Die begonnenen Veränderungen müssen nun zum Abschluss gebracht werden, um den europäischen Eisenbahnraum im Interesse der Mobilität und Wettbewerbsfähigkeit in Europa zu verwirklichen."

Ech mengen, dozou ass näischt bäizefügen, mä et ass och gläichzäiteg wichteg, dass ee seet, dass et e sécheren Transport muss sinn - ech erënneren nëmmen u verschidden Accidenter, déi emol op privatiséierten Eisebunnsstrecke geschitt sinn, notamment déi Säit der Insel - an dass et och wichteg ass, dass mer also e sécheren an e pünktlechen Transport kréien.

Och eis ass et wichteg, dass d'Mobilitéit besser a méi attraktiv gëtt.

(Brouhaha général)

Déi Säit vum Waasser, entschëllegt!

D'Grënnung vun der CFL-Cargo...

M. le Président.- Et wier gutt, wann Dir nëmmen nolauschtere géift an net an engem Stéck Interventioune géift maachen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Also, ech soen lech, mir hu 17 Gesetzer dës Woch. Wa mer eis elo scho bei deem éischten esou emportéieren - et ass jidderengem waarm -, da kann et schéi gi bis en Donneschdeg Owend.

Här Spautz, fuert virun.

(Interruptions)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Och eis ass et wichteg, dass d'Mobilitéit besser a méi attraktiv gëtt. D'Grënnung vun der CFL-Cargo, der Jointventure tëschent Arcelor an CFL, ass gutt an noutwendeg an opgrond vun der neier Entwécklung innerhalb der Lëtzebuerger Sidérurgie ass déi och nach méi néideg wéi jee virdrun - mä ech wëll awer elo net op d'Entwécklung vun der Sidérurgie agoen - a vergréissert d'Perspektive vun där neier Gesellschaft.

Dass d'Ëmsetzunge vun den Direktiven net vun haut op muer ginn, huet de Rapporteur Roland Schreiner schonns ënnerstrach. Mä et ass awer wichteg, dass mer d'Direktive méi séier ëmsetzen.

Mir setzen also haut mat dësem Gesetz dräi Direktiven ëm, an automatesch musse mir domat d'Gesetzer vum 10. Mee 1995, vum 28. Mäerz 1997 wéi och vum 11. Juli 1999 iwwert d'Infrastrukturen änneren, a mir maachen och eng Änneruing iwwert den Transport public.

A grad dës Ëmännerung, wéi een déi künfteg Sillone verdeele respektiv wéi een d'Kontrollen ausféiere soll, huet zu deene meeschten Diskussioune bei der Ëmsetzung vun dësen Direktive gefouert. Et stellt sech d'Fro, ob dës Instanz un den ILR oder un d'Communauté des Transports ugegliddert gëtt, oder - wéi de Rapporteur et gesot huet - dem Minister direkt ënnerstallt gëtt.

Mir hu Verständnis fir de Statsrot, deen dës Kompetenz léiwer beim ILR geséich. De Problem ass awer, dass déi Leit, déi an eisem Land Kompetenze fir dës Aarbecht hunn, haut bei der Société nationale des chemins de fer sinn, a si och no deem Personalstatut schaffen an et net einfach ass vun haut op muer d'Personal vun esou enger Instanz vun enger op eng aner Verwaltung ze versetzen.

Mir soen also dofir Jo zu der Agliderung vun där Instanz bei d'Communauté des Transports, well dat och den Ofmaachunge vun der CFL mat de Sozialpartner a mat der Regierung entsprécht, an zu dësem Zäitpunkt och sécherlech déi beschte Léisung ass am Intérêt vum Paquet ferroviaire 1.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll awer elo bei dësem Punkt vun der Geleeënheet profitéieren, der Regierung d'Ureegung ze ginn, fir iwwert d'Aufgaben an d'Kompetenze vum ILR nozedenken. Den ILR huet haut eng wichteg Aufgab, a mir mussen och doriwwer offen diskutéieren, wéi een dës Institutioun ausbaue kann, fir dass si all Ufuerderungen, déi d'Regulariséierung betreffen, ka géréieren.

Den zoustännege Minister ass haut net hei; ech géif dofir den Här Transportminister bieden, dem zoustännege Minister de Wonsch matzehuelen, dass et wichteg wier, eng Diskussioun doriwwer ze féieren, wéi een dem ILR eng aner Struktur ka ginn, fir datt all déi wichteg Punkten, déi een och a künftegen Direktive wäert kréien, an den ILR agebaut kënne ginn, ouni dass dat zu anere Schwieregkeete féiert, wéi mer jo elo gesinn hunn, wéi dat bei dësem Gesetz de Fall wier, wa mer et géife maachen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, op alle Fall eppes ass fir eis sécher, dass et wichteg ass, dass mer endlech de Paquet ferroviaire 1 ëmsetzen. Domadder gëtt och d'CSV d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen!

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Rapporteur an och de Sprieche vun der CSV hu sech elo iwwert de grénge Kléi gelueft fir d'Ëmsetzung vum éischte Paquet ferroviaire. Ech muss lech soen, Här President, dass dee Paquet zum gréissten Deel schonn ëmgesat war.

Dëse Projet huet eigentlech nëmmen zwee Voleten. Dat eent ass, dass gewëss Termen, déi mer virdru gebraucht hunn, wéi zum Beispill «réseau ferroviaire», dass dat elo «réseau ferré» genannt gëtt,…

(Interruption)

…well dat d'Definitioun ass, déi an den Texter vun den Direktive steet. Dat ass also e ganz wichtege Volet, op dee keen esou richteg agaangen ass vun deenen zwee Virriedner.

An dat Zweet…

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da froen ech mech, firwat dee fréiere Minister dat net éischter gemaach huet, wann et esou einfach ass.

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, ech wëll dem Här Spautz soen, ech weess net wéi seng Kenntnisser am Franséische sinn a meng. Ech wëll och do net vergläichen, mä ech kann lech just soen, dass dat do d'Aarbecht vun zwou Minutte war. Vun zwou Minutten!

M. Marc Spautz *(CSV).*- An dofir hutt Der esou laang gebraucht?

M. Henri Grethen *(DP).*- Dat, wou d'Schwieregkeet war, Här President, dat war: Wie gëtt chargéiert dermat, fir déi sou genannt „Sillonen" ze verdeelen? Ech war ëmmer der Meenung, an ech bleiwen haut nach der Meenung, dass dat sollt den ILR sinn.

Une voix.- Très bien.

M. Henri Grethen *(DP).*- A soss keen!

Autre voix.- Très bien!

M. Henri Grethen *(DP).*- Well den ILR ass déi Institutioun, déi mer viru Jore geschafen hunn, fir an aneren Domänen, an der Téléphonie mobile ou fixe, oder beim Elektreschen oder beim Gas, fir do déi Regulatiounen ze maachen. Ech war och ëmmer als Minister der Meenung, dass een net bräicht zousätzlech Gremien ze schafen.

Dat passt awer hei am Land Eenzelnen, besonnesch dem Landesverband, net an de Konzept, well do kéint jo op eemol een hinnen an d'Kaarte kucken. Da gëtt dat Argument bruecht, Här President - an dat hunn ech jo hei héieren -, eenzeg an eleng bei der Eisebunn wieren déi Kompetenze gebündelt, an dofir misst een och an Zukunft déi Kompetenzen notzen.

Déi kéint ee gradesou gutt, Här President, beim ILR benotzen. En ILR, deem säi Bilan esou gesond ass, dass en esouguer dëst Joer kann Dividenden un de Stat zréckbezuelen. Et muss ee sech froen, ob en Institut de régulation, deen Taxen ophieft à charge vum Consommateur, fir seng Aarbechte kënne ze maachen, ob et deem säin Objet ass Benefisser ze maachen. Sécher net, mä dat ass eng ganz aner Debatt. Déi ass op enger anerer Plaz ze féieren. Mä den ILR hätt finanziell d'Moyenë gehat, fir dat ze maachen, an en hätt och technesch d'Moyenë gehat.

En hätt et just brauchen ähnlech ze maache wéi dat bei der Post gemaach ginn ass: Eng Rei Fonctionnairen, déi bei der Post geschafft hunn, si Fonctionnaire am ILR ginn. Eng Rei Leit, déi am Domän vum Elektreschen, bei der Cegedel a bei anere Gesellschaften, täteg waren, si vum ILR engagéiert ginn. Ech mengen, dass et och engem Lëtzebuerger Eisebunner zouzemudde gewiescht wier mat engem ähnleche Revenu - wann och net mat engem méi héije Revenu, et ass zwar schwéier, mä mat engem ähnleche Revenu - bei den ILR schaffen ze goen, an dat dann do ze maachen.

Mä dës Regierung huet jo, nodeem se am Kader vun der Tripartite déi Accorden do négociéiert huet, da gemengt et misst eng extra Solutioun fonnt ginn. Si hu jo och duerfir déi Centrale de mobilité, d'Mobilitéitszentral, déi ënnert der viregter Regierung vun de Majoritéitsparteie gestëmmt gi war an och initiéiert gi war, ofgeschaf. Si ass elo ëmgeännert ginn an déi sou genannten CdT.

Et gëtt Leit, déi mengen et wier e Contrat à durée déterminée. Dat ass et awer net. Et ass net dat. Et ass eppes anescht. Et ass e Gremium, wou een eigentlech net weess, wat se elo maachen. Souguer de Generaldirekter vun deem Organismus huet elo d'Waffe gestreckt - an do kann de Minister eis vläicht soe wat déi déif Beweggrënn vun deem Generaldirekter waren, fir elo ze demissionéieren.

Héchstwahrscheinlech huet hie sech ënnerbeschäftegt gefillt; ech weess et net. Elo soll dann hei eng nei Beschäftegung kommen. An eng Kommissioun, déi paritéitesch besat ass, wou also déi, déi kontrolléiert gi sollen, sech selwer kontrolléieren, och wann dann en Artifice gemaach gëtt, a gesot gëtt, mä et däerf awer keen, deen direkt eppes mat der Eisebunn ze dinn huet, do dra sinn; dat alles, Här President, dat si schlecht Solutiounen.

Mir als Partei bleiwen der Meenung, dass dat eenzeg Richtegt gewiescht wier - an de Conseil d'État ass och där Meenung -, dass een déi Kompetenzen am ILR gebündelt hätt. Mä et ass jo awer esou, Här President: L'opposition propose, la majorité dispose. Hei geet et och esou, well si wëllen onbedéngt Recht hunn. Well se bei hire Kolleegen an der Bringschuld sinn. Fir deenen ze weise wéi se op hirer Säit sinn, gëtt hei eng schlecht legislativ Aarbecht gemaach.

Här President, Dir wäert Iech net wonneren, wann ech Iech annoncéieren, dass meng Partei, dass meng Fraktioun dësem schlechte Gesetz hir Zoustëmmung net wäert ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Braz. Här Braz!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Et ass de Mëtten elo scho relativ vill geschwat ginn, an och deelweis e bësse Vergaangenheetsbewältegung gemaach ginn. Ech wëll soen, am Numm vun der grénger Fraktioun, dass mir zu dësem Gesetz eng Rei Froen un de Minister hunn, an dass mer et och dovunner ofhängeg maachen, vun der Perspektiv, déi de Minister a senger Äntwert wäert opmaachen, ob mer d'Gesetz da kënne matstëmmen oder net.

Et kann een haut iwwer ganz villes schwätzen zu dësem Thema, wäit Exkursen iwwert d'Zukunft vun der Eisebunn maachen. Fakt ass awer och, dass et haut effektiv nëmmen ëm zwou prezis Saache geet, den Här Grethen huet dat och scho gesot, dat eent ass eng Saach vu Wording, an dat Zweet ass am Wesentlechen: Wien ass an Zukunft zoustänneg fir d'Sillonen? An dat ass dat, wat haut zur Diskussioun steet; aner Saachen eigentlech net. Doriwwer hu mir schonn an der Vergaangenheet debattéiert. Mir brauchen dat haut net nach eng Kéier ze widderhuelen.

Zu der Fro vun de Sillonen - a mir hunn dat och an der Kommissioun artikuléiert -, do si mir och der Meenung - obwuel mer deen Accord tripartite mat ënnerstëtzen, well mer fannen, dass deemools eng insgesamt gutt an zefridde stellend Aarbecht geleescht ginn ass -, dass et am éischten Intérêt vun der Eisebunn selwer ass, dass een awer och als Partei, déi net Partie prenante war vun de Verhandlungen, dofir net all eenzelne Passus vun deem Accord tripartite muss matdroen. A mir hunn och gesot an der Kommissioun, dass mer schonn der Meenung wären, dass dee Volet iwwert d'Attributioun vun de Sillonen eis net géing ganz zefridde stellen.

Dat sinn nëmmen e puer vun deene Froen, déi ee sech am Zesummenhang vun der Reform vum Mietsgesetz ka stellen. Opfalend ass jiddefalls - ouni datt eng vun de Froen nëmme beäntwert ass -, datt et net eleng duergeet, wann een d'Loyersgesetz reforméiert.

Esou wéi am Ufank vu menger Interventioun scho gesot, hätte mir eis gewënscht, dass dëst Gesetz sech an engem Gesamtkonzept zréckfonnt hätt. No all där Zäit, déi dëse Projet um Bockel huet, wär et sécherlech och net op e puer Méint ukommen.

An e puer Méint, nämlech zum 1. Januar 2007 solle jo bekanntlech nach e ganze Koup vu konkrete Projete presentéiert ginn, déi jo viru kuerzem nach vum Här Wunnengsbauminister virgestallt goufen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer vläicht fir d'eischt nach zu deene virdru gestallte Froen. Dass nach ëmmer vill ze vill Wunnengen eidel stinn, an dëst besonnesch an den Zentre vun eise Stied a Gemengen, ass net nei an ass och fir déi Gréng alles anescht wéi eng gesond Wunnengspolitik. Net nëmmen dass do wäertvolle Wunnraum verluer geet, mä d'Revaloriséierung an d'Renovéierung vun aler Bausubstanz huet doriwwer eraus e positiven Impakt op méi eng nohalteg Entwécklung vun eiser Gesellschaft.

Bei der Visioun vun enger Gesellschaft vun de kuerze Weeër musse mer fréier oder spéider a wëlle mer de Verkéierschaos iergendwéi an de Gréff kréien, a sinn och gezwongen an eiser Siedlungspolitik aner Richtungen anzeschloen, dëst net nëmmen an der Perspektiv vun engem 700.000-Awunner-Stat. Och a besonnesch aus energetesche respektiv klimapoliteschen Iwwerleeunge musse mer an der Zukunft eng aner Siedlungspolitik begënschtegen. Dofir musse mer Ofstand huelen, a statt dem Wunnengsneibau éischter d'Wunnen am Bestand ënnerstëtzen oder zumindest méi eng équilibréiert Förderung erreechen.

Eng konsequent Sanéierung vun Albauten huet eng Hällewull vu Virdeeler. Beispiller gëtt et eng ganz Rei: wéi d'Schafen an d'Erhale vun Aarbechtsplazen, besonnesch a Kleng- a Mëttelbetriber, oder nach am Beräich vum Klimaschutz, well wäertvoll Ressourcen agespuert kënne ginn. Doriwwer eraus gëtt et manner Zersiedlungen, manner Strooss souwéi manner Verkéier.

Mir hunn och dofir kee Problem mat dem Prinzip vun der Ophiewung vum Ënnerscheed tëschent Haiser virun an nom Datum vun 1944, sou dass en eenheetleche Modell fir sämtlech Gebaier gëllt. Et ass schonn erstaunlech, dass mir déi Differenzéierung nach ëmmer am Gesetz stoen haten. Et ass also ze hoffen, dass déi Moossnamen zu enger Relance wäerte féieren.

Mir bedaueren awer, dass an deem Ganzen hei e ganz wichtegt Instrument nach ëmmer feelt, ouni dat mir keng substanziell an nohalteg Sanéierung um Terrain wäerten erliewen. Ouni e konsequent Albausanéierungskonzept verleeft dës Politik erëm am Sand, oder zumindest gi mer hei net mat där néideger Seriositéit dorun.

Doru sidd Dir als Wunnengsbauminister net eleng schold, mä Dir sidd als Regierungsmember respektiv, wat ëmsou méi wichteg ass, als Mëttelstandsminister gefuerdert. Albausanéierung mat Hibléck op eng Energiesanéierung ass eng Verantwortung vu sämtleche Ministeren, och vum Wunnengsbauminister.

Do menge mir, dass e Carnet d'habitation net eleng duergeet. Sécherlech ass et en éischte Schrëtt, mä e Schrëtt, deen net an engem Gesamtkonzept agebett ass. Wa mir eng regelrecht Offensiv an deem Beräich erreche wëllen, geet et eiser Meenung no bei wäitem net duer, nëmmen d'1944-Klausel aus dem Mietsgesetz opzehiewen. Do muss eng regelrecht Campagne lancéiert ginn; do mussen Hëllefstellungen ageriicht ginn; do musse Beroder op den Terrain gestallt ginn an nach villes méi.

Dës Fuerderungen, déi scho laang um Dësch leien, mussen endlech och ëmgesat ginn. D'Moyene sinn och do. Wann de politesche Wëllen do ass, an no den Aussoe vum Statsminister misst dat jo de Fall sinn, mussen d'Prioritéiten entspriechend gestallt ginn.

Eleng dëst Beispill weist, dass dat Gesetz hei ze kuerz gräift an dofir nëmmen an engem Gesamtkonzept kann a soll behandelt ginn.

Gradsou wichteg, a wann net dat Wichtegst, ass awer den zweeten Deel vun der Froestellung vu virdrun. D'Froestellung nämlech no der sozialer Ofsécherung zu dëse Moossnamen. Och eis Bedenke waren am Ufank grouss iwwert déi méiglech negativ Auswierkungen op de Loyer, wann d'Klausel vun 1944 sollt ewechfalen. Mir hunn och mat Nodrock drop gepocht, dass d'Auswierkunge vum Ewechfale vun där Klausel sollten analyséiert ginn. Déi Mini-Etüd, déi duerchgefouert gouf, weist, dass et keng Auswierkungen op de Loyer huet, wa keng Investitiounen duerchgefouert ginn. Zumindest geet de Loyer fir d'Wunnengen, wou keng Investitiounen duerchgefouert ginn, net an d'Luucht. E geet souguer erof.

Et stellt sech awer eng ganz aner Fro, déi vill méi wichteg ass an och dofir genau muss am A behale ginn. Et wäert aus eiser Siicht zu enger Verschiebung um Wunnengsmarché kommen. Et ass ebe grad déi Verschiebung um Wunnengsmarché, déi eis Suerge mécht, an déi, menge mir, ass net richteg analyséiert gi respektiv si keng Moossname virgesi fir op déi Problematik kënnen anzewierken.

D'Gefor, dass eng gutt Partie schlecht awer erschwinglech Wunnenge fir d'Leit ewechfalen, déi sech keng aner deier leeschte kënnen, ass natierlech grouss. Derbäi kënnt, dass eng ganz Rei vun neie Klauselen am Mietsgesetz derbäikomm sinn, déi dës Ännerungen zu enger reeller Gefor fir gewësse Leit wäerte maachen. Besonnesch d'Erweiderung vum perséinlechen Notze bis zum drëtte Grad wäert dës Tendenz nach weider verstäerken. Och d'Begrenzung vun der Recoursméiglechkeet fir eng Mietverlängerung wäert zu engem weideren Drock op de Locataire féieren.

Prinzipiell ass a sech och näischt géint eng Begrenzung vun der Kënnegung anzewenden. Jiddfereen, deen eppes plangt, muss kënnen an enger räsonnabeler Zäit iwwer säin Eegentum verfügen. Op déi ënnerschiddlech Modeller, mengen ech, brauch ech hei net méi onbedéngt anzegoen.

Besonnesch d'Prozedur op Basis vu perséinlechem Notzen huet nach eng Kéier am Avis complémentaire vum Statsrot verschidde berechtegt Froen opgeworf. Esou stellt de Statsrot a sengem Avis fest, dass et duerchaus zoutreffe kann, dass d'Prozedur vun den zwielef Méint schonn ofgelaf ka sinn, ouni dass iwwert d'Demande vun engem Sursis statuéiert gouf. Och wann dës zwielef Méint vläicht räsonnabel schéngen, an d'Prozedur gesetzlech mat e puer Recourse virgesinn ass, kann ee sech awer d'Fro stellen, ob dat och fir all Locatairen esou zoutrëfft an och verständlech ass. Wéi verhält et sech zum Beispill bei eeler Persounen, déi net dat néidegt Wësse respektiv d'Ënnerstëtzung vun engem Drëtten hunn am Fall vun enger Kënnegung?

Mir sinn och méi wéi erstaunt iwwert d'Reaktioun, oder besser gesot d'Netreaktioun vun eise sozialistesche Frënn, déi heimat op eemol kee Problem méi haten. Dat huet 2003 beim Débat d'orientation iwwert d'Wunnengspolitik nach ganz anescht geklongen. Sou ass do am Zesummenhang vun der éischter Motioun, déi vun der deemoleger CSV-DP-Majoritéit ugeholl gouf, Folgendes nozeliesen:

„Wou mir Bedenken haten, besonnesch bei der Opléisung vum Mietschutz", a weider, „wou mir der Meenung sinn, dass nëmmen d'Geriichter dat mat den Délaien definéiere kënnen, an net de Législateur". Als Erënnerung ee Saz vum Här Di Bartolomeo: „All dës nei Mesuren, déi elo am neie Loyersgesetz festgehale goufen, maachen d'Situatioun um Wunnengsmarché aus Siicht vum Locataire sécherlech net méi roseg."

Eng Revaloriséierung vun der Bausubstanz kënne mir nëmme begréissen. Mir mengen awer, dass den Usproch vum Statsminister, fir d'Wunnen zu Lëtzebuerg fir jiddfereen hei am Land erschwinglech ze maachen, esou net kann erreecht ginn. Mir vermëssen déi sozial Begleetmoossnamen, déi onbedéngt parallell zu dësem Gesetz ausgeschafft hätte misse ginn. Besonnesch vun eise sozialistesche Frënn hätte mir eis do méi e staarkt soziaalt Engagement erwaart.

Ech wëll vläicht just hei e puer Punkte vum LSAP-Sofortprogramm, fir d'Wunnengsnout zu Lëtzebuerg opzehiewen, zitéieren: „Jeder hat Anspruch auf eine menschenwürdige Wohnung. Der Schutz der Mieter durch ein soziales Mietrecht muss dauerhaft gesichert bleiben. Die von der Regierung eingereichte Reform" - also déi vun 2003 - „des Mietgesetzes geht eindeutig in die falsche Richtung. Statt wie von der Regierung geplant, den Mieterschutz zu verschlechtern, sollten endlich die im Mietgesetz festgehaltenen Miethöchstsätze für neue Bauten eingehalten werden. Die Sozialisten fordern die Regierung deshalb auf, das Gesetzesprojekt zur Mietreform zurückzuziehen.

Stattdessen schlägt die LSAP als Übergangslösung die sofortige Einführung eines Mietzuschusses vor, der Mietern, die keine Sozialwohnung erhalten, vergleichbare Hilfen sichert, wie sie beim Eigenheimerwerb vom Staat gesichert werden. Dieser Mietzuschuss wird übrigens auch vom Wirtschafts- und Sozialrat vorgeschlagen und soll solange bestehen bleiben, bis ausreichend erschwingliche Mietwohnungen zur Verfügung stehen.

Daneben schlägt die LSAP die Schaffung einer ‚Agence immobilière sociale' vor, die Mietwohnungen verwalten und zu erschwinglichen Mietpreisen weitervermitteln könnte."

Wéi war scho méi de Slogan vun der LSAP am Wahlkampf? „Mir paken et un!"

Vläicht kënnen eis sozialistesch Frënn sech Hëllefstellung bei der Biergerinitiativ fir bezuelbare Wunnraum siche goen. Esou ass do nozeliesen: „Wir werden die versprochene Frist zur Umsetzung der angekündigten Maßnahmen abwarten und gegebenenfalls weiter Aktionen starten, um Druck auf die politisch Verantwortlichen zu machen, damit der Wohnraum wieder für jeden in diesem Land erschwinglich wird." Besonnesch wou dës Biergerinitiativ op esou Membere wéi de fréieren Députémaire an heitege Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo zréckgräife kann!

Leider ass de Site vun der Biergerinitiativ www.bi-wunnen.lu net méi aktivéiert, esou datt ech net méi do konnt de Suivi kontrolléieren.

Wat wollt den Här Di Bartolomeo net alles reforméieren! Esou wollt hien nach an der Interpellatioun iwwert de Wunnengsbau 2001 bal iwwer zéng Motiounen déposéieren. Eppes hat déi Interpellatioun deemools awer erreecht: Et gouf e groussen Débat d'orientation 2003 iwwert de Logement organiséiert, deen op engem exzellente Rapport baséiert huet. E Rapport - wéi kënnt et anescht sinn? - dee vum Norbert Haupert verfaasst gouf. Vill vun deene Konklusiounen, déi do gezu goufen, sinn och haut nach ëmmer richteg. Mä vill vun de Propose sinn och haut nach ëmmer net ëmgesat.

D'Moossnamen, déi an deem Rapport nozeliese sinn, fënnt ee praktesch identesch erëm bei de Moossnamen zum État de la Nation iwwert de Logement vu virun e puer Méint. Also, erëm e puer Joer verluer.

Och den Här Haupert kënnt zum Schluss vu senger Interventioun 2003 op folgend Propos, ech zitéieren: „D'Kommissioun schléit des Weidere vir, Iwwerleeungen a Richtung vun esou enger Agence de location, esou wéi si an anere Länner besteet, ze féieren. Esou eng Agence géing d'Gestioun vun der Locatioun vu Privatwunnengen am Beräich vu sozial gënschtege Loyere fir privat Propriétairen iwwerhuelen, déi aus Bequeemlechkeet hir Wunneng net verlounen an déi esou eidel do stinn. Op deem Wee kënnt een déi Wunnengen erëm fir de Mietwunnengsmaart récupéréieren."

Och mäi Kolleeg Garcia huet fir déi Gréng an deem Débat an déiselwecht Richtung argumentéiert an deels Propose formuléiert, wéi ee verhënnert, datt dës Virschléi net riskéieren allgemeng präisdreiwend op de Mietniveau ze wierken.

Et ass also aus eiser Siicht wichteg eng Aart Fonds du Logement „bis" ze organiséieren, besonnesch am Beräich vun der Revaloriséierung respektiv Renovéierung vun aler Bausubstanz. Sécherlech huet de Fonds du Logement och an deem Beräich scho wäertvoll Aarbecht gemaach. Mir mengen awer, datt eng ganz Rei vu Leit net méi an d'Kritäre vum Fonds du Logement wäerte falen.

Duerch dat neit Mietgesetz riskéiere mer awer, datt eng Rei Leit net méi wäerten zu enger ugemoossener Wunneng kommen, déi hire Verhältnisser entsprécht.

Datt do nach eppes muss kommen, hutt Dir, Här Minister, selwer am Débat d'orientation 2003 gesot. Ech zitéieren: „…datt mer e Mangel u soziale Mietwunnengen hunn, fir Leit mat ganz klengen Akommes, déi Problemer hu fir Wunnengen um private Maart ze fannen, well se net genuch Suen hunn, an datt d'Offer um soziale Mietwunnengsbau net grouss genuch ass, datt mer also och fir déi Leit nach eng Schëpp mussen noleeën."

Dës Erkenntnis ass och haut nach ëmmer wouer. Also, d'Schëpp, awer wann ech gelift eng grouss Schëpp an de Grapp a lass!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent de soziale Kritären, déi no eiser Meenung net genuch analyséiert goufen, sinn awer och nach weider Punkten an dësem Gesetz, déi net esou richteg ausgeräift sinn.

Esou hu mir och zwar kee Problem domadder, wann déi zukünfteg Loyerskommissioune méi professionell solle schaffen. Dëst gouf jo och schonn deemools an dem Débat d'orientation vu mengem Kolleeg Garcia als Spriecher vun de Gréngen esou ënnerstëtzt. Ob de Modell an och d'Prozedur, déi fir d'Gemengen ënner 6.000 Leit am Gesetz virgesi sinn, déi richteg sinn, bezweifele mer awer. Och hei hätt ee sech nach déi eng oder aner Reflexioun an Austausch vun Erfahrung mat ähnleche Prozedure gewënscht.

Och d'Gemenge behalen eng Rei vun Obligatiounen, kréien awer weider zousätzlech Aufgaben an dësem Gesetz zougedeelt. Esou ass et un de Gemenge Renseignementer bei de Propriétairen unzefroen, fir de sou genannte Mietspigel ze erstellen. Dëst ass sécherlech eng ganz wichteg Donnée. Et gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet e Spigel iwwer hir Mietwunnengen an der Gemeng ze erstellen. Fir dës Donnéeën effikass kënnen ze verwäerten an och ze interpretéieren, misst een awer eng Koordinatiounsroll vum Stat virgesinn.

Dir musst de Gemenge méi ënnert d'Äerm gräifen, statt hinne stänneg wëllen de schwaarze Péiter zouzespillen. Et si grad d'Gemengen, déi oft mat vill manner Moyene wéi de Stat wichteg a wäertvoll Aarbecht am Wunnengsberäich ënnerhuelen.

Une voix.- Très bien.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Wann dee Message endlech emol Fouss géif faassen, hätte mer schonns vill erreecht. Dofir waarde mer gespaant op de Pakt mat de Gemengen, deen am Hierscht soll virgestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. D'Wunnengsproblematik wäert och mat dëser Reform vum Mietsgesetz weiderhi bestoe bleiwen. Mir sinn net der Iwwerzeegung, datt dëst Gesetz zu der néideger Relance wäert féieren. Sécherlech gëtt et Elementer, déi mir hei begréissen, mir mengen awer, datt déi sozial Ofsécherung feelt. Och feelt an eisen Aen d'Gesamtkonzept, ënnert deem dëst Gesetz sollt lafen. Dofir wäerte mir eis och bei der Ofstëmmung dono enthalen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Dëst Gesetz ass e wichtegt Gesetz, wat ganz vill Leit am Land hei betrëfft. Et kann een et net isoléiert gesinn. Et muss een et gesinn am Kader vun der Logementspolitik.

Do muss een eppes festhalen: Dat ass, datt, wann eng Gemeng e PAP duerchgesat huet, e Plan d'Aménagement Particulier approuvéiert huet, wann déi ganz Prozedur véier, fënnef Joer gedauert huet, heiansdo esouguer nach méi laang, een dann op eng Kéier gesäit, datt de Ministère de l'Environnement wakereg gëtt an iergendwou eng Heck gesäit an dat Ganzt nees a Fro stellt. D'Resultat: Mir hunn an der Stad Lëtzebuerg e puer honnert Wunnengen, déi wéinst esou Saachen elo blockéiert sinn, anstatt datt Wunnenge kënne gebaut ginn.

Do gesäit een och, datt dat neit Gesetz iwwert den Aménagement vun de Gemengen och weider Schwieregkeeten opwerft. Et gesäit een, datt déi administrativ Hürden net ofhuelen, mä zouhuelen. A wat d'administrativ Délaië méi grouss sinn, wat et natierlech de Wunnengsbau verdeiert.

Hei ass déi gesamt Regierung gefuerdert fir déi administrativ Délaien ze verkierzen. Doduercher datt d'administrativ Délaië verkierzt ginn, gëtt d'Offer méi grouss, komme méi Projeten, méi Wunnengen op de Wunnengsmaart an da gëtt et och méi präiswäert Logementer. D'Basis vu präiswäerte Logementer ass och d'Basis vu räsonnabele Loyeren. Deier Wunnenge bréngen deier an héich Loyeren.

Wann een nun d'Etüd kuckt, esou wéi se 2001 an enger Enquête hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass iwwert d'Situatioun vum Logement, da gesäit een, datt 70% vun de Stéit hei am Land Propriétaire si vun hirem Logement, 26% si Locataire, 0,8% Sous-locataire, de Rescht ass iergendwéi an anere Strukturen definéiert.

Et gëtt elo scho laang iwwer en neit Bail-à-loyer-s-Gesetz geschwat: schonn ënnert der viregter Regierung, virun dëser Regierung. Mir hunn 2001 e Programme d'action «Logement» diskutéiert. 2002 huet de Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert, datt endlech en neit Gesetz géing kommen. 2003 huet d'Chamber eng Diskussioun doriwwer gefouert. Et ass näischt geschitt, bis datt mer endlech am Oktober 2003 de Gesetzesprojet deponéiert kritt hunn, dee mer haut sollen diskutéieren.

Dat neit Gesetz soll d'Verloune méi lukrativ maachen a soll den Invest an nei Mietwunnenge uspornen. Dat wäert et sécher net ginn! Dofir ass dëst Gesetz vill ze vill dirigistesch an net maartgerecht.

De Conseil d'État a sengem Avis seet et ganz kloer: «La nouvelle loi restera en deça de l'attente des auteurs.» A si werfen och mat Recht op, datt et net nuren duergeet fir d'Mietgesetzgebung ze änneren, et mussen och nach aner Mesuren dobäikomme fir den Invest a Mietwunnge vu Säite vum private Secteur ze favoriséieren. Do gehéieren natierlech steierlech Mesuren derbäi.

Et geet och, de Propriétaire ze schützen vis-à-vis vu Loyeren, déi net bezuelt ginn, anhand vun enger Assurance. Do muss de Stat och mat agräifen, fir esou eppes mat ze ënnerstëtzen, well soss ginn d'Assurancen net drun: Et ass den Amortissement; et ass d'Assistance juridique.

An et gesäit een och, wann een de Berichter vun den Tribunäl, déi ons zoukomm sinn, kuckt, datt 80% vun de Litigen iwwert de Bail à loyer d'Netbezuele vu Loyer betreffen. Meeschtens ass et esou, datt an éischter Instanz Défaut gemaach gëtt, da gëtt et och nach keen Appel. Par contre gi regelméisseg Sursisë gefrot, och nach vun de Gemenge selwer, well déi Leit, déi aus hirer Wunneng sollen expulséiert ginn, well se de Loyer net bezuelt hunn, dee Sursis ufroen.

An ech bedaueren zum Beispill, datt mer hei an dësem Gesetz, wa mer déi Problematik kennen, datt, wann eng Lettre de résiliation vun engem Bail kënnt, dann net eng Kopie un d'Gemeng geschéckt gëtt, fir datt d'Gemeng sech kann drop astellen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Et muss een och soen, datt d'Gesetzgebung virgesäit, datt de Buergermeeschter responsabel ass fir d'Leit, déi expulséiert sinn, ze relogéieren. Or, déi meescht Gemengen hu keng Dispositioune fir esou Leit ze relogéieren. Déi Leit hu keng Logementer a stinn deen Ablack op der Strooss.

Do ass natierlech och d'Responsabilitéit, souwuel zivil wéi strofrechtlech, vun de Buergermeeschtere

gesetzlech festgehalen, an do soll een awer och heiansdo drun erënneren.

Et ass kloer, mir brauche méi Sozialwunnengen. Dat ass d'Aufgab vum Stat. Dat ass d'Aufgab vun de Gemengen. Et ass awer net d'Aufgab vun de Propriétairë vu Logementer.

Als ADR hate mir ons erhofft, datt een ons, wann ee wëllt den Invest a Mietwunnenge favoriséieren, e manner dirigistescht Gesetz virgeschloen hätt, wat méi liberal wier a méi kloer wier an der Formulatioun. An anere Wierder e Gesetz, wat wierklech d'Leit incitéiert a Mietwunnengen ze investéieren; e Gesetz wat einfach kloer Prozeduren an Definitiounen huet.

E Gesetz, wat och kuerz Prozedure virgesäit, wou eng Décisioun an engem Joer definitiv exekutéiert gëtt, egal ob een de Loyer net bezilt oder ob een de Besoin personnel invoquéiert.

E Gesetz och, mat deem en Appel méiglech ass. Dëst wier doduerjer ze realiséieren, datt een d'Délaië virun de Geriichter staark verkierzt hätt. Mir hunn där Beispiller an där Gesetzer hei schonn an dëser Chamber gestëmmt.

D'Commission des loyers hätt ee ganz ofschafe kënnen, oder se wéinstens limitéieren op déi Uertschaften, wou et e Friddensgeriicht gëtt.

Den ADR wäert dëst Gesetz net stëmmen. Obwuel mer begréissen, datt et an deem virleiende Gesetzesprojet verschidde positiv Elementer gëtt, zum Beispill datt de Loyer vu virun 1944 ofgeschaaft gëtt.

Mä déi negativ Elementer iwwerweien. Et ass e Gesetz, an deem et vill Dispositioune gëtt, déi komplizéiert a formalistesch sinn, déi all méiglech Ausleeunge beinhalten, wou een heiansdo d'Meenung huet, de Législateur hätt déi eng oder déi aner Ausleeung emol net gewollt.

Et ass e juristescht Monster, e juristeschen Irrgarten, dëst Gesetz, an dofir wëll ech och dem Rapporteur, dem Här Norbert Haupert, Merci soen, datt en déi gréissten Effortë gemaach huet, fir ze versichen dëst Gesetz nach kloer ze maachen. Mä et gesäit een, datt en heiansdo huet missen e puer Ausleeunge maachen a Kommentäre maachen, déi ganz laang sinn, an dat bedeit d'Komplexitéit vun dem Gesetz.

Et ass e gutt Gesetz - fir Affekoten an Experten.

(Interruption)

Ech wëll hei soen, datt et e Gesetz ass, wou een zum Beispill Délaien huet, en Délai deen ausgeet vun der Lettre recommandée avec accusé de réception. Da gëtt et en aneren Délai, wou d'Lettre recommandée duergeet, ouni Récépissé.

En anert Beispill ass och, dass, wann een elo engem Mieter soll kënnegen, een him dann elo an Zukunft den Artikel 12(3) vum Text mat an de Kënnegungsbréif muss setzen, soss ass d'Kënnegung null. Do wäerte sech d'Propriétairen an d'Locataire ganz vill freeën, wann elo déi éischt Kënnegunge vu Mieten ustinn an dëst vergiess gëtt.

D'Friddensgeriichter hunn e ganz kriteschen Avis zu dësem Gesetz gemaach, mä net nure si. Och de Parquet général, och de President vum Tribunal.

Hei geet et ënner anerem ëm - ech liesen e puer Extraitë vir - Violatioun vun den Dispositioune vun eiser Constitutioun; Violatioun vum Artikel 6.1 vun der Mënscherechtskonventioun; Insécurité juridique.

Erstaunt weise sech och d'Geriichter, datt d'Gesetz laang Délaië fir de Locataire virgesäit, dee säi Loyer net bezilt, mä kuerz Délaien do, wou de Besoin personnel invoquéiert gëtt. Déi Differenz gëtt schwéier verstanen, an och mir gesinn net an, firwat net fir allen zwee kuerz Délaië misste virgesi ginn.

An ech wëll och un Hand vun e puer Beispiller ënnerleeën, wéi komplex dëst Gesetz ass.

Mä fir d'éischt eng éischt Fro un de Rapporteur: Applizéiert sech dat neit Gesetz, wat mer elo solle stëmmen, un déi ablécklech Mietverträg, jo oder neen?

Am Artikel 33 steet, datt nuren d'Artikelen 31 an 32 sech applizéieren. Domadder kéint een also unhuelen, datt dat neit Gesetz sech eréischt fir déi zukünfteg Mietverträg géing applizéieren.

Do ass eng Onkloerheet op jiddfer Fall dran, an ech wier frou, wann de Minister oder de Rapporteur ons do kéint méi Kloerheet ginn.

Mä der Rei no. Ech géing mam Artikel 1 ufänken, dat geet mam Champ d'application vum Gesetz un.

Hei gëtt geschwat vu Location de logements d'habitation à des personnes physiques. Ech hat net geduecht, datt mer eventuell hei d'Déiere kéinte mat asetzen, well d'Logements d'habitation sinn normalerweis fir Personnes physiques.

Mä d'Fro, déi ee sech awer och nach stellt: Wat geschitt, wann eng Gesellschaft Immeubles lount, fir se senge Beamten, senge Salariéen zur Verfügung ze stellen? Wat fir eng Gesetzgebung applizéiert sech do? Sinn déi an der Gesetzgebung oder si se net drënner?

Wéi ass dat mat Logementer vu Saisonnieren an esou weider?

Et gesäit een, datt eng Lëscht vun Ausnahmen am Gesetz virgesinn sinn, am Artikel 1, Paragraph 3, wou eng ganz Opzielung ass vu Logementer, déi net ënnert d'Mietgesetz falen. Mä am Commentaire des articles gëtt gesot, déi Lëscht wier net exhaustiv. Dat heescht also an anere Wierder, datt d'Geriichter opgefuerdert gi fir eventuell nach nei Ausnahme virzegesinn. Et ass op jiddfer Fall net kloer.

Da stellt sech och d'Fro, ob d'Exklusioun, déi hei an deem Artikel virgesinn ass vun e puer Mietverträg oder Mietsituatiounen, ob déi nuren d'Fixatioun vun de Loyeren ugeet oder fir d'ganzt Gesetz zielt, zum Beispill an de Kompetenzen oder an de Prozedure virun de Geriichter. Sinn do aner Geriichter zoustänneg wéi d'Mietgeriicht?

Am Artikel 3, Paragraph 2 steet e ganz flotte Saz, dee fänkt un: «À défaut d'accord entre parties, le capital investi est celui engagé…», an da gëtt de Capital investi definéiert.

Wann ech dat esou liesen, da verstinn ech dat esou: Wann ech elo Vermieter sinn, da schreiwen ech e Projet vun engem Contrat de bail an ech schreiwen do dran, datt de Capital investi beim Immeubel, beim Terrain a gegebenefalls bei de Miwwelen deen an deen ass. An da soen ech dem Locataire: Elo ënnerschreifs de dat, soss gëss de net Mieter bei mir.

(Interruption)

Ech liesen den Text, wéi en hei steet. Also deen Ablack, wou de Mieter dat ënnerschreift, gëtt e jo säin Accord fir de Capital investi, an da kënne mer dee ganze Rescht - all déi Artikelen an all dat anert vu Mietkommissioun a Geriicht - vergiessen.

Doriwwer eraus, wann een haut och nach déi Dispositioune kuckt iwwert de Capital investi, Immeubel, Terrain, Miwwel, do gëtt et Experten, déi genannt ginn; et si Berechnungen, déi genannt ginn. Wann ee scho wëllt op dee Wee do goen, dann hätt een einfach solle soen, datt een déi Montanten, déi ee bei der Steiererklärung ofgëtt an déi vun der Steieradministratioun ugeholl si ginn, akzeptéiert. Dann huet wéinstens ee se akzeptéiert, da si se kloer an dann hätt een eng Basis gehat.

Da gesäit een och am Paragraph 4, datt, wann dat elo net am Mietvertrag steet, wéi ech elo gesot hunn, a wann d'Parteie sech net eens sinn iwwert de Capital investi, da kann «la partie la plus diligente » en Expert nennen. Partie la plus diligente, dat wäert da meeschtens de Mieter sinn, deen dann en Expert kann nennen.

De Propriétaire wäert deen Ablack mat Sécherheet deen Expert contestéieren an de Rapport contestéieren, esou datt ech et richteg fonnt hätt, wann den Expert duerch e Geriicht genannt gi wier, kontradiktoresch, an deen Ablack hätt d'Expertise net méi kënne contestéiert ginn, well da wier se kontradiktoresch gewiescht. Dat heiten ass einfach just nëmmen, fir datt de Mieter eng Ausgab mécht, vun där hie guer näischt huet.

Dann Artikel 5, Garantie locative: Firwat ass net virgesinn, datt dës Garantie misst Zënse bréngen?

Da gesäit een, datt an deem aneren Artikel iwwert d'Chargen d'Méiglechkeet vun engem Forfait festgeluecht gëtt fir d'Chargen, an dat steet awer a Kontradiktioun mam Paragraph 3 vum selwechten Artikel, dee seet, datt de Locataire nëmmen däerf déi effektiv Fraisen a Rechnunge gedroe kréien.

Dann den Artikel 6, do geet et ëm de Logement avec confort moderne non standard. De Logement avec confort moderne non standard, dat heescht dat, wat ee fréier Luxuswunnenge genannt huet. Hei seet de President vum Tribunal an de Parquet général: «La notion de 'confort moderne non-standard' retenue par le texte de l'avant-projet est vague et risquera de faire l'objet de fréquents débats devant les instances judiciaires.» Et geet Rieds vun Insécurité juridique an, datt et onméiglech ass, fir ze kontrolléieren, wat dat dann ass, deen Ablack, wou een de Bail ënnerschreift.

Wann een nun de Gesetzesprojet selwer liest, deen d'Regierung déposéiert huet an der originaler Verfassung, da gesäit een dräi Säite Kommentären, fir ze versichen, krampfhaft ze versichen, ze explizéieren, wéi dat dann elo soll ausgeluecht ginn. Dat, wat awer schéngt de Fall ze sinn, dat ass, datt de Seuil un 1.836 Euro pro Mount de Seuil soll sinn, vun deem un ee kënnt vun enger Luxuswunneng schwätzen. Dat betrëfft dann no deenen Donnéeën, déi de Statec huet, ongeféier 4% vun de Loyeren.

Mä et ass ganz liicht, fir déi gesetzlech Bestëmmungen do ze ëmgoen. Anstatt 1.836 Euro braucht Dir just nach an de Mietvertrag 1.837 Euro ze schreiwen a scho sidd Dir in bonus, dann ass alles gelaf.

Dat ass dat, wat net nëmmen ech soen; dat soen och d'Geriichter! Et ass also ganz kloer, datt hei Dispositiounen am Gesetz stinn, vun deenen ech d'Impressioun hunn, datt se net iwwerluecht sinn, datt se net prezis sinn.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce soen och mat Recht, et wier besser gewiescht, et hätt een e Metercarréspräis festgeluecht, well dat dote, wéi et hei ass, wäert zu Geriichtsprozedure féieren à tout moment.

Da gesäit een nach eng etlech aner Problemer - ech muss e bëssen ofkierzen, well meng Zäit leeft of -; dat ass zum Beispill de Paragraph 12 (3), vun deem ech scho geschwat hunn, wou steet, datt de Mietkënnegungsbréif elo dee ganze Paragraph muss mat beinhalten.

Dat ass total nei. Dat ass e ganz rigorose Formalismus, an ech mengen d'Regierung wier ganz gutt beroden, wa se queesch duerch d'Land eng Informatiounscampagne géing lancéieren, fir ze versichen, iergendwéi dat Gesetz hei kënnen ze explizéieren.

Dann nach den Artikel 9 (3), do soen d'Geriichter an notamment de Friddensriichter, deen notamment en charge ass vum Bail à loyer, deen Artikel wier verfassungswiddreg, well do enger Commission des loyers juristesch Pouvoiren zougestane ginn, déi enger Décision juridique vun engem Tribunal gläichkommen.

Or, den Artikel 84 vun eiser Verfassung seet: «Les contestations qui ont pour objet des droits civils sont exclusivement du ressort des tribunaux.» An den Artikel 86 alinéa 2 vun der Verfassung seet: «Il ne peut être créé de commissions ni de tribunaux extraordinaires, sous quelque dénomination que ce soit.»

Wann also elo schonn d'Geriichter op esou Problematiken opmierksam maachen, da kënnt Dir lech denken, datt den éischten Affekot, deen dat dote virbréngt, héchstwahrscheinlech déi Fro do wäert opwerfen, an da sëtze mer nees erëm do, fir ze kucken, ob dat Ganzt iwwerhaapt dann nach Kapp a Fouss huet.

Den Artikel 16 ass en Artikel, deen iwwert den Déguerpissement schwätzt. Dat heescht, iwwert déi Leit, déi veruerteelt ginn, aus hirem Haus erauszegoen, an iwwert de Sursis. Do soe sämtlech Geriichter - an ech erlabe mir do mech hinnen unzeschléissen -: Hei muss een Affekot sinn an e puer Joer Erfahrung hunn, fir deen Text do kënnen auszedäitschen a fir et ronn ze kréien.

De Rapporteur huet versicht a sech och ganz vill Méi ginn, fir dat doten ze explizéieren. Mä et ass net sécher, datt dat déi richteg Explikatioun ass! Do kënnen nach aner Interpretatioune kommen.

Da werfen d'Geriichter och d'Fro vum Artikel 27 (1) op iwwert déi verfassungsrechtlech Fro, iwwert d'Eegentumsrecht, wat hei soll violéiert ginn, well de Gemengerot kann zwar e PAG arrêtéieren, mä wou steet, wou ass d'Méiglechkeet, datt de Schäfferot elo däerf soen, wien a wat däerf wou gebaut ginn a wou d'Autorisatioune solle sinn?

A wann e Recours kënnt, viru wat fir e Geriicht kënnt dat; Bail à loyer oder administrativ Geriichter?

Da gëtt gesot, et däerfen Données nominatives iwwert d'Loyere kommen. Do stellt sech d'Fro, datt een natierlech muss e Règlement communal hunn an eng Banque de données muss autoriséiert kréien.

Da wëll ech nach kuerz e puer Wuert an der reschtlecher Zäit soe vun der Commission des loyers. Déi bestoend Kommissioune gi ganz seele saiséiert. An deem exzellente Buch vum Här François Biltgen iwwert dat ablécklecht Mietgesetz konnt hie keen eenzegt Uerteel ufëieren, wou iergendwéi iwwert déi Mietkommissiounen eppes geschwat ginn ass. An dat zënter 1955! Et ass e Raritéitswäert, datt iwwerhaapt een dohinner geet, well et total onnëtz ass.

M. le Président.- Här Henckes,...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Par conter kascht et vill Suen...

M. le Président.- Är Zäit ass eriwwer.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- An ech hoffen, datt d'LSAP sech gutt iwwerleet, wat se hei mécht, well hei komme vill Käschten op d'Gemengen zou.

Dat gesot, Här President, wëll ech nach eng Kéier soen, datt mer als ADR net wëllen eng Kaz am Sak stëmmen an duerfir stëmme mer géint dat Gesetz.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet d'Wuert no lech. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President, dem Här Rapporteur wëll ech och Merci soe fir säi wéi ëmmer explizitte Rapport, deem ech inhaltlech awer net kann zoustëmmen, well dëse Rapport soll e Gesetz presentéieren, wat d'Regierung op Drock vun enger Lobby hei onbedéngt wëll duerchbréngen.

Mer haten hei zwou Zorte Riedner, déi eng méi sozial orientéiert, déi sech dann hei hu missen dréinen a kéieren, fir Ursaachen ze fannen, fir dat Gesetz awer kënnen ze stëmmen oder sech ze enthalen.

An dann hate mer där anerer, déi einfach der Meenung waren, dass een dat ganzt Gesetz an och dat Gesetz vu virdru misst an de Pabeierkuerf geheien an de Maart alles reguléiere loossen.

Eminent Ekonomisten hu festgestallt, datt e Land, an deem méi wéi en Drëttel Akommes muss ausgi ginn, fir Loyeren ze bezuelen, e krankt Land ass. Wann ech déi Konklusiounen op Lëtzebuerg iwwerdroen, da leie mer schonn an der Agonie.

An dat Gesetz, wat haut hei soll gestëmmt ginn, ass dann awer den definitive Coup de grâce. Et soll och erëm e Gesetz hei gestëmmt ginn, zu deem schonn erëm eng Motioun virläit, déi beweist, datt et e schlecht an e fault Gesetz ass, well déi Motioun dann d'Regierung opfuerdert déi Mëssstänn, déi dann hei mat deem Gesetz gestëmmt ginn, awer esou schnell wéi méiglech erëm aus der Welt ze schafen.

An dat ass scho fir d'drëtt, datt ech hei esou eng Gesetzgebung matmaachen. Sou eppes ass eenzeg op der ganzer Welt an ech fannen einfach déi Virgoensweis e Skandal.

(Interruption)

Wann, wann, wann een déi...

Also, Här Fayot, ech géif mengen, ech kennen d'Welt vläicht e bësse besser wéi Dir...

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech si vläicht méi no drun; ech si vläicht méi no bei der Praxis a kennen eng aner Welt wéi Dir.

Ech wëll soen, esou eng Motioun wéi déi hei, déi hätt misse virgeluecht ginn, ier dat hei Gesetz iwwerhaapt diskutéiert ginn ass, an déi Dispositiounen, déi hei an där Motioun verlaangt ginn, déi hätte missen erfëllt ginn, ier een iwwer eng Reform vun dësem Gesetz geschwat hätt. Dann hätt ee kënne mat esou enger Motioun d'accord sinn!

Mä engem esou eng Motioun virzeleeën, nodeem esou e Gesetz gestëmmt ass, fannen ech einfach lächerlech, besonnesch well et e Gesetz ass, wat op eng ganz bestëmmte Lobby, ganz kloer op eng ganz bestëmmte Lobby zougeschnidden ass.

Et ass e Gesetz, wat de Wee opmécht, fir datt mat wéineg Investissementer aus ale Barake kann e Maximum u Loyer kasséiert ginn. Et ass e Gesetz, wat de Wäert vun den Haiser revaloriséiert an domadder d'Loyeren deementspriechend an d'Luucht dreift an aus ville Bruchbude Luxuswunnenge mécht. Et ass e Gesetz, dat bis elo illegal akasséiert Loyere legaliséiert an och nach eng Plus-value dorop erméiglecht. An do ass einfach déi Fro, déi hei scho gestallt ginn ass: Zielt dëst Gesetz, gëtt dat Gesetz applizéiert op déi aktuell Loyeren, jo oder neen? Dat ass eng wichteg Fro.

Op jidde Fall hätt missen hei an deem Gesetz kloer definéiert ginn, dass, wann eng Plus-value duerch de Wäert vun den Haiser soll kommen, déi misst nëmme kënnen ugewannt ginn op déi legal geschëllte Loyeren an net op déi effektiv elo bezuelten illegal Loyeren. Dat hätt op jidde Fall hei missen

drastoen, well et gëtt hei praktesch kee Loyer, deen de legale Bestëmmungen hei am Land entsprécht. Dat ass de Problem, an d'Ursaach dofir ass, dass all Mënsch, dee säi Recht akloe wëllt, fäert, dass en op d'Strooss gesat gëtt. Dat ass d'Praxis.

An et ass e Gesetz, opgrond vun deem de Marché de Wäert vum Loyer nach méi wäert dominéieren. Et ass e Gesetz, wat erméigleche wäert, dass déi gesetzlech Uewergrenzen net wäerte respektéiert ginn, ebe well déi Leit, déi a Wunnengsnout sinn, keng aner Wiel hunn, wéi déi gefrote Loyeren ze bezuelen, well se kenger Surenchère kënne standhalen.

Et ass e Gesetz och, dat erméiglecht d'Loyeren all zwee Joer unzepassen, anstatt bis elo all dräi Joer. D'Indexupassung awer gëtt no hanne verréckelt bis zum Geetnetméi. D'Loyere kënnen awer onageschränkt mat dësem Gesetz nach éischter der Deierecht ugepasst ginn.

Et ass also e Gesetz, wat dem Propriétaire et erméiglecht, bis zum drëtte Familljegrad „pour besoin personnel" eng Mise à pied ze maachen. Et ass e Gesetz, wat et erméiglecht, Famillje méi einfach op d'Strooss ze setzen, wann d'Propriétairë wëllen de Wunnraum och nach professionell notzen, wat dat och ëmmer an der Praxis heesche wëllt, a wou d'Gemengen och nach solle verflicht ginn, de Propriétairen obligatoresch - steet an dësem Gesetz - eng Autorisatioun ze ginn, fir Wunnraum a professionellen Notzraum kënnen ze transforméieren. D'Gemenge mussen also eng Autorisatioun dofir ginn.

Et ass e Gesetz, wat de Sursis virum Eraussetzen esou gutt wéi ofschaaft, mam Argument, dass déi Leit, déi sollen erausgesat ginn, de mauvaise foi wieren. Et ass also e Gesetz, dat, fir eng onseriéis Minoritéit an de Grëff ze kréien, flächendeckend bombardéiert an domadder all Locataire als onseriö marginaliséiert.

Et ass e Gesetz, wat dozou bäidroe wäert, dass mer ëmmer méi Leit kréien, déi keng Wunneng méi hunn an op der Strooss sëtzen. Et ass awer e Gesetz, wat keng sozial Offiederung huet, awer déi sozial Problemer einfach op d'Gemengen ofwälzt, an et ass e Gesetz, opgrond vun deem d'Gemengen an nächster Zukunft mussen nach méi sozial Wunnenge schafen, an et ass e Gesetz, duerch dat d'Gemengen an Zukunft och nach méi Infrastrukture wäerte misse schafe fir Sans-abriën. An dat obwuel d'Gemengen elo scho keng finanziell Moyene méi hunn, fir déi aktuell Wunnengsnout kënnen ze bewältegen.

An et ass och souguer e Gesetz, wat ee kënnt als verfassungswiddreg erklären, well et extrajudiciairë Gremien Entscheedungsgewalt gëtt, déi se iwwerhaapt net zegutt hunn.

Här President, et ass e schlecht Gesetz, wat och nach Angscht schiert. Angscht bei de Locatairen, déi elo musse fäerten, all Moment kënnen erausgesat ze ginn, an och net méi de Courage wäerten hunn, op hir Rechter ze pochen. Et ass e Gesetz, wat doduerch d'Liewensqualitéit vu ville Locatairë wäert précariséieren, an et ass e Gesetz, wat onseriéise Propriétairen a Promoteuren d'Diere fir abusiv Manipulatioune komplett opmécht. Bref, et ass e Gesetz, wat Der besser an enger Pabeiersammlung fir op de Recycling gehäit hätt, anstatt et hei an der Chamber ze deponéieren.

(Interruption)

Dat, wat haut mat dësem Gesetz verbrach gëtt, passt awer genau an de Schema vun der Austeritéitspolitik, déi dës Regierung agelaut huet. Nodeem deene Famillje mat klengem Akommes d'Plus-valuen op de Familljenzoulagen duerch d'Manipulatioun vum Index geklaut gi sinn, gëtt ville vun hinnen och elo nach den Daach iwwert dem Kapp ewechgeholl. Famillje mat Kanner, déi op Loyer wunnen, hu bis elo all Frang gebraucht fir ze iwwerliewen. Elo keng Upassung un d'Deierecht méi an dann do derbäi och nach zousätzlech Belaaschtung duerch déi Erhéijung vun de Loyeren, déi mat dësem Gesetz kënnt, dat ass einfach skandaléis!

Et ass awer kee Gesetz, wat dozou bäidréit, d'Wunnengsnout hei am Land ze verklengeren, an ech mengen - dat ass schonn hei gesot ginn -, dass do nach aner Mesurë musse getraff ginn, ënner anerem déi, déi an der Motioun stinn. Mä dat hätt laang awer virun dësem Gesetz misse geschéien.

Mä et ass och e Gesetz, mat deem mer eis Bierger, a besonnesch Familljе mat Kanner, an d'Ausland dreiwen an aus hinne Grenzgänger maachen, well se am noen Ausland sech d'Loyeren nach kënne leeschten an an dësem Land net méi. An och déi demographesch Situatioun wäert sech dowéinst nach méi degradéieren.

D'Gemenge kréien opgrond vun dësem Gesetz zwar d'Recht, fir de Locatairë Renseignementer iwwer hir Loyeren ze froen, fir e sou genannte Loyerskadaster opzestellen. Ech froe mech: Gëtt dat net scho bei der Volkszielung all Joer gemaach? Déi Donnéeë missten also virleien. Wat hëlleft dat dann, wann d'Gemenge wëssen, wat fir eng Wunnengen eidelstinn, meeschtens aus Spekulatiounszwecker? Wat kann eng Gemeng da maachen? Guer näischt, well selbstverständlech nach jiddferee mat senger Wunneng ka maachen, wat e wëllt.

Här President, wann ech gesot hunn, et wier e schlecht Gesetz, dann hunn ech nach ënnerdriwwen. Et ass en asoziaalt Gesetz, wat alt erëm eng Kéier de Beweis erbréngt, wéi wéineg déi mannerbemëttelt Leit hei am Land wäert sinn. A vill vun hinnen, déi bis elo vläicht scho jorelaang a baufälligen a rëffege Mietwunnengen hu misse wunnen, well se sech keng aner konnte leeschten, riskéieren elo och nach dat ze verléieren.

Dëst Gesetz ass en Aarmutszeugnis fir eng Regierung, där hir Parteie sech virun de Wahlen ëmmer am soziale Mäntelche gewisen hunn. Elo hänkt de soziale Mäntelchen déif hannen am Schaf, de Wollef huet säi Schofspelz ofgeluecht a wéi an der Natur bäisst e fir d'eischt déi Schwaach. Dat ass d'Bild vun dëser Regierung a vu villen, déi dëst asoziaalt a mënschenonwierdegt Gesetz wäerte stëmmen.

Ech passen net an dat Bild, an dofir wäert ech dëst Gesetz och net stëmmen. Ech soen Iech Merci.

Dann nach zur Motioun. Ech hu jo virdru scho gesot, ech wäert déi Motioun net stëmmen, well se hätt misse virun dësem Gesetz kommen, a well et och hei erëm eng Kéier eng Motioun ass, déi d'Regierung zu eppes opfuerdert, wat normalerweis schonn hätt missen an dësem Gesetz an an anere Gesetzer am Virfeld realiséiert ginn.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Elo huet dann d'Regierung d'Wuert. Den Här Wunnengsbauminister Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguer, datt d'Mietgesetzgebung eng ganz sensibel Matière ass. D'Interesselag ass jo ganz verschiddenaarteg, an d'Meenungen, déi gi ganz oft wäit ausenaner, jee no der Sensibilitéit vun den Auteuren. Dat hu mer zum Beispill an deene villen Avisë gesinn, déi mer kritt hunn, och an Diskussiounen, déi haut de Moien hei op der Chamberstribün gefouert gi sinn.

An ech soen, datt d'Regierung versicht huet an dësem Projet e beschtméiglechen Équiliber hierzestellen, wat déi berechtegt Uleies souwuel vun de Locatairë wéi och vun de Propriétairen ubelaangt. Den Haaptobjektiv vum Gesetz wëll ech och nach eng Kéier hei ernimmen, dat ass d'Investissementer an de Mietwunnengsbau méi attraktiv ze maachen, fir d'Offer vu Mietwunnengen ze vergréisseren an d'Modernisatioun an d'Sanéierung vun de Wunnengen unzeregen, ouni awer den néidege Mieterschutz an eng gewësse Begrenzung vun de Mietspräisser aus den Aen ze verléieren. An ech mengen, datt mer dësen Équiliber an dësem Gesetzesprojet erreecht hätten.

Dëst Gesetz applizéiert sech am Prinzip net op de subventionéierte Mietwunnengsbau vun öffentleche Promoteuren, wou aner Kritäre fir d'Festleeung vun de Mietspräisser ugewannt ginn. Ech erënneren drun, datt mer versicht hunn, och dësen Typ vu Mietwunnengen, dee jo fir Leit mat ganz klengem Akommes reservéiert ass - d'Sozialfäll, wéi hei gesot ginn ass -, méi interessant ze maachen duerch d'Gesetz vum 8. November 2002, an ech géif ville Leit, déi hei geschwat hunn, emol eng Kéier un d'Häerz leeën, dat Gesetz vum 8. November 2002 ze liesen. Da gesäit een, wat d'Regierung schonn alles gemaach huet fir de Wunnengsbau an de Mietwunnengsbau, dee subventionéierten, unzeregen.

Do sinn - an d'Madame Spautz, mengen ech, huet et ernimmt - zum Beispill déi staatlech Bäihëllefe fir d'Schafung vu Mietwunnenge vu 40 op 70% eropgesat ginn, fir öffentlech Promoteuren a fir d'Gemenge souguer op 75%. Dat heescht, de Stat leet 75% bäi, wann eng Gemeng eng sozial Mietwunneng mécht. An ech waarden op verschidde Gemengen, vun deenen hei Vertrieder geschwat hunn, datt se emol Projete virleeën! Mir bezuele souguer 100%, wa Studentewunnenge gemaach ginn! Mir bezuelen 100%, wann Asylantewunnenge gemaach ginn! D'Begeeschterung ass awer net ganz grouss.

Also wéi gesot, d'Madame Spautz huet drop higewisen, datt hei e Pakt muss gemaach ginn tëschent de Gemengen an dem Stad. Se mussen zesummeschaffe fir de Problem an de Grëff ze kréien. Mir versichen dat ze maachen, mä ech hätt awer gären, datt och d'Gemengen hir Responsabilitéit iwwerhuelen, déi iwwregens am Artikel 26 vun dësem Gesetz nach eng Kéier kloer duergeluecht gëtt. D'Gemengen hunn d'Aufgab, déi legal Missioun fir derfir ze suergen, datt déi Bierger, déi an hirer Gemeng wunnen, och eng dezent Wunneng fannen. Och do ass eng Obligatioun, där ee sech net entzéie kann. Also, och deen Appel géif ech gäre maachen, datt d'Gemengen och mathëllefen…

(Interruption)

…a vun deene grousse Bäihëllefen, déi mer ginn, och profitéieren.

Une voix.- Très bien.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Et ass awer ganz wichteg - ganz wichteg, soen ech -, datt mer och d'Investitiounen an de private Mietwunnengsbau encouragéieren. Am Recensement vum Statec vun 2001 gëtt gesot, datt 36.810 Ménagë géifen a Mietwunnenge wunnen. Dat ass eng Zuel, déi e bëssen anescht ass wéi déi, déi virdrun hei vun der Madame Spautz genannt ginn ass. An et kann ee rechnen, datt méi wéi 90% vun dëse 36.810 Ménagen a private Mietwunnenge wunnen. Dat heescht, och wann de Stat an d'Gemengen nach munches maachen, gëtt de Gros vun de Mietwunnengen nach ëmmer vum Privatsecteur geschafen. Duerfir ass et esou wichteg, datt mer och versichen dee private Mietwunnungsbau unzekuerbelen. An dat soll dëst Gesetz maachen.

Ech wëll och soen, en éischte Schrëtt an d'Richtung fir d'Investitiounen an d'privat Mietwunnengen ze encouragéieren ass um fiskalesche Plang gemaach gi virun dräi Joer ongeféier, doduerch datt den Taux d'amortissement accéléré fir de Mietwunnungsbau vu 4% op 6% eropgesat ginn ass. Dat heescht, während de siwen éischte Joer kann een 42% vun den Investitiounen an de private Mietwunnengsbau ofschreiwen. Och dat ass eppes, wat heiansdo net genügend gesot an ervirgestrach gëtt. Also, mir hu scho Schrëtt gemaach fir de private Mietwunnengsbau unzekuerbelen. An dës Reform vum Mietgesetz soll e weidere Schrëtt an dës Richtung sinn.

Ech sinn d'accord mat all deenen, déi soen, datt dëst Mietgesetz net all Problemer léise kann. Duerfir hu mer jo e Plan d'action «Logement» presentéiert. Och do mussen nach eng Rei Moossname kommen. An ech hoffen och, datt dann d'Chamber déi Moossnamen, déi mer hei virschloen, an d'Gemengen, deene mer e Pakt offréieren, och bereet sinn dat matzemaachen. Mä wéi gesot, dëst Mietgesetz mécht e wichtege Schrëtt an d'Richtung - menger Meenung no op jidde Fall - fir dem private Mietwunnengsbau e bësse méi Elan ze ginn an d'Leit ze encouragéiere méi staark doranner erëm ze investéieren.

Ech wëll och soen, dass dës Reform net elo kuerzfristeg gemaach ginn ass. Se ass während laange Jore virbereet ginn. Ech wëll kee laangen Historique maachen, mä ganz kuerz drop hiweisen, datt de 7. Mee 2002 - an de Statsminister ass jo oft hei zitéiert ginn - de Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun op d'Wichtegkeet vun der Reform higewisen huet, a besonnesch op d'Ofschafung vun der ënnerschiddlecher Behandlung vun de Wunnengen, déi virun 1944, an déi, déi no 1944 gebaut goufen.

Och de Rapport vun der zoustänneger Kommissioun, deen och hei ernimmt ginn ass, vum 25. Februar 2003 als Aféierung zu enger ganz interessanter Orientéierungsdebatt iwwert d'Wunnungsbaupolitik - de Rapporteur war deemools och den Norbert Haupert -, huet sech mat dëser Problematik ausenaner gesat. D'Chamber huet dunn am Kader vun där Orientéierungsdebatt eng Motioun ugeholl, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt d'Mietgesetzgebung ze reforméiere fir d'Investitiounen an de Mietwunnengsbau ze encouragéieren.

An dëser Motioun ass genee dat gefrot ginn, wat als wichtegst Neierungen an dësem Gesetzesprojet zréckbehale gëtt. De Rapporteur Norbert Haupert huet op déi eenzel Moossnamen higewisen. Ech wëll se net nach eng Kéier rappeléieren, mä ech well just soen, datt de Gesetzesprojet de 6. Oktober 2003 hei an der Chamber déposéiert gouf; also net laang no där Motioun, déi d'Chamber hei ugeholl huet. Et muss een och soen, datt do schnell an effikass geschafft ginn ass fir der Opfuerderung vun der Chamber gerecht ze ginn.

Mir hunn och ganz vill Avisë gefrot zu dësem Gesetz, well vill Leit concernéiert sinn, net nëmme bei de Beruffschamberen, mä och bei der ULC, beim Syvicol, bei der Statsanwaltschaft, bei de Friddensgeriichter. An et ass jo interessant, datt beim Zitéiere vun de Friddensgeriichter, déi ganz ënnerschiddlech Avisë ginn - dat wëll ech och soen -, datt ëmmer nëmmen dat erausgepickt gëtt, wat engem hei esou e bëssen an dat passt, wat ee gäre géif als Message ginn. Duerfir mengen ech, et soll een heiansdo och e bësse méi objektiv sinn, an da vläicht och aner Klacken trotz allem objektiverweis emol hei laude loossen.

De Statsrot, deen huet sech mat sengem Avis méi schwéier gedoen. Hien hätt jo léiwer eng Liberaliséierung - loosse mer esou soen - vun de Miete gehat, wat am Projet awer net zréckbehale ginn ass. An ech mengen, dat aus ganz gudde Grënn. De Statsrot huet den éischten Avis ginn de 25. Oktober 2005; also zwee Joer nodeem, datt de Projet déposéiert war. Säin Avis complémentaire ass vum 20. Juni 2006; also ganz rezent.

De Rapporteur Norbert Haupert huet schonn drop higewisen, datt déi zoustänneg Chamberskommissioun sech an net manner wéi zwielef Sitzunge mat dësem Projet befaasst huet. En huet déi eenzel Avisen nogekuckt an en huet sech intensiv mat der Problematik ausenaner gesat.

An ech muss soen, datt do gutt an zolidd Aarbecht geleescht ginn ass. Ech soen och all deenen, déi dorunner bedeelegt waren, e ganz häerzleche Merci derfir, virun allem awer mengem Frënd Norbert Haupert. En ass schonn hei e puermol beluewegend erwähnt ginn. Ech wëll soen, datt hien hei bal eng Medaille verdéngt hätt, an…

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- …Aarbecht geleescht, fir dëse Projet kënnen haut sproochräif der Chamber ze presentéieren.

Nun zu den Haaptpunkte vum Gesetz. Ech wëll, wéi gesot, net nach eng Kéier op alles dat agoen, wat schonn hei gesot ginn ass, mä e puer wichteg Punkten ervirsträichen an och zu e puer opgeworfene Froe Stellung bezéien.

Et besteet, mengen ech, e ganz wäit gehende Konsens iwwert d'Noutwendegkeet an d'Drénglechkeet vun enger Reform vun der Gesetzgebung. Wéi dat soll gemaach ginn, doriwwer ginn d'Meenungen natierlech ausenaner. Mä eng éischt wesentlech Neierung ass jo d'Ewechfale vun der Ënnerscheedung tëschent den Haiser vu virun 1944 an den Haiser vun no 1944, wat Festsetzung vum Loyer ubelaangt.

An ech muss soen, dës Neierung gëtt vun deenen Allermeeschte staark begréisst. Déijéineg, déi Bedenken haten, dat war jo virun allem d'sozialistesch Fraktioun an elo och e puer anerer, déi hei geschwat hunn, hu gefaart, dat géif zu enger staarker Erhéijung vun de Loyere féieren an deenen Haiser vu virun 1944, wou iwwerhaapt net dran investéiert gi wär, an do hätten d'Propriétairë jo keng Erhéijung verdéngt.

Mir hunn eng Etüd gemaach: de Fonds du Logement an de Ministère. A mir konnten noweisen, datt dat net de Fall wär. Am Géigendeel! An ech mengen, do ass villfach bewosst an onnëtzerweis Angscht gemaach ginn, elo géifen duerch dëst Gesetz alleguerten déi Loyere staark an d'Luucht goen an deenen Haiser, wou näischt investéiert gi wär. Dat ass net de Fall. Mer konnten noweisen, datt do, wou net investéiert ginn ass, d'Propriétairë méi schlecht géifen ewechkomme wéi dat bis elo de Fall war.

Duerch deen neie Modus vun der Berechnung vum Loyer ginn d'Propriétairen encouragéiert an d'Albausanéierung ze investéieren, wat ënnert der jëtzeger Gesetzgebung - an e puer Virriedner hunn dat jo och hei ënnerstrach - net de

Fall war. Am Contraire, d'Leit hate keen Intérêt drun an al Haiser ze investéieren, well sech dat net konnt op de Loyer répercutéieren.

An dat huet zu enger progressiver Degradatioun vun engem ganzen Deel vun eisem Immobiliepark gefouert. Et huet och mat sech bruecht, datt en Deel vun deenen alen Haiser net bewunnt ass an eidelsteet.

Den Här Kox huet gemengt, et misst een en Albausanéierungskonzept virleeën. Ech wëll soen, datt mer eng ganz Rei vu Saachen an déi Richtung scho gemaach hunn. Mer hunn de Carnet de l'habitat agesat. Dat heescht, do ka jiddfereen, dee Propriétaire vun engem eeleren Haus ass, dat méi wéi 15 Joer al ass, ufroe fir e Carnet ze kréien. Do kënnt en Expert mat engem ganz performante Logiciel. Dee kuckt, wou sinn d'Problemer, d'Schwieregkeeten an deem Haus an e mécht Recommandatioune wéi dat Haus soll renovéiert ginn.

Dat nennen ech e richtegt a geziilt Konzept fir Albausanéierung ze maachen, datt net de Propriétaire op d'Berode vun iergendengem ufänkt eppes ze maachen, wat sech herno als kontraproduktiv erweist. Hei gëtt eng Bestandsopnahm gemaach vum gesamten Haus mat Recommandatiounen, wat ee soll dra maachen. A mir leeë 75% vum Käschtepunkt vun deem dote Carnet de l'habitat bäi.

Dëst Gesetz reegt, wéi gesot, och d'Investitiounen an Albauten un, wat virdrun net de Fall war. Et gi ganz grosszügeg Bäihëllefen iwwert d'Gesetz vun 1979 a vum 8. November 2002 fir d'Acquisitioun an d'Renovatioun vun Haiser. Och dat soll een emol eng Kéier nokucken.

Mir hunn Energiespuerbäihëllefen. Den Ëmweltminister sëtzt dohannen. Deen huet och eng Panoplie vu Bäihëllefe virgesi fir Energiespuermoossnamen ze subventionéieren an d'Leit ze encouragéieren an déi Richtung hir al Haiser ze sanéieren.

Also, et besteet scho ganz villes op deem Plang an ech kann net akzeptéieren, wann ee mécht, wéi wann do iwwerhaapt näischt gemaach gi wär.

Ech sinn dermat d'accord, datt een do kann nach méi eng grouss Campagne maachen, mä ech mengen, do wären awer och all déi gefuerdert, déi am Bau schaffen, déi och dervu profitéieren, datt doranner investéiert gëtt. Hei misste gewësse Chamberen an aner Gremien dat an de Grapp huelen. Ech si gäre bereet, fir dat och finanziell esou wäit wéi méiglech ze ënnerstëtzen.

Zweet wichteg Neierung vum Gesetz ass deen neie Berechnungsmodus vum Loyer. Deen ass elo deen nämlechten, egal wéini d'Haus gebaut ginn ass. Ech mengen dat ass eppes wat villes vereinfacht a munches méi gerecht mécht.

De Referenzwäert fir de Loyer ass dat investéiert Kapital. Dat investéiert Kapital fir den initiale Bau, fir d'Verbesserung an d'Moderniséierungsaarbechten an och fir de Bauterrain ze finanzéieren. Dat ass am Gesetz elo festgeluecht. Do si gewësse Verbesserunge fir de Propriétaire dra par rapport zu virdrun, fir d'Investitioun, wéi gesot, an de Bau ze encouragéieren.

Dat investéiert Kapital gëtt no enger Tabell, déi am Akommessteiergesetz virgesinn ass, all zwee Joer réévaluéiert. A wann d'Haus méi wéi 15 Joer al ass, da gëtt et elo - an dat ass och nei - all zwee Joer ëm 2% décotéiert, mat Ausnahm vum Terrainspräis.

Wann also e Propriétaire an engem Haus vu méi wéi 15 Joer näischt investéiert, da gëtt dat investéiert Kapital no ënnen adaptéiert an deementspriechend och de Loyer, deen e froen däerf. De Loyer däerf - an dat ass jo eppes, wat och vill diskutéiert ginn ass - héchstens 5% vun dem investéierte Kapital bedroen. Mir mengen als Regierung, dat wär eng ugemiessen Entschiedegung fir dat investéiert Kapital.

Hei ginn d'Meenungen natierlech ausernaner. Déi eng fannen, dat wär ze vill. Anerer fannen, et géif net duergoen a mengen, dat wier kee genügenden Ureiz fir an de Mietwunnengsbau ze investéieren.

Et däerf een awer och net vergiessen, datt de Wäertzouwuess vum Haus a vum Terrain an de leschte Jorzéngten, géif ech soen, guer net négligeabel war, wat och der Rentabilitéit fir de Propriétaire zegutt kënnt.

D'Regierung ass also der Meenung, datt an der jëtzeger Situatioun dës Limite zefridde stellend ass. Et kann an däerf een net dovun ausgoen, datt d'Inflatioun an d'Zënsféiss permanent no uewe géifen adaptéiert ginn, soss musse ganz aner Saache geännert gi wéi de Berechnungsmodus vum Loyer.

Den Här Grethen huet jo gesot, hie wär éischter der Meenung, oder seng Partei wär éischter der Meenung, datt de Législateur soll manner intervenéieren an dëser Problematik. Ech mengen, dat ass keng nei Erkenntnis. Mir wëssen, datt dat éischter seng Meenung war. En huet awer och gesot, datt déi 5% haut kee Problem wären. Et kéint mol eng Kéier e Problem ginn, no ënnen an no uewen.

Dofir mengen ech ass dat och eng Pendelbewegung an dat huet sech am Laf vun der Zäit jo ëmmer ausgeglach. Bis elo waren déi 5% Rémunératioun vum investéierte Kapital akzeptabel, zefridde stellend, an ech mengen dat wier och nach mar de Fall.

Ech mengen den Här Grethen huet jo och gesot am Numm vu senger Partei, datt dëst Gesetz, wou och seng Partei un der Ausschaffung bedeelegt war, eng wesentlech Verbesserung an déi richteg Richtung wär, dont acte. En huet och ugereegt fir e Vademecum auszeschaffe fir d'Jurisprudenzen, wat den Entretien, deen de Propriétaire muss maachen, an den Entretien, deen de Locataire muss maachen, ubelaangt. Ech mengen, dat kéint een opgräifen.

Ech bedaueren, datt mer och net méi esou äifreg Affekoten hu wéi den Här Biltgen, déi déi Jurisprudenzen zesummeschreiwen an do e Vademekum draus maachen, mä vläicht fanne mer anerer, déi et maachen. Mir si gäre bereet, och dorunner matzeschaffen.

(Interruption)

Wann e Propriétaire eng Mietwunneng moderniséiert, doranner also investéiert, geet dat investéiert Kapital natierlech an d'Luucht an deementspriechend kann och de Loyer ugepasst ginn. Ech mengen dat ass jo och de Sënn vun deem Ganzen, datt een eng gerecht Rémunératioun fir dat Kapital, wat een investéiert, kritt.

Am Projet, wëll ech awer soen, ass och eng Brems virgesinn, wat d'Erhéijung vum Loyer ubelaangt. Et si jo hei Leit, déi mengen, et wär nëmmen eppes gemaach gi fir d'Propriétairen a fir déi aner erauszëeekelen. Hei ass virgesinn, och wann déi Erhéijung berechtegt war, wann déi méi wéi 10% ausmécht, da gëtt se op dräi Joer verdeelt, fir eben de Locataire virun eventuelle finanziellen Enkpäss ze schützen. De Locataire huet och d'Méiglechkeet fir de Mietvertrag aus deene Grënn dann ze kënnegen, wann de Loyer méi wéi 10% géif an d'Luucht goen. Also, mir hunn och versicht fir deen Équiliber a béid Richtungen ze steieren.

Drëtt Neierung ass déi nei Definitioun vun der Luxuswunneng. Ech mengen, jiddfereen ass dermat d'accord, datt déi al Definitioun net méi akzeptabel war, datt se huet misse geännert ginn. Mir hunn elo zwou Variante proposéiert, vun deene mer mengen, datt se den Avantage hätten, datt se eng einfach Handhabung vum Text géifen zouloossen.

Déi eng Variant fixéiert e Loyer. Wann de Loyer méi héich ass, da fält d'Wunneng ënnert d'Kategorie vun der Luxuswunneng. D'Zuele sinn hei genannt ginn. Et ass och schonn, mengen ech, gesot ginn: De Statec huet ausgerechent, datt ongeféier 4% vun de Mietwunnengen dee Plaffong do iwwerschreiden, wat also dann an d'Kategorie Luxuswunnenge géif erapassen.

Oder awer déi zweet Variant; dat ass de Capital investi par mètre carré de surface utile d'habitation. Deen ass an engem Appartement méi wéi 3.790 Euro oder an engem Eefamilljenhaus méi wéi 2.760 Euro, dat nom Bauindexstand 2005, also 613,32.

Och dat sinn am Verglach zu deem, wat haut de Käschtepunkt pro Quadratmeter ass, Präisser, déi akzeptabel sinn. Wa se déi iwwerschreiden, da kann ee scho soen, dat wär d'Kategorie vun enger Luxuswunneng.

Et sinn awer och nach Konditiounen derbäi. Et ass net einfach esou, wann de Mietpräis op eemol dee Montant do iwwerschreit, datt et da géif an eng Luxuswunneng erapassen. Et sinn zwou Konditioune kloer am Gesetz festgehalen.

Am Kontrakt muss ageschriwwe sinn, datt et sech ëm eng Luxuswunneng handelt; dat heescht, déi zwee mussen d'accord si fir ze soen, datt et sech ëm eng Luxuswunneng handelt an datt d'Artikelen 3 bis 5 vum Mietgesetz sech net applizéieren, dat heescht d'Fixatioun vum Loyer gëtt do net ugewannt. Also, och de Mieter muss d'accord sinn am Mietvertrag, datt e seet: Ech sinn dermat d'accord, datt d'Artikelen 3 bis 5 net applizéiert ginn.

Dat heescht, mir hunn och do Garde-fouen agebaut, datt net déi Saachen, déi hei sou an d'Welt gesat ginn, geschéien.

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der eng Fro vum Här Henckes?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här Minister, erlaabt mer ze soen: Déi Ausleeung, déi Dir elo gitt, gëtt contestéiert vum President vum Tribunal.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Vu wat fir engem Tribunal?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Vum President vum Tribunal d'arrondissement.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat hunn ech awer net esou gelies. Gutt, dat muss ee kucken.

Et gëtt ee Problem, deen ech net verheemleche wëll, dat ass: Et steet do, de Logement misst «d'un confort moderne non standard» sinn. Mä ech mengen, haut steet schonn dran am Gesetz, et misst e Confort moderne sinn. Do gëtt et Jurisprudenzen. Do huet jo ee Vertrieder vun engem Friddensgeriicht gesot, wat senger Meenung no dann e Confort moderne non standard wär, dat wär «tout logement disposant de trois salles de bain, comptant chacune cinq mètres carrés au moins, et d'un garage pour deux voitures de classe moyenne au moins».

Et ass proposéiert ginn, mer sollen dat an d'Gesetz schreiwen. Elo gëtt et awer ganz sécher och Wunnenge fir eng Koppel, wou zwee Leit dra wunnen, déi ganz luxuriéis sinn, déi wierklech Luxuswunnenge sinn, déi formidabel leien; ech ka mer awer net virstellen, datt déi missten dann dräi Buedzëmmer hunn, datt se missten zwou Garagë fir confortabel Autoen hunn, fir datt een dat kënnt als Luxuswunneng bezeechnen. Also ech mengen net grad, datt all déi Propositiounen, déi komm sinn, esou richteg sinn, wéi dat heiansdo esou duergestallt gëtt.

Véierte Punkt ass d'Professionalisatioun vun de Mietskommissiounen. Ech wëll och soen, mer hu versicht bei der Missioun vun de Mietskommissiounen ëmmer drop ze insistéieren, datt dat eng Vermëttlungsmissioun ass. Wat d'Décisioune vun de Mietskommissiounen ubelaangt, ass hei gesot ginn, dat wär géint d'Verfassung hätt ee geschriwwen. Och haut huelen d'Mietskommissiounen Décisiounen, da wär dat och haut scho géint d'Verfassung, do kënnt also näischt Neies derbäi.

Ech mengen, et kann een ëmmer eppes mat den Hoer erbäizéien, da muss een ebe kucken, wat d'Geriichter dorauser maachen.

Mä och haut scho sinn d'Mietskommissiounen do, fir ze vermëttelen. Hei gëtt déi Vermëttlungsmissioun ënnerstrach a verstäerkt.

Ech mengen, et ass e ganz wichtegt an en nëtzlecht Instrument, fir Konflikter bei der Festleeung vun de Loyeren a vun de Chargen am Gudden ze regelen an doduerch och d'Geriichter ze entlaaschte mat onnëtze Saachen. Ech mengen, och dat misst am Sënn si vu méi effikasse Geriichter, déi sech da kënnen op aner Saachen, déi méi wichteg sinn, konzentréieren.

Et gëtt e Minimum vu Regelen awer festgeluecht, fir d'Recht op Verdeedegung a vu kontradiktorescher Ausspro och an de Mietskommissiounen ofzesécheren. Dat war virdrun net esou de Fall.

Nei ass, datt déi zwou Parteien der Mietskommissioun och eng Arbitrage-Missioun iwwerdroe kënnen. Och dat ass wichteg. Wa Vertrauen do ass an d'Mietskommissiounen, da kënne se virdru soen: Mir akzeptéieren dat, wat Dir sot, a mir ginn net dergéint reklaméieren. Si kréien also eng Arbitrage-Missioun. Och dat kann d'Geriichtsprozeduren entlaaschten an och Affekoten entlaaschten. Et ass jo hei gemengt ginn, dat hei wär e Gesetz fir d'Affekoten a fir deenen hir Honorairen, mä et sinn och eng ganz Rei vu Moossnamen do, fir d'Geriichter ze entlaaschten an domadder och d'Affekoten an dëse Prozeduren ze entlaaschten. Gutt.

(Interruption et hilarité)

Ech mengen, alles dat do, dat verlaangt méi Kenntnisser, dat verlaangt méi Professionalismus vun de Membere vun der Kommissioun, an duerfir ass jo och virgesinn, fir do nei Weeër ze goen.

Déi kleng Gemenge ginn entlaascht. Si brauche keng eege Kommissioun méi ze nennen. Dat mussen nëmme méi Gemenge vu 6.000 Awunner a méi maachen. An ech wëll och soen, datt hei keng Diskriminatioun do ass, wéi d'Madame Spautz gemengt huet, fir déi grouss Gemengen. Éischtens emol kënne se hir Kommissioune selwer nennen an hire President bestëmmen. Dat ass bei deenen aneren net de Fall. Do ass et den Distriktskommissär. Zweetens mussen och déi kleng Gemengen d'Käschte vun der Mietskommissioun bezuelen. Do gëtt also keng Diskriminatioun gemaach. Dat war ganz urspréinglech emol eng Kéier virgesinn, mä dat ass awer ofgeännert ginn.

Also, fir Gemenge vu manner wéi 6.000 Awunner gi gemeinsam Kommissioune geschaaft. De President dovunner ass den zoustännegen Distriktskommissär. Et ass och virgesinn, datt e Règlement grand-ducal soll gemaach ginn, deen een awer, mengen ech, dezenterweis nëmme ka mat Ofsprooch vun de Gemenge maachen. Dat heescht, wien elo gemengt huet, dat Reglement hätt schonn am Virfeld missen do sinn, läit e bësse falsch.

Ech sinn d'accord domadder, datt ee kuckt, där Ureegung, déi de Statsrot gemaach huet, datt een do d'kantonal Haaptuerter als Siège hélt, Rechnung ze droen. Do kommen natierlech da Problemer. Kantonalhaaptuerter sinn der och heiansdo, déi méi wéi 6.000 Awunner hunn. Ob et dann net vläicht méi richteg ass, de Siège eng aner Gemeng ze maachen, wou déi Kommissiounen tagen, eng déi eben net eng eege Kommissioun huet, doriwwer kann een diskutéieren. Mä ech mengen, d'Optik vum Statsrot ass richteg, datt e seet, et soll een et prinzipiell do maachen, wou e kantonalen Haaptuert ass, an ech sinn och bereet, wéi an der Motioun gefrot gëtt, der Chamberskommissioun dee Projet de règlement do virzeleeën.

Déi fënneft nei Dispositioun ass d'Verlängerung vun de Mietverträg a wat den Déguerpissement, wéi gesot gëtt am Franséischen, vum Locataire ubelaangt. Ech mengen, dat ass vu verschiddene Leit hei als wichtegst Neierung dohinnergestallt ginn. De Rapporteur an anerer sinn am Detail dorobber agaangen, duerfir maachen ech dat vläicht e bësse méi a geraffter Form.

Ech wëll just virdrun nach soen, datt déi automatesch Verlängerung vum Mietvertrag weider bestoe bleift. Et gëtt just dräi Kënnegungsgrënn: Deen éischten ass de Besoin personnel, wann also de Propriétaire wëllt selwer dragoen, an dee Besoin personnel gëtt ausgedeent fir Familljemembere bis zum drëtte Grad; dat war bis elo nëmme bis zum zweete Grad. Den zweete Kënnegungsgrond ass, wann de Locataire sengen Obligatiounen net nokënnt, wann hien zum Beispill kee Loyer bezilt; an drëtt Méiglechkeet sinn aner grave a legitim Motiver, zum Beispill wann en d'Wunneng net ënnerhält oder Schued an der Wunneng mécht. Ech mengen, dat si keng nei Dispositiounen, déi waren och schonn an deem ale Gesetz.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Da wat d'obligatoresch Verloosse vun der Wunneng duerch de Locataire ubelaangt duerch e Geriichtsuerteel, ass déi grondleeënd Iddi déi hei - an ech mengen de Wirtschafts- a Sozialrot hat déi och schonn eng Kéier ugereegt: Et soll een abusiv Verlängerunge vun den Délaien duerch juristesch Schrëtt méiglechst vermeiden. Dat gëtt och eng Entlaaschtung, wéi ech schonn drop higewisen hunn, vun de Friddensgeriichter. Zweetens, et soll een e festen Délai an d'Gesetz aschreiwen, no deem e Propriétaire spéitstens de Besoin personnel erfëllen an a seng vermiete Wunneng anzéie kann. Ech mengen, déi zwee Grondprinzipië sinn och kaum a Fro gestallt ginn.

Wann een dat wëllt ëmsetzen, da gëtt et e bësse méi komplizéiert an da kann een och iwwer gewësse Moossnamen diskutéieren - dat wëll ech ganz éierlech an offe soen. Mir beschreiden hei e gewëssent Neiland, do musse sech Jurisprudenze maachen, an ech sinn och d'accord domat, datt mer Enn 2007 ee beoptragen, fir ze kucken: Wat ass dann elo geschitt op deem Plang? A wann do Ännerunge musse gemaach ginn, sinn ech deen Allerleschten, dee sech dergéint strieft, fir do Ännerungen ze maachen.

Mä ech menge schonn, datt versicht ginn ass, déi Grondphilosophie do an d'Texter ze kréien, datt also éischtens emol abusiv juristesch Schrëtt oder laang Prozedure verkierzt ginn, an zweetens, datt e festen Délai festgeluecht gëtt, no deem e Propriétaire kann de Besoin personnel och richteg applizéieren.

An ech wëll awer och Folgendes soen: Op där anerer Säit hu mer och versicht, datt déi Délaien esou

sinn, datt de Locataire awer och Zäit huet, fir sech drëm ze bekëmmeren eng nei Wunneng ze fannen. Och dat war e Souci, deem mer versicht hunn, gerecht ze ginn. A fir och do e Beispill ze ginn: Beim Besoin personnel zum Beispill war d'Kënnegungsfrist bis elo dräi Méint. Déi ass vun dräi Méint op sechs Méint eropgesat, also verduebelt ginn. Dat heescht, do huet ee schonn op d'mannst sechs Méint Zäit, fir sech ëm eng aner Wunneng ze bekëmmeren. An da kann de Locataire jo och nach eng Verlängerung ufroen.

An déi Verlängerung, déi ass an zwee gedeelt ginn: Wann de Propriétaire vun der Mietwunneng selwer wëllt dragoen, oder ee vu senger Famill, da kann deen Délai vu sechs Méint ëm zwielef Méint verlängert ginn. Dat heescht, no 18 Méint ass hien awer sécher, datt hie kann dragoen. Wann elo een en Haus keeft, fir selwer dra wunnen ze goen, oder fir datt seng Kanner kënnen dra wunne goen, da menge mer, well do normalerweis dann nach Transformatiounen ufalen, datt een do den Délai e bësse méi kuerz maache soll. Do kann d'Verlängerung nëmme sechs Méint sinn.

Also am éischte Fall ass de maximalen Délai - sechs plus zwielef - 18 Méint; am zweete Fall sinn et sechs Méint plus eng Verlängerung vu sechs Méint, dat sinn zwielef Méint. Do weess een also, dass et sech esou verhält: Ech ginn en Haus kafen oder ech steeën en Haus, do ass e Mieter dran. No zwielef Méint, da kann ech iwwert dat Haus verfügen, Transformatioune maachen an dann dra wunne goen.

An ech mengen, dat wären Délaien, déi béide Säite kënnte gerecht ginn. Deem enge schénge se wahrscheinlech ze laang, deem aneren ze kuerz, mä dat ass, wéi gesot, eng Problematik, an där een net jiddferengem kann honnert Prozent gerecht ginn.

Dann hu mer am allgemenge Regime och nach eppes festgehalen, dat ass: Et gëtt en Délai festgeluecht, no deem keng Demande vu Sursis méi recevabel ass. An zwar sinn dat zwielef Méint, nodeem d'juristesch Prozedur fir den Déguerpissement vum Locataire ugelaf ass. An ech wëll soen, datt do net all Friddensgeriichter dergéint waren. Ech kann Iech och den Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg zitéieren, deen dës Moossnam approuvéiert huet. Also och do mengen ech, datt et net onräsonnabel ass, datt een zwielef Méint, nodeem déi juristesch Prozedur ugelaf ass, muss erausgoen an datt een dann net nach ka weider Sursisë froen. Dat schéngt mer och e räsonnabelen Délai ze sinn.

Une voix.- Très bien.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech wëll nach eng Kéier soen: Ech si gäre bereet dat, wat an der Motioun steet, ze akzeptéieren, an zwar datt ee kuckt, wéi dat sech an der Praxis auswierkt, an dann eventuell kuckt, ob mer dat eent oder dat anert vläicht musse revidéieren. Domadder hunn ech guer kee Problem. Mä ech menge schonn, datt ville Bedenken am Text Rechnung gedroe ginn ass. En ass jo och amendéiert ginn, méi kloer gemaach ginn, och an der Aarbecht vun der Kommissioun zesumme mat der Regierung.

Da vläicht nach kuerz op…

(Interruptions)

M. le Président.- Jo, Här Minister.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech huelen d'Motioune mat. Ech hunn nach fënnef Minutten.

Une voix.- Papperlapapp!

M. le Président.- Et ass gutt, Här Minister, jo.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Och gëtt d'Garantie locative ausgedehnt op all Créance. Dat heescht, och wann een de Loyer net bezilt, kann dat vun der Garantie locative mat couvréiert ginn.

Mä ech wëll och eng Kéier soen, datt mer och enger Suerg vu ville Leit Rechnung gedroen hunn: De Finanzement vun der Garantie locative, deen assuréiere mer iwwer eng Kautioun, eng Garantie vum Stat. A vill Leit, déi net konnten déi fënnef Méint Loyer beieneen op den Dësch leeën, fir kënnen an eng Mietwunneng ze goen, déi kréie vum Stat eng Garantie ënner gewësse Kritären. Och dat ass eppes, wat ville Leit et erlaabt an erliichtert, fir an eng nei Mietwunneng ze goen. An eng Garantie bancaire muss och an Zukunft vum Propriétaire akzeptéiert ginn, wat virdrun net esou de Fall war.

Wat d'Charge-locativen ubelaangt, mengen ech, hu mer eng Vereinfachung gemaach, fir och de Jurisprudenze Rechnung ze droen a vill Sträitfäll aus der Welt ze schafen.

Wat de Maintien du bail ubelaangt, hu mer och de Leit hire Bedenke Rechnung gedroen, sou datt, wann de Locataire stierft oder wann hien erauszitt, d'Famill, mat där hien dragelieft huet, awer kann och weider vun deem Bail profitéieren. A mir hunn dat och ausgedehnt op de Partenaire. Dat heescht, een, deen e Partenariatsvertrag gemaach huet, gëtt gläich behandelt wéi de Conjoint.

(Interruptions)

Une voix.- Dat ass net einfach.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Wa Partner an enger Wunneng liewen, déi kee Partnerschaftsvertrag gemaach hunn, da musse se natierlech noweisen, datt se sechs Méint do gewunnt hunn an och do ugemellt waren. Also, mir droe schonn deene Bedenke Rechnung an och deene Rigueure Rechnung, sou datt et elo net méi méiglech ass, dass duerch e Stierffall vun engem Locataire op eemol d'ganz Famill erausgesat gëtt.

Da gi mer de Gemengen och nei Méiglechkeeten. Dat ass jo och hei vun der Chamber oft gefrot ginn, besonnesch och vun der Stad Lëtzebuerg, wou vill Wunnengen a Bürosraim ëmtransforméiert ginn. De Schäfferot muss gefrot ginn a wann e säin Accord net gëtt, ginn och Sanctioune virgesinn, déi zimlech einschneidend sinn, dat wëll ech och soen.

Zweetens kréien d'Gemengen...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Kommt, loosst elo den Här Minister schwätzen, hien huet net méi vill Zäit.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Zweetens kréien d'Gemengen d'Méiglechkeet, fir ze froen, iwwer Formulären, wat fir eng Immeublen eidelstinn. Doduerch kann een also och eng besser Iwwersiicht kréien, an et ass jo och virgesinn an deem Pacte «Logement», datt d'Gemengen d'Méiglechkeet solle kréien, fir eng Tax opzehiewen op Wunnengen, déi laang eidelstinn.

Drëttens, d'Gemenge kënnen och froe bei de Bierger am Kader vun der Volkszählung, wat de Loyer ass, wéi vill Piècen datt verlount sinn, fir e Mietspigel ze kréien, fir datt mer e besseren Iwwerbléck kréien insgesamt am Land, wat d'Loyeren, déi effektiv Loyere sinn, déi an den Haiser dorëmmer gefrot ginn.

An Dir gesitt, datt dëst Gesetz eng ganz Rei vu Verbesserunge bréngt souwuel fir de Propriétaire, mä och muncher fir de Locataire.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt mir drëm bestrieft waren, fir ee méiglechst gerechten, dee beschtméiglechen Équiliber ze fannen tëschent deene verschidde gelagerten Uleies an Interessen, an ech géif mengen, datt mer dat esou gutt wéi méiglech realiséiert hunn.

Ech soen all deene Merci, déi bereet sinn, dëse Projet de loi ze ënnerstëtzen, an deenen aneren och fir hire Bäitrag.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, ech hat eng Fro gestallt, wat d'Entrée en vigueur vun dësem Gesetz ugeet, dat heescht, ob déi Dispositioune vum Gesetz sech elo schonn op déi nächst an op déi bestoend Bailën applizéieren an op déi bestoend Prozeduren. Beim 31 an 32 vum Gesetz steet et kloer fest; bei deenen aneren Artikele steet näischt dran.

Ech wier frou, wann Dir mer do kéint soen, wéi Dir et gesitt. Esou wéi ech et elo gesinn, wäert et sech net op déi bestoend Bailën applizéieren.

M. le Président.- Här Minister.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, den Här Henckes soll déi Artikelen 33, 34 a 35 kucken, do kritt hien Äntwerten op seng meeschte Froen.

M. le Président.- Voilà. Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

Vote

De Projet de loi ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmme bei fënnef Nee-Stëmmen a siwen Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi vun der honorabeler Madame Spautz déposéiert ginn ass. Kënne mer doriwwer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Gutt, de Vote électronique ass gefrot. Fir d'éischt hunn awer zwee Riedner d'Wuert gefrot. Fir d'éischt den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, wann ech den éischten Dispositiv vun där Motioun hei gesinn, da gëtt do gefrot, fir d'Demandes en logements sociaux auprès des communes ze analyséieren.

Or, ech weess net, ob d'Leit, déi wëlle kafen, ob dat elo wierklech hei d'Problematik ass. Ech hat éischter geduecht, fir d'Logements à loyer oder à loyer modéré, also d'Sozialmietwunnengen, ze ënnersichen. Dat war just nëmmen eng Erklärung.

Dat Zweet ass, ech mengen, datt mer hei d'Regierung opfuerderen e Règlement grand-ducal ze huelen, dee se souwisou muss huelen; a mir fuerdere se op, - d'Regierung -, datt se hire Programm vum 15. Mee 2006 soll exekutéieren.

Ech gesinn net den Intérêt vun esou enger Motioun an. Et sief, datt et kënnt eng Méfiance géint d'Regierung sinn. Mir wäerten ons also fir den Ablack bei dëser Motioun enthalen.

M. le Président.- Den Här Kox huet d'Wuert.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Bon, mir wäerten eis bei där Motioun hei enthalen. Insbesondere bei deene puer Invitéën, déi do stinn, insbesondere bei deem, wat dann elo effektiv soll presentéiert gi vum Minister, wëssen mir nach net, wat do ganz genau sollt derhannert stoen.

Mer fannen et och erëm eegenaarteg, dass mer e Gesetz stëmmen an nodréiglech kucke mer, ob dat Gesetz dann och elo gutt ass. Et sinn eng ganz Rei vu Froen, déi ee sech am Virfeld hätt kënnen nach stellen an och kucken ze beäntweren, fir d'Gesetz besser kënnen ze maachen.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Mir stëmmen da par vote électronique of iwwert déi Motioun hei.

Vote

D'Motioun ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmme bei enger Nee-Stëmm an 20 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Norbert Haupert), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5534 iwwert d'Chambre des Artisans. Et si bis elo ageschriwwen den Här Grethen, den Här Scheuer, den Här Kox an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Clement.

2. 5534 - Projet de loi portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant réorganisation du statut de la Chambre des Artisans

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Projet de loi 5534, dee mer haut hei diskutéieren an - ech denke schonn - och ofstëmme wäerten, huet als Objet den Arrêt grand-ducal vum 8. Oktober 1945 iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre des Artisans op verschidde Punkten ze adaptéieren an och ze moderniséieren.

Den Artikel 1 definéiert, wien als Ressortissant vun der Chamber des Métiers ze betruechten ass. En éischte Punkt besteet doranner, d'Notioun vum Ressortissant vun der Handwierkerkummer ze preziséieren, well déi aktuell Definitioun nach aus enger Zäit staamt, wou eng Société commerciale am Beräich vum Handwierk nach guer net esou Usus war. Haut ass et awer esou, datt ronn 64% vun den Entreprisen an der Chamber des Métiers ageschriwwe sinn, eng Société commerciale sinn an net méi, wéi dat fréier de Fall war, en nom personnel fonctionnéieren an dat och nach mat Tendenz steigend.

Fir de bestoenden Text an Aklang mat den heitege Gegebenheeten ze setzen, preziséiert de virleiende Gesetzestext, dass net nëmmen d'Personnes physiques Ressortissantë vun der Chamber des Métiers sinn, mä och d'Personnes morales, déi am Grand-Duché als Handwierker ugesiedelt sinn.

En zweete Punkt seet, datt all Succursalë vum Handwierk als Ressortissant vun der Chamber des Métiers unzegesi sinn. Lëtzebuerg ass wéi och a villen anere Secteuren no an no ze engem ëmmer méi attraktiven Unzéiungspunkt och fir auslännesch Betriber ginn. Och am Handwierk konnt een dës Evaluatioun iwwert déi lescht Jore feststellen. Entweder grënnen auslännesch Betriber bei eis hei am Land Succursalen oder si bidde bei eis Prestations de service aus hirem Pays d'origine un.

Esou zum Beispill kann en däitschen Usträicher, dee säi Firmesëtz net hei zu Lëtzebuerg huet an deen och keng Succursale hei zu Lëtzebuerg huet, mä deem säi Firmesëtz an Däitschland ass, all Dag iwwert d'Grenz fueren, fir seng Servicer hei am Land unzebidden.

Am Moment ass d'Situatioun esou, dass d'Handwierkerkummer all dës Betriber weder erfaasst noch representéiert. Fir deem entgéintzewierken, kritt d'Chambre des Métiers elo d'Méiglechkeet all auslännesch Betriber ze erfaassen, déi entweder ënnert dem Régime vum Droit d'établissement als Succursalen hei am Land etabléiert sinn, oder wéi scho gesot hir Servicer aus dem Ausland bei eis hei am Land ubidden. Dat heescht, all déi

auslännesch Betriber, déi ënnert de Régime vun der Libre prestation de service falen.

Ech wollt an dësem Kontext awer nach e puer Prezisioune ginn. Wat elo déi auslännesch Betriber betrëfft, ob Personnes physiques oder morales, déi sech hei am Land ënnert dem Régime vum Droit d'établissement als Succursale ugesiedelt hunn, do gëtt am Projet de loi ganz kloer festgehalen, dass si sech bei der Chamber des Métiers mussen aschreiwen an dass si sech och un déi national Gesetzgebung hale mussen.

All auslännesche Betrib, Handwierksbetrib, dee Ressortissant bei der Chamber des Métiers ass, gëtt am Géigenzuch gläichgestallt mat de Lëtzebuerger Handwierksbetriber. Si kënnen dann och vun alle Servicer a vun alle Prestatioune profitéieren, déi d'Chambre des Métiers ubitt, an hunn och selbstverständlech datselwecht aktiivt a passiivt Stëmmrecht bei de Wahle vun der Chamber des Métiers.

Wat elo déi auslännesch Betriber ugeet, déi bei eis am Land hir Servicer ubidden ouni sech awer hei etabléiert ze hunn, gëtt preziséiert, dass si net als Ressortissant vun der Chambre des Métiers considéréiert ginn. Si ginn nëmmen, wann een dat esou nennen däerf, als „inscrit", also als ageschriwwe considéréiert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mat Beitrag.

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Ouni Beitrag, Här Gibéryen.

Dës Aschreiwung bei der Chambre des Métiers erfollegt automatesch, an dat «sur communication périodique» vum Minister «ayant l'artisanat dans ses attributions». Des Weidere brëngt dëse Statut als sou genannten Ageschriwwene keng Aschreiwungs- an aner administrativ Onkäschte fir de Betrib mat sech.

Dëse Statut ass och keng Condition préalable fir dës Kategorie vun Entreprisen, fir hir Servicer hei zu Lëtzebuerg ubidden ze kënnen. Och gouf am Text penibel drop opgepasst, dass d'Regele vun der Netdiskriminatioun an der Netofschreckung respektéiert ginn, esou wéi se aus de Jurisprudenze vun der Europäescher Cour de Justice ervirginn.

De Fait, dass d'Chambre des Métiers elo d'Méiglechkeet kritt, souwuel déi auslännesch Succursalë wéi och d'Prestataires de services ze erfaassen, wäert et hir erlaben, besser d'Evolutioun an d'Konkurrenz am Beräich vum Handwierk ze erkennen. Dës Neierung wäert der Chambre des Métiers méi Méiglechkeete ginn, fir d'Evolutioun am Handwierk besser kënnen ze begleeden, besser kënnen ze analyséieren, fir och, wann dat sech als néideg erweist, besser a méi effikass kënnen ze reagéieren.

Ech wëll an dësem Kontext drun erënneren, dass de Statsrot a sengem Avis gemengt huet, dass d'Chambre des Métiers och en mesure muss gesat ginn, dass si d'Kollekt vun de verschiddenen Donnéeë ka virhuelen. Duerfir gouf am Artikel 1 en neie Paragraph 3 agefügt, an ech hunn et scho virdrun ugeschwat, e Paragraph, deen d'Modalitéite vun der Kollekt vun den Donnéeë kläert. Dat Ganzt muss iwwregens am Aklang mat der nationaler Dateschutzgesetzgebung geschéien.

Des Weidere gëtt am Artikel 1 och nach preziséiert, dass déi sou genannten „al Handwierker" op Ufro hi weiderhi kënne Ressortissant bei der Chambre des Métiers ginn oder bleiwen, ënnert der Viraussetzung, dass se hire Beruff conformément zum Droit d'établissement ausgeübt hunn. Déi al Konditioun, dass een op d'mannst huet missen néng Joer säi Beruff ausüben, fir kënne Member bei der Chambre des Métiers ze ginn, gëtt am neien Text fale gelooss.

Am Punkt 2 an am Punkt 3 geet et ëm den Droit de vote an ëm den Droit d'éligibilité. Am Gesetzestext gëtt ënner anerem preziséiert, dass all Ressortissantë vun der Handwierkerkummer, also och d'Personnes morales, d'Recht hunn, sech un de Wahlen an der Chambre des Métiers ze bedeelegen. En plus gëtt de Prinzip bäibehalen, dee seet, dass e Ressortissant, dee méi wéi ee Beruff ausübt, sech nëmmen op enger Wahllëscht an och nëmme fir ee Beruff kann androen. Hie muss dann och an där Branche wielen oder kann an där Branche gewielt ginn, wou hie sech ageschriwwen huet, egal ob hien an der Realitéit oder an der Praxis een oder méi Beruffer ausübt. D'Inscriptioun op eng Wahllëscht gëtt duerch Kritäre geregelt, déi iwwer e Règlement grand-ducal festgeschriwwe ginn.

Ausserdeem gëtt och nach beschriwwen, ënner wéi enge Konditiounen eng Personne morale wielen däerf an ënner wéi enge Konditioune se éligibel ass. Et ass jo gewosst, dass eng Personne morale u sech net ka selwer agéieren, mä duerch eng Persoun an hiren Akte muss representéiert ginn. D'Kommissioun huet hei der Propositioun vum Statsrot Rechnung gedroen, deen a sengem Avis vum 4. Juli 2006 iwwert d'Wahlrecht an den Droit d'éligibilité dës Persoun esou definéiert:

All Personne morale wéi och succursale, déi Member bei der Chambre des Métiers ass an deementspriechend och d'Wahlrecht besëtzt, gëtt duerch déi Persoun representéiert, déi Titulaire vun der Autorisation d'établissement ass. Et ass och déi Persoun, déi éligibel ass, an déi par définition dann och an d'Gremië vun der Chambre des Métiers ka gewielt ginn. Ausserdeem preziséiert de Gesetzesprojet och nach, wéi eng Personne morale oder physique ka wielen, wann den Titulaire vun der Autorisatioun net méi present am Betrib ass, oder am Fall vum Doud oder der Invaliditéit vum Titulaire de l'autorisation oder vum Handwierker selwer. Et ass an dëse Fäll déi Persoun, op déi déi provisoresch Autorisatioun, also déi provisoresch Genehmegung ausgestallt ass.

Des Weidere gëtt festgehalen, dass de Ressortissant 18 Joer accomplis muss hunn, fir kënnen ze wielen, an dass hien 21 Joer accomplis muss hunn, fir kënne gewielt ze ginn. Zu gudder Lescht limitéiert den Text dann och d'Altersgrenz mat dëse Wierder: «La fonction de membre de la Chambre des Métiers prend fin au moment où l'intéressé a atteint l'âge de 72 ans.»

D'Artikele 4 a 5 definéiere, wat fir eng Persounen exclus si vum Droit de vote an der Éligibilitéit a ginn och all Ressortissant vun der Chambre des Métiers d'Recht, bei der Regierung géint eng Wahl ze kloen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass mer dëse Projet de loi nach virun der Summerpaus zur Ofstëmmung brénge konnten, well et ass en urgent an e wichtegt Gesetz fir d'Chambre des Métiers, déi, wéi Der jo sécherlech alleguerte wësst, 2007 hir Wahlen huet, ergo och hir Organer nei besetze muss. D'Virbereedungen heizou wäerte mat Sécherheet dësen Hierscht ulafen.

Duerch dëst Gesetz kréien elo och déi auslännesch Betriber, déi a Form vun deene Succursalen hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, eng Chance fir mat hirer Stëmm op sech opmierksam ze maachen. Duerch zousätzlech Ressourcen iwwert de Wee vu Cotisatioune wäert d'Chambre des Métiers méi fit ginn a sech méi Méiglechkeete crééieren, fir zukünfteg Aufgaben ze bewältegen.

Här President, wat elo d'Aarbechten an der Kommissioun ugeet, bleift ze soen, dass mir de Projet an den Avis vun der Chambre des Métiers an enger éischter Sitzung analyséiert hunn, wou ech dann och als Rapporteur bestëmmt gouf. An enger zweeter Sitzung gouf den Avis vum Statsrot gekuckt souwéi de Rapport ugeholl.

De Statsrot huet ausser verschidden textuellen Ännerungen, deene sech d'Commission des Classes moyennes ralliéiert huet, sech mam Projet averstanen erkläert. De Statsrot huet awer och a sengem Avis dovu geschwat, dass hien zousätzlech Verständnisfroen un den Här Minister Boden geriicht huet. Am Kader vun der Äntwert vum Ministère, déi sech a Form vun engem Bréifwiessel ofgeweckelt huet, schwätzt de Statsrot dunn a sengem Avis vun engem Amendement. En Amendement, deen de Statsrot akzeptéiert, mä deen awer zu deem Zäitpunkt der Kommissioun net virlouch. Mir kruten dunn dëse Bréifwiessel tëschent dem Ministère an dem Conseil d'État nogereecht, an e gehéiert elo och als Document parlementaire zum Projet de loi. Iwwert dëse Wee, Här President, konnt dëse klenge prozeduralen Incident eliminéiert ginn.

Dat gesot, wëll ech dann och schléissen, soe selbstverständlech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen. Här Grethen!

Discussion générale

M. Henri Grethen *(DP).*- Här President, no deem méi wéi ausféierleche Rapport vum honorabelen Här Clement, deem ech fir seng Aarbecht félicitéieren däerf, wéilt ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Jo, Här President, ech schléisse mech deene schéine Wierder vu mengem Virriedner un an ech soen och dem Rapporteur villmools Merci fir säin excellente Rapport. Ech wollt dem Här Minister awer eng Fro stellen.

Wann een nokuckt, wat den Impakt vun auslännesche Firmen, vun auslänneschen Handwierkerentreprisen op d'Lëtzebuerger Ekonomie a virun allem op de ganzen Handwierkssecteur ass, da muss ee feststellen, dass ee wéineg Dokumentatioun an de Publikatioune vum Statec fënnt. Or, et ass kloer, dass mir fir d'Grenzregioun net nëmmen direkt Arbeitgeber stellen, mä och vill dozou bäidroen, dass Firmen aus der Grenzregioun hei zu Lëtzebuerg schaffe kënnen.

Ech hat viru Joren eng Kéier eng Question parlementaire gestallt, fir déi Plus-valuen, déi fir déi Entreprisen entstinn, chiffréiert ze kréien. Dat war gelongen. Vläicht kënnt Dir elo oder méi spéit eng Kéier den Impakt vun den auslänneschen Entreprisen op d'Lëtzebuerger Ekonomie, op de Lëtzebuerger Artisanat duerstellen.

Et gëtt eng interessant Donnée an de Pabeiere vum Statec, do steet dran, dass d'Penetratioun vun den auslänneschen Entreprisen am Secteur vum Bau 110% bedréit. Dat heescht, et si méi auslännesch Entreprisen, déi hei schaffen, wéi lëtzebuergesch Entreprisen. Et geet jo hei ëm wichteg wirtschaftlech Donnéeën, déi schonn interessant wären, wa mer se wéissten.

Domat iwwerbréngen ech natierlech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Den Här Kox.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG).*- Ma ech wëllt mech deene Wierder vu menge Virriedner uschléissen a soen dem Här Clement Merci fir säi schréftleche wéi mëndleche Rapport a brénge selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech maachen et och kuerz. Ech wollt awer e puer Wuert soen, fir engersäits d'Wichtegkeet vum Lëtzebuerger Handwierk ze ënnersträichen, wou mer gesinn, datt eis Betriber, déi vu Lëtzebuerger Gérantë gefouert ginn, lues a lues zréckginn, sou datt mer frou sinn, datt mer Auslänner hunn, déi do asprangen. Mir gesinn, datt d'Successioun a praktesch zwee Drëttel vun de Betriber net garantéiert ass. Dat just als generell Remarque. Duerfir gesi mir och de Sënn an de Wäert vun dësem Gesetz an.

Ech hu bei der Lecture vun deem Text allerdéngs eng gewësse Kontradiktioun fonnt, wou ech och frou wär, wann de Minister eis vläicht kënnt doriwwer Opschloss ginn. An zwar gëtt gesot: «Sont ressortissants de la Chambre des métiers: (…) d) tous les anciens artisans qui en font la demande pourvu qu'ils aient exercé leur profession dans les conditions prévues...», an esou weider. Méi wäit hanne steet dann: «La fonction de membre de la Chambre des métiers prend fin au moment où l'intéressé a atteint l'âge de 72 ans.»

Dozou kéint ee schonn emol soen, wann dat Leit sinn, déi wierklech nach am Handwierk schaffen, déi nach gutt sinn, gesinn ech de Sënn éischtens vun där Moossnam net an. Ech géif éischter gesinn, datt een dat un d'Aktivitéit telle quelle hätt solle bannen.

Da geet et weider: «Elle prend également fin au moment où le membre sur lequel repose l'autorisation ministérielle d'une entreprise quitte la gérance technique ou au moment de la dissolution ou de la faillite de l'entreprise ou de la succursale.» Mir schéngt eng Kontradiktioun doran ze bestoen, wéi gesot, datt gesot gëtt «les anciens (…) qui en font la demande», an et awer bei 72 Joer soll eriwwer sinn.

Op d'Allermannst misst een et explizéieren. An ech wëll och soen, woufir ech dee Punkt hei opgegraff hunn: Well mer och an anere Chamberen de Problem hu vun deenen, déi opgehalen hunn an eventuell d'Wahlrecht dann nach wëlle behalen.

Ech hunn elo grad gesot, ech gesinn et éischter verbonne mat der Aktivitéit, mam Intérêt, deen déi Persoun huet, egal wat fir en Alter datt se huet. Mä si huet ënner Ëmstänn keen Intérêt méi, wa se komplett mat hirer Aktivitéit opgehalen huet.

Här Minister, Dir sidd gläichzäiteg Minister vun der Agriculture. Mir hunn deeselwechte Problem an deem Secteur. En ass scho ganz al an ech wëll hei soen, datt ech selwer 1991 eng Proposition de loi erabruecht hunn, déi dora bestanen huet, fir den Ancienen eng Vertriedung an deem Gremium ze ginn, déi awer limitéiert ass.

Am Secteur vun der Landwirtschaft ass et esou, datt d'Retraitéën d'Majoritéit hu par rapport zu den Aktiven. An dat huet och iergendwou Répercussiounen am Wahlresultat, an der Representatioun vun deem Beruff. Duerfir ass et noutwendeg, datt een dat propper kläert.

Äre Projet ass am Januar 2006 hei deponéiert ginn. Haut stëmme mer d'Gesetz. Eng Proposition de loi, déi vun der Chamber ausgeet, déi schonn zënter 1991 do läit, huet bis elo nach keng Suite fonnt. An ech wollt drun erënneren, datt mer hei décidéiert hunn, datt all Gesetzesinitiativen, déi vu Volleksvertrieder kommen, solle genau esou traitéiert gi wéi d'Projete vun der Regierung. Duerfir géing ech froen, datt am Secteur agricole, wou dee Problem do wierklech besteet, déi Proposition de loi géing op de Métier geholl ginn an der zoustänneger Kommissioun, an datt och an deem Secteur dee Problem géing geléist ginn.

Hei allerdéngs, Här Minister, wär ech frou, wann Der eis eng Erklärung kéint doriwwer ginn, wéi dat dann do ze verstoen ass.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Den zoustännege Minister, den Här Fernand Boden.

(Interruption)

Här Bettel, wëllt Dir Iech nach aschreiwen?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Dat kann nach sinn.

M. le Président.- Parole après Ministre. Här Minister!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, de Wonsch ass, fir d'Äntwert kuerz ze maachen. Hei an dësem Gesetzesprojet ginn eenzel Dispositioune vum Arrêté grand-ducal modifié vum 8. Oktober 1945 geännert. Déi Ännerunge sinn ze gesinn am Virfeld vun den nächste Wahle fir d'Handwierkskummer.

De Rapporteur Lucien Clement, deem ech Merci soe fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport, ass op déi wichteg Bestëmmungen agaangen. Ech wëll dat also net nach eng Kéier widderhuelen, mä wichteg ass vläicht ervirzeträichen, datt et hei drëm geet kloerzestellen, datt och Personnes morales sech kënnen un de Wahle bedeelegen an datt se och éligibel sinn. Den Här Clement huet gesot, datt haut 64% vun den ageschriwwene Memberen eng Personne morale sinn. Déi Tendenz ass steigend. Dat heescht, datt et scho wichteg ass, déi Problematik do ze klären.

Dann huet hien och drop higewisen, datt d'Prestataires de service, déi also net hei etabléiert sinn, répertoriéiert ginn; dat awer am Aklang mat de communautären Dispositiounen. Si brauchen also net eppes ze bezuelen an däerfen och net dowéinst méi spéit ufänken hei ze schaffen, mä et geet drëm, datt d'Handwierkskummer en Iwwerbléck kritt iwwer all déi Aktivitéiten, déi am artisanale Secteur hei gemaach ginn. Duerfir ass et wichteg, datt se och matgedeelt kréien, wat fir Betriber hei Prestation de services maachen. An da ginn d'Wahlrecht an och d'Wielbarkeet preziséiert a kloergestallt, fir datt do och méi Rechtssécherheet ass.

Den Här Scheuer huet gefrot, fir Statistiken doriwwer ze kréien, wéi vill vun de Firmen aus der Grenzregioun am Artisanat hei generéiert gëtt un Investitiounen. Dat ass natierlech ganz schwéier ze soen. Ech géif zwar soen, datt an de Statistike vun der Handwierkskummer relativ vill esou Detailer sinn. Et misst een déi vläicht nokucken. Ech ka just soen, datt an eise Statistiken, esouwäit mir dat iwwerblécken, ronn 50% vun de Betriber hei Prestation de services maachen a 50% och hei etabléiert sinn. Bei deene Betriber, déi hei etabléiert sinn, sinn der eng ganz Partie aus der Groussregioun, déi am Fong hei en zweet Standbeen hunn.

Doriwwer hu mer schonn am Rapport d'activités eng Rei vun Donnéeë ginn. Mä dat wat den Här

Scheuer gefrot huet, wat se hei erwirtschaften, do misst ee vläicht d'Statistike vun der Handwierkskummer nach eng Kéier nokucken. Ech mengen, de Statec erfaasst dat och net esou ,wéi een dat am Fong gären hätt. Allgemeng wëll ech soen, datt mer frou wären, e bësse méi detailléiert Statistiken iwwert d'ganz Handwierksbranchen an deenen hir Aktivitéite vun do ze kréien.

Den Här Mehlen huet gefrot, wéi et mat deene vun 72 Joer wier. Also, ech muss soen, beim Artisanat war dat keen esou e grousse Problem, wéi et an der Agrarwelt de Fall war. An do ass et och esou akzeptéiert, datt Memberen, déi etabléiert waren, wa se nach keng 72 Joer hunn, esouguer wa se net méi aktiv sinn, kënne froen, fir Ressortissants vun der Chamber ze ginn.

(Interruption)

Also Ressortissants avec droit de vote. Gutt.

An de Problem ass, wann ee gewielt ginn ass - ech soen elo - mat 70 Joer, dann hält säi Mandat op mat 72 Joer. Dat heescht, de Mandat geet net iwwer 72 eraus. Et ass esou, wéi dat ze verstoen ass.

Da wëll ech vläicht trotz allem nach ee Wuert soen, wat d'Handwierk duerstellt. Dat si 4.000 Entreprisë mat ronn 55.000 Salariéen. Wann ech do eng schnell Divisioun maachen, da mécht dat ronn 15 Salariéë pro Betrib. Dat heescht, mir hunn hei zolidd handwierklech Betriber. An der Strukturentwécklung ass et an déi Richtung gaangen, datt mer manner Betriber hunn am Artisanat, mä méi Salariéen. Dat heescht, d'Zuel vun de Salariéen ass an d'Luucht gaangen. Et ass eng gewësse Konzentratioun an eng Vergréisserung vun de Betriber komm.

Wat d'Handwierk duerstellt, do wëll ech nëmmen zwou Zuele soen: 16% vun der Zuel vun de Betriber an 20% vun der Beschäftegtenzuel. Et ass also schonn e Secteur, deen en zolitte Peiler vun der Lëtzebuerger Ekonomie duerstellt.

D'Handwierkskummer huet eng ganz Rei vun Aufgaben. Ech wëll se elo net nach eng Kéier hei am Detail opzielen, mä ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, datt se eng gutt Aarbecht leeschten, datt se d'Vertraue vun hire Memberen hunn. Ech mengen, och déi Avisen, déi se maachen, déi Kontakter, déi se mat den Autoritéiten a mat aneren hunn, si ganz gutt. Si vertrieden d'Handwierk op eng würdeg a gutt Aart a Weis. Ech wëll hinnen, wéi gesot, dofir Merci soen.

Ech wëll och derbäi soen, datt mir d'Handwierkskummer zolidd ënnerstëtzen, well et am Prinzip hei am Land esou ass, datt mir eng Partie vu Missiounen, déi normalerweis de Stat, de Ministère géif maachen, un d'Handwierkskummer ofginn hunn. A se maachen déi zur Zefriddenheet vun eis. Mir ginn hinnen dofir ronn dräi Milliounen Euro pro Joer, déi Dir jo stëmmt, woufir ech Iech dann och Merci soen.

Dann, als lescht Remarque wëll ech just soen, datt mer amgaange sinn en drëtte Méijoresprogramm, e Plan d'action en faveur des PME, auszeschaffen. An ech denken, datt am Laf vun där nächster Sessioun mer och kënnen dee Plan d'action hei an de Chamber diskutéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt ukomm.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut de Moien. Haut de Mëtten ass déi nächst Sitzung um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.12 heures)

MERCREDI, 12 JUILLET 2006

49E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

2. 5576 - Projet de loi permettant aux Luxembourgeois nés à l'étranger de conserver la qualité de Luxembourgeois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

4. 5352 - Projet de loi

1. concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle;
2. modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et certaines autres dispositions légales;
3. modifiant la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;
4. modifiant la loi modifiée du 30 mars 1988 sur les organismes de placement collectif;
5. modifiant la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;
6. modifiant la loi du 25 juillet 1990 concernant le statut des administrateurs représentant l'État ou une personne morale de droit public dans une société anonyme;
7. modifiant la loi du 4 décembre 1992 sur les informations à publier lors de l'acquisition et de la cession d'une participation importante dans une société cotée en bourse;
8. modifiant la loi du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

5. 5435 - Projet de loi

1. complétant le statut de la société européenne (SE) pour ce qui concerne l'implication des travailleurs et
2. modifiant la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes

(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

6. 5501 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
2. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;
3. la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses mesures en faveur de l'emploi

(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix.- Neen, Här President.

M. le Président.- Mir kommen dann zum Projet de loi 5576 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, d'Madame Err, den Här Braz an den Här Henckes. Fir d'éischt huet d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

1. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ier ech mat mengem Rapport ufänken, wëll ech am Numm vun der Verfassungskommissioun den Dépôt maache vun enger Proposition de révision constitutionnelle. Mir proposéieren den Artikel 10 vun der Verfassung ofzeschafen, dee virgesäit, dass d'Naturalisatioun nëmmen duerch Gesetz kann accordéiert ginn. Ech ginn Iech dann déi Proposition de révision.

- Proposition de révision N°5595 de l'article 10 de la Constitution

Ech géif Iech bieden déi dann och op dee Wee, dee virgesinn ass, weiderzeginn, notamment un d'Regierung an un de Conseil d'État.

M. le Président.- Merci, Här Meyers.

2. 5576 - Projet de loi permettant aux Luxembourgeois nés à l'étranger de conserver la qualité de Luxembourgeois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise

Rapport de la Commission juridique

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de 17. Mee vun dësem Joer huet de Justizminister Luc Frieden hei an der Chamber e Gesetzesprojet deponéiert, dee virgesäit, datt d'Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn an eng auslännesch Nationalitéit hunn, hir Lëtzebuerger Nationalitéit net méi verléieren; datt se d'Lëtzebuerger Nationalitéit behalen, och wann déi Deklaratioun, déi am Gesetz virgesinn ass, net gemaach gëtt.

Fir dat Zil ze erreeche mussen zwee Artikele vum Gesetz vun 1968 ofgeschaf ginn, dat sinn d'Artikelen 25,8° a 46.

Wat gesinn déi zwee Artikele vir?

Den Artikel 25 zielt am Ganzen aacht verschidde Situatiounen op, bei deenen ee Lëtzebuerger seng Nationalitéit verléiere kann. De Punkt aacht, deen haut zur Diskussioun steet an ofgeschaf soll ginn, gesäit Folgendes vir: Ee Lëtzebuerger, deen am Ausland gebuer ass, deen am Ausland eng aner Nationalitéit kritt huet, verléiert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, wann hien net eng Deklaratioun mécht, déi hie ka maachen, wann hien zënter 18 Joer am Ausland wunnt a wann den Délai vun 20 Joer eriwwer ass. Déi Deklaratioun muss gemaach ginn hei zu Lëtzebuerg an déi Deklaratioun muss och all 20 Joer widderholl ginn.

Den Artikel 46 gesäit vir, dass den Délai vun deenen 20 Joer an där Deklaratioun muss gemaach ginn, dass deen uleeft op den 1. Januar 1987 a mam 1. Januar 2007 zu engem Enn kënnt. Bis dohi mussen also déi éischt Deklaratioune gemaach gi vun deene Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer goufen, déi do eng aner Nationalitéit kritt hunn an déi méi wéi 18 Joer al ware wéi dat Gesetz komm ass.

Wéi 1986 dat Gesetz gestëmmt ginn ass, war nach déi allgemeng Opfaassung, ganz sécher och hei an der Chamber, dass eng Persoun prinzipiell keng zwou Nationalitéiten hu soll. Dofir war dann och virgesinn, dass ee sech misst ausdrécklech duerch eng Deklaratioun zu der Lëtzebuerger Nationalitéit bekennen an och froen, fir déi ze behalen.

D'Meenungen hunn awer an deenen 20 Joer geännert. Engersäits stelle mer fest, dass mer ganz vill Leit hei am Land hunn, déi elo schonn eng duebel Nationalitéit hunn. D'Regierung selwer huet an hirer Regierungserklärung gesot, dass se och den Auslänner, déi op Lëtzebuerg kommen, wëllt erlaben, hir Nationalitéit ze behalen, dass se also eng duebel Nationalitéit kéinten hunn.

Am Hibléck op esou eng Ännerung wär et natierlech ontragbar, wann een de Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn, och elo nach géif déi Dispositioune vun 1986 operleeën a se forcéieren déi Deklaratioun, déi d'Gesetz virgesäit, ze maachen, a wa se déi net géife maachen, géife se hir Nationalitéit verléieren.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, souguer wann et déi Méiglechkeet vun där duebeler Nationalitéit, déi en vue ass, net géif ginn a wann déi net verwierklecht géif ginn, da kann een trotzdeem der Meenung sinn, dass déi Bestëmmunge vum Artikel 25,8° a 46 net am Sënn vun enger gudder Gesetzgebung sinn; och wann dat d'Meenung vun den Deputéierten an den 80er Jore war.

Well den Artikel 25,8°, dee mer haut ofschafen, déi Dispositioun, déi mer ofschafen, verbitt déi duebel Nationalitéit net, au contraire. Si erlaabt och de Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn an eng aner Nationalitéit hunn, Lëtzebuerger ze bleiwen, mä d'Gesetz forcéiert déi Leit eng ausféierlech Deklaratioun ze maachen an d'Gesetz forcéiert se déi Deklaratioun all 20 Joer ze maachen, fir dass se Lëtzebuerger kënne bleiwen.

Vill Persounen, déi elo an den Délai komme fir déi Deklaratioun ze maachen, maache se vläicht net. Den Exposé des motifs huet eng ganz Rei Grënn opgezielt, an ee Grond ass deen, dass vill Leit net dorun denken, well d'Bierger, och déi, déi am Ausland liewen, hu jo aner Gedanken ze féiere wéi all Dag un hir Lëtzebuerger Nationalitéit ze denken.

Et ginn och aner Grënn, notamment deen, dass ee speziell op Lëtzebuerg misst komme fir déi Deklaratioun ze maachen, well se muss gemaach beim Officier de l'État civil. A wann ee jo keng aner Residenz hei zu Lëtzebuerg huet, misst se gemaach gi beim Officier de l'état civil vun der Gemeng Lëtzebuerg. Dat kann och fir déi Leit do mat grousse Käschte verbonne sinn, jee nodeem wou se hierkommen.

Am Sënn vun enger besserer Législatioun gëtt et, ausser der duebeler Nationalitéit, och aner Grënn fir déi do Dispositiounen ofzeschafen.

Doduerch dass mer den Artikel 25,8° an den Artikel 46 vum Gesetz vun 1968 ofschafen, behalen also d'Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn, déi do eng aner Nationalitéit, duerch wellech Ëmstänn sief et och, kritt hunn, an déi elo nach am Ausland wunnen, hir Nationalitéit, ouni dass se déi Deklaratioun brauchen ze maachen, ouni dass se administrativ Démarchë brauchen ze maachen, an dat ass am Sënn vun deene Bierger. Dat ass am Sënn och vun enger besserer Organisatioun, och vun de Lëtzebuerger Verwaltungen, déi domat befaasst waren.

Déi zwee Artikelen, déi mer ofschafen, sinn zënter dem 1. Januar 1987 a Kraaft. Si hunn awer bis haut keng juristesch Effetë gehat, well déi Effeten eréischt no 20 Joer entstane wären, dat heescht nom 1. Januar 2007. Et brauchen dofir och keng Iwwerganksbestëmmungen an deem Gesetz hei virgesinn ze ginn, well keng juristesch Effeten do waren.

De Statsrot ass mam Text d'accord. Hien hat proposéiert den Intitulé ze änneren. D'Kommissioun war awer der Meenung, fir eng besser Visibilitéit vum Gesetz ze hunn, soll een den Intitulé, esou wéi d'Regierung e proposéiert hat, bäibehalen.

Déi zoustänneg Kommissioun huet mat enger ganz grousser Majoritéit deen Text hei approuvéiert an ech géif och d'Chamber bieden, dem Projet hir Zoustëmmung ze ginn, esou wéi d'Kommissioun e proposéiert. Ech kann heimat och den Accord vun der CSV bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Colette Flesch.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President.

De Rapporteur huet elo ganz genee exposéiert, wat de Problem ass. Déi Dispositiounen, déi 1986 gutt gemengt waren, hunn hautdësdags am Fong keng Daseinsberechtegung méi, an engem Moment wou mer driwwer nodenke wéi ee soll e Gesetz iwwert d'Nationalitéit adoptéieren, wat d'duebel Nationalitéit erméiglecht.

D'gesellschaftspolitesch Situatioun huet sech geännert. Gewéinlech ass de Législateur ganz staark en retard op d'gesellschaftspolitesch Modifikatiounen. Hei hu mer just nach mat Zäit gemierkt, dass mer eppes maache missten.

Ons Fraktioun ass mat deem Gesetzprojet d'accord.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech mengen och, dass et sech eriwwregt nach eng Kéier op den Detail vum Projet anzegoen, no den Explikatioune vum Rapporteur, dee wéi ëmmer am Detail a ganz richteg alles erklärt huet.

Ech wëll mech dofir hei op zwee, dräi Punkte limitéieren, an zwar wëll ech zréckkommen op d'Gesetz vun 1986, wou déi Méiglechkeet vun där Déclaration conservatoire hei agefouert ginn ass, déi, wéi de Rapporteur et richteg gesot huet, bis elo keng Uwennung fonnt huet. A mir sinn am Fong elo do, fir wierklech am richtege Moment déi Ännerung virzehuelen, fir ze évitéieren, dass d'Leit hir Lëtzebuerger Nationalitéit verléieren aus iergendwelleche prakteschen Iwwerleeungen eraus. Ech mengen och, dass dat richteg ass, an dass et gutt ass, dass mer dat maachen.

Ech mengen, dass et och wichteg ass ze ënnersträichen, dass dat Gesetz sech hei net applizéiert op déi Lëtzebuerger, déi am Ausland eng aner Nationalitéit ugeholl hunn an déi automatesch virgesäit, dass se, fir déi ze kréien, hir Nationalité d'origine mussen opginn. Ech weess net wéi vill Länner dat sinn, mä et betrëfft also elo net jidder Lëtzebuerger, deen am Ausland ass an deen d'Nationalitéit vu sengem État de résidence ugeholl huet; wat mech do zu enger Reflexioun féiert iwwert deen neie Projet de loi iwwert d'duebel Nationalitéit, mat deem mer - huelen ech un - den Hierscht befaasst ginn.

Hei steet am Rapport eng Remarque dra beim Commentaire des articles: «Il est à souligner que cette loi ne s'appliquera pas au cas de figure». Ee Momentchen, neen et ass déi falsch Zitatioun. Dach et ass se: «ne s'appliquera pas au cas de figure d'un Luxembourgeois de souche», an ech wollt am Fong op déi Parenthèse do agoen.

Ech fannen, dass et héich Zäit ass, dass mer am Kader vun den Naturalisatiounen an och am Kader vun deem neien Nationalitéitsgesetz, wat kënnt, ophalen déi Differenz ze maachen zwësche Luxembourgeois de souche a Luxembourgeois de naturalisation. An dat implizéiert a mengen Aen och, dass et richteg wier, dass an deem Gesetz, wat iwwert d'duebel Nationalitéit kënnt, déi Nuancen hei ofgeschaf ginn, well et bréngt net vill eng Diskriminatioun ofzeschafen an eng aner Diskriminatioun bäizebehalen. Hei ass also déi Geleeënheet oder ni, fir mat engem Schlag zwou Mécken ze treffen, an ech hoffen, dass mer dat packen.

Ech denken dofir, dass et och kloer ass, dass wéinst dem Changement an de Mentalitéiten iwwert d'duebel Nationalitéit zweifelsohne och déi Ofschafung zwëschen echte Lëtzebuerger a gemaachtene Lëtzebuerger, wéi et am Sproochgebrauch heescht, an engems géif goen. Et wär sécherlech wënschenswäert.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Den Här Braz huet d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Déi gréng Fraktioun gëtt natierlech och hir Zoustëmmung fir dee Projet. Ech soen och dem Här Meyers Merci fir säi Rapport zu dëser Matière.

Et wär natierlech gutt gewiescht, wann een dës Proposition de loi hätt kënne gläichzäiteg mat där iwwert d'duebel Nationalitéit diskutéieren. Dat hätt sécher méi Sënn gemaach, fir all déi Considératiounen do zesummen ze évoquéieren. Bon, de Justizminister huet de Projet de loi net - wéi ugekënnegt - scho virum Summer déposéiert. Mir wäre frou, wann de Justizminister eis herno a senger Äntwert zu dësem Projet de loi kéint soen, wéini dann definitiv mat dem Dépôt vun dësem Projet de loi ze rechnen ass.

Dat gesot, wëll ech och dat, wat d'Madame Err grad gesot huet, am Numm vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzen. Deen Distinguo do mécht kee Sënn an et wär gutt, wa mer deen am Kader vum Projet de loi iwwert déi duebel Nationalitéit kéinten aus der Welt schafen.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech wëll och dem Rapporteur Merci soen, deen déi grouss Portée an Technicitéit vun dësem Gesetz ervirgestach huet.

Am Liewe muss ee Choixen treffen, a mir sinn der Meenung, datt de Wee vun der duebeler Nationalitéit net dee richtegen ass. Dofir stëmme mir géint dat Gesetz.

M. le Président.- Voilà. Da si mer um Enn vun dëser Debatt. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Justizminister Luc Frieden.

(Interruptions diverses)

Den Här Justizminister huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Dëst Gesetz, wat hei op eng breet Zoustëmmung trëfft, ass e Gesetz wat eng grouss Wichtegkeet huet fir vill Lëtzebuerger, déi zënter laangem am Ausland wunnen. Ech mengen et ass gutt, datt mer hinnen dat Stéck Lëtzebuerg, wat déi Leit duerstellen, och wa se sech geographesch vun eis entfernt hunn an datt se awer de Wëllen ausgedréckt hunn, doduerch datt se hir Nationalitéit net opginn hunn, fir Lëtzebuerger ze bleiwen, och net ewechhuelen duerch eng administrativ Hürd, déi virun 20 Joer virgesi gi war.

Ech mengen et ass richteg, datt mer deene Leit, déi zënter laangem am Ausland wunnen als Lëtzebuerger an déi wëlle Lëtzebuerger sinn, d'Lëtzebuerger Nationalitéit loossen, ouni datt se dann elo do mussen eng Deklaratioun maache fir déi Nationalitéit kënnen ze behalen. Aus der Siicht vun haut - an dofir hunn ech am Numm vun der Regierung dee Projet de loi déposéiert - mengen ech, géing dat kee Sënn maachen, iwwregens onofhängeg vun allen Diskussioune ronderëm d'Aféierung vun der duebeler Nationalitéit. An ech hätt dëse Projet och gemaach - soen ech dem Kolleeg vun der grénger Fraktioun - am Intérêt vun deene Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, wa mer net géingen iwwert d'Aféierung vun der duebeler Nationalitéit schwätzen.

Et ass selbstverständlech, datt mer elo och dat Gesetz, wat mer hei stëmmen, mussen deene Lëtzebuerger am Ausland iergendwéi matdeelen. Mir wäerte versichen iwwert de Wee vun eisen Ambassaden, eise Konsulater, mä och deene vun de Länner, wou d'Lëtzebuerger am Ausland sech meeschtens hiwennen - an dat si virun allem d'hollänesch an d'belsch diplomatesch Vertriedungen -, deenen dat och matzedeelen, sou datt d'Leit, déi also am Ausland wunnen, och wëssen, datt se keng extra Deklaratioun musse maache fir kënne Lëtzebuerger ze bleiwen.

Zum Schluss ee Wuert iwwert de Projet de loi iwwert d'duebel Nationalitéit. Dee Projet de loi hunn ech effektiv net an de Regierungsrot bis elo abruecht, well do am Fong zwee Elementer sinn, déi ech gäre géing an deem Projet de loi berücksichtegen.

Deen éischten ass déi extrem wichteg Verfassungsännerung, déi den honorabelen Här Meyers elo virun e puer Minutten hei an der Chamber déposéiert huet. Wann d'Chamber op dee Wee geet, fir an deenen nächste Méint - esou wéi hei an där Propositioun proposéiert - d'Naturalisatioun duerch de Pouvoir législatif ofzeschafen, da verlaangt dat, mengen ech, datt mir och an eisem Projet de loi deem direkt Rechnung sollen droen, well et huet jo kee Sënn, datt mer an zwee oder dräi Méint e ganz neie Projet schreiwen.

Zweetens - wat den Inhalt ubelaangt - sinn ech der Meenung, datt d'Konditiounen iwwert d'Aféierung vun der duebeler Nationaltéit e largen Débat verlaangen, datt wa méiglech eng Majoritéit soll hannert deem Projet stoen, déi iwwert d'Grenze vun där traditioneller parlamentarescher Majoritéit, dat heescht eng Stëmm méi wéi d'Halschent vun den Deputéierten, soll stoen. Dofir hunn ech et noutwendeg fonnt, datt mer iwwer eng Rei vun deenen Iddien, déi ech op de Wee bruecht hunn: iwwert d'Residenzdauer, iwwert d'Sproochekenntnisser an iwwert de Code d'instruction civique, eng breet Debatt géinge féieren.

Déi Debatt ass nach net ganz ofgeschloss, mä ech wëll lech awer soen, dass et d'Intentioun vun der Regierung ass, fir nach dëse Mount d'Grondprinzipien, déi aus deene Gespréicher, déi ech mat alle Fraktiounen hei am Haus gefouert hunn, erausgaange sinn, ofzehaken a wann d'Regierung déi Prinzipië festgeluecht huet, fir dee Projet de loi, deen zu 90% fäerdeg ass, dann och kënnen am September an d'Parlament anzebréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

(Interruption)

Jo, Här Braz.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Heescht dat dann elo, dass Der eréischt wëllt de Projet déposéieren nodeems d'Ofännerung vum Artikel 10 gemaach ginn ass, deen net d'Voie parlementaire wëllt ganz ofschafen, wéi Der gesot hutt, mä se deelweis nach soll bestoe bleiwen, oder wëllt Der schonn de Projet déposéieren nach ier dat geschitt ass, awer a Konformitéit vun där envisagéierter Ofännerung?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Sou ass et. Ech hunn effektiv dee Projet de loi am Numm vun der Regierung wëllen - wann d'Regierung dann domat d'accord ass - déposéieren en tenant compte vun där Proposition de révision vun der Constitutioun, esou wéi de President vun der Institutiounskommissioun se de Mëtten hei déposéiert huet.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Meyers freet d'Wuert fir en Dépôt.

3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Jo, Här President, ech hu virun e puer Minutten d'Proposition de révision vum Artikel 10 vun der Verfassung déposéiert. Elo maachen ech hei den Dépôt vun der

- Proposition de révision N°5596 de l'article 16 de la Constitution.

Dës Propositioun soll den Artikel 16 vun der Verfassung mat engem neien Alinea complétéieren.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Déi Propositioun geet an déi normal Prozedur. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5352 iwwert d'Société européenne. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein, den Här Braz, den Här Henckes an den Här Jaerling.

Vu datt et sech hei ëm en ausserguewéinlech komplexe Projet handelt, wou de Rapporteur sech eng Hälleméi ginn huet, fir e substanzielle Rapport ze proposéieren, denken ech an hu mir och gesot, datt eng Riedezäit vun zéng Minutten net duergeet.

Ech géif d'Chamber froen, ob se domat d'accord wär, datt de Rapporteur, vu datt d'CSV-Fraktioun gemellt huet, si hätt kee Riedner dozou, e groussen Deel vun hirer

Zäit ka mat eriwwerhuelen, fir effektiv d'Chance ze hunn, fir tant soit peu dee komplizéierte Projet duerzeleeën.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment et interruptions diverses)

Här Rapporteur Santer, Dir hutt d'Wuert.

4. 5352 - Projet de loi

1. concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle;

2. modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et certaines autres dispositions légales;

3. modifiant la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

4. modifiant la loi modifiée du 30 mars 1988 sur les organismes de placement collectif;

5. modifiant la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

6. modifiant la loi du 25 juillet 1990 concernant le statut des administrateurs représentant l'État ou une personne morale de droit public dans une société anonyme;

7. modifiant la loi du 4 décembre 1992 sur les informations à publier lors de l'acquisition et de la cession d'une participation importante dans une société cotée en bourse;

8. modifiant la loi du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Merci villmools, Här President. Endlech, endlech, kann ee bei dësem Projet de loi an och bei der Société européenne soen. Endlech kënnt dëse Projet de loi hei an d'Chamber, well mer si bei der Ëmsetzung vum Reglement, dat mer haut transposéieren, wéi och vun der Direktiv iwwert d'Matbestëmmung vun den Travailleuren an der Société européenne, déi mäi Fraktiounskolleg de Marcel Glesener lech just no mir wäert virstellen, bei deenen zwee Texter also, scho bal 18 Méint a Verspéidung.

Et ass och net déi éischte Kéier!

Datt mer d'Reglement fir den 8. Oktober 2004 - dat war d'Date limite vun der Ëmsetzungsfrist - net an eis national Gesetzgebung iwwerholl hunn, huet awer net verhënnert, datt säitdeem zu Lëtzebuerg e puer Sociétés européennes gegrënnt goufen. Et waren zwee, dräi. Elo ass et nach, mengen ech, eng. Dat war op d'mannst de Stand, wéi mer de Projet de loi an der Kommissioun diskutéiert hunn. Dës Sociétéiten hunn op déi direkt applicabel Bestëmmung vum Reglement kënnen zréckgräifen.

Endlech, kann een awer och, Här President, bei der Société européenne soen. D'Entstehungsgeschicht vun der Société européenne deckt sech mat der bisherëger Geschicht vun der europäescher Integratioun. Den éischte Projet vun der Société européenne, deemols nach Compagnie européenne genannt, geet op d'Joer 1949 zréck, wou am Kader vun deem deemools frësch gegrënnte Conseil de l'Europe e Projet virgeluecht gouf. Projeten, déi am Kader vum Conseil de l'Europe ausgeschafft goufen, souwuel wéi déi éischt Projetë vun enger Société européenne, déi Mëtt der 60er, 70er Jore vum leschten Jorhonnert vun der Europäescher Kommissioun presentéiert goufen, goufe verworf, well se en eenheetlecht, en uniformt Regelwierk festgeluecht haten, no deem an alle Memberstaten d'Société européenne d'selwecht fonctionnéiere géif.

Well awer d'Gesellschaftsrecht wéi och d'Bestëmmungen iwwert d'Matbestëmmungsregele vum Salariat an deene Memberstate verschidde geregelt goufen, an all Memberstat der Meenung war, datt säi System soll erhale bleiwen, goufen déi Projeten an der Europäescher Unioun oder deemools an der Europäescher Gemeinschaft vun enger ganz eenheetlech geregelter Société européenne fale gelooss.

Wéi d'Kommissioun 1989 den Dossier Société européenne erëm opgegraff huet, huet se d'Optik, wéi se d'Société européenne sollt ugoen, geännert.

Fir d'éischt gëtt keen allëmfaassende Kader um europäeschen Niveau festgehalen. Fir sëllech Punkte gëtt op déi national Législatioune verwisen. Zweetens gëtt d'Société européenne net an engem Text, mä an zwee Texter - e Reglement, wat de Volet Droit des sociétés ugeet, an eng Direktiv, wat de Volet Représentation des travailleurs ugeet - geregelt. No weidere Propositiounen an och ville Mësserfolleger, koum et dann am Dezember 2000 zu enger Eenegung beim - solle mer soe fir déi europäesch institutionell Froen enttäuschenden? - Conseil vun Nice.

Esou hat de Sommet vun Nice net nëmmen negativ Resultater opzeweisen, mä e kann als Gebuertsstonn vun der Société européenne, bal 50 Joer nom éischte Projet, ugesi ginn. Doraus hu sech also zwee Texter erginn: ee Reglement an eng Direktiv vum 8. Oktober 2001; d'Reglement also iwwert d'Gesellschaftsrecht, d'Direktiv iwwert d'Matbestëmmungsregelen.

Et schéngt ongewéinlech, datt mer haut en europäescht Reglement an eis Gesetzgebung ëmsetzen. E Reglement ass normalerweis direkt applicabel a bräicht net ëmgesat ze ginn. Beim Reglement iwwert d'Société européenne ass dat awer anescht. Et wollt een op där enger Säit eng kohärent an uniform Approche hunn, wat der Société européenne hir Charakteristiken, hir Fonctiounsaart a -weis ugeet, ouni wëllen - aus politesche Grënn - een eenzegt Regelwierk an der europäescher Gemeinschaft ze hunn.

Dofir ass de Choix op d'Reglement gefall, dat awer muss, well et de Memberstaten Optioune gëtt an op déi national Gesetzgebung verweist, ëmgesat ginn.

Et ass also falsch ze gleewen, datt d'Société européenne eng Gesellschaft wär, déi an alle Länner, an alle Memberstate vun der Unioun d'selwecht geregelt gëtt an no deeneselwechte Regele fonctionnéiert. Et gëtt esou vill Sociétés européennes wéi et Memberstaten an der Europäescher Unioun gëtt.

Firwat brauch een eng Société européenne, wann d'Regelen an de Memberstate verschidde kënne sinn? Firwat kann een et net bei deenen haut geleefege Gesellschaftsforme beloossen?

Ech wëll drun erënneren, Här President, datt nonobstant déi verschidde Gesetzgebungen iwwert d'Société européenne déi fundamental Charakteristike vun der Société européenne, op déi ech nach ganz kuerz duerno wäert zréckkommen, sech am Reglement ëremfannen, also uniform sinn an alle Länner.

Eng Gesellschaft huet eng Nationalitéit, wéi eng Privatpersoun souzesoen. No eise Regelen huet se d'Nationalitéit vun deem Land, wou hire Siège sech befënnt. Wann déi europäesch Regelen iwwert de Bannemaart an d'Schengener Verträg et erlaabt hunn, datt d'Gidder an d'Servicer grenziwwerschreidend kënnen ugebuede ginn an d'Privatpersoune vun enger gewësser Mobilitéit an der Europäescher Unioun kënne profitéieren, esou ass dat bei de Gesellschaften net ëmmer méiglech.

National Regelen iwwert den Transfert vun engem Siège social vun engem Land an en anert kënnen esou en Transfert onméiglech maachen. Dobäi kënnt, datt d'Strukturéieren oder d'Restrukturéiere vu Gesellschafte bannen engem Grupp duerch Contraintë vum nationale Gesellschaftsrecht kënne beeinträchtegt ginn.

Esou ass d'Finalitéit, déi vum Reglement gesicht gëtt, déi, déi banneneuropäesch Mobilitéit vu Gesellschaften duerch eng nei Gesellschaftsform, duerch d'Société européenne, ze verbesseren. Am éischte Considérant vum Reglement steet dës Zilsetzung kloer formuléiert: «Il est indispensable que les entreprises dont l'activité n'est pas limitée à la satisfaction de besoins purement locaux puissent concevoir et entreprendre la réorganisation de leurs activités au niveau communautaire.»

Et geet drëms, deen nationale juristesche Kader, vun deem d'Gesellschaften - och d'Société européenne - ofhänken a weider ofhänken, un dat wirtschaftlecht Ëmfeld, an deem se agéieren, unzepassen. Dofir ass dëse Projet de loi fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg vu grousser Bedeitung, an dofir och ass de Lëtzebuerger Regime vun der Société européenne mat kloren, mä och flexibele Regele versinn.

Dat, wat also d'Société européenne kennzeechent, ass, datt se hire Siège vun engem Memberstat an deen anere verleeë kann. Dat kënnen zwar och aner Gesellschaftsformen, mä d'Uwennung vun nationale Regele kënnen d'Aktionären vun där Gesellschaft forcéieren, déi Gesellschaft an deem enge Stat ze liquidéieren, fir se duerno an engem anere Memberstat nei ze grënnen.

Dat kann, an Dir kënnt lech dat gutt virstellen, uerg negativ Konsequenzen hunn, besonnesch wat Verträg ugeet, déi mat där Gesellschaft ënnerschriwwe goufen an déi dann opgeléist ginn. Am Fall vum Transfert vum Siège vun enger europäescher Gesellschaft oder vun enger Société européenne bleift d'Personnalité juridique déiselwecht. Si brauch net liquidéiert respektiv frësch gegrënnt ze ginn.

Natierlech muss awer do eng Prozedur respektéiert ginn. E Projet de transfert muss opgesat ginn, deen och muss am Mémorial publizéiert ginn, an d'Créancierë kënne sech, wann et muss sinn, iwwer Geriicht schützen. Wat mer awer net vum Reglement iwwerholl hunn, wat d'Reglement awer och zougelooss huet, war d'Regel, dass de Justizminister en Oppositiounsrecht hätt, wann d'Aktionären den Transfert vun esou engem Siège décidéiert hunn. Am Projet de loi stoung, datt de Justizminister «pour des raisons d'intérêt public» sech dem Transfert vum Siège vun enger Société européenne opposéiere kéint.

D'Kommissioun, an dat wéi bei alle Punkten hei an dësem Projet de loi unanime, huet déi kritesch Reflexioune vum Statsrot zu dësem Oppositiounsrecht gedeelt. Et geet hei ëm en Transfert, dee prozedurkonform vun den Aktionäre beschloss gouf, an dat zu enger Majoritéit, déi op d'mannst vun zwee Drëttel vun den Aktionäre gestallt gëtt. D'Statute kënnen eng méi héich Majoritéit virgesinn. An dann hätt de Justizminister déi Entscheedung vun den Aktionären, vun enger grousser Majoritéit vun den Aktionären, kënne blockéieren, an d'Verwaltungsgeriichter hätten da gesot oder d'Kompetenz kritt fir ze iwwerpréiwen, ob de Justizminister och «pour des raisons d'intérêt public» gehandelt hätt.

De Statsrot huet dozou bemierkt, datt d'Opportunitéit an d'Effikassitéit vun deem Oppositiounsrecht kéint a Fro gestallt ginn. Och wann de Statsrot vun «intérêt national» an net vun «intérêt public» geschwat huet, kann ee sech awer froe mam Statsrot, wat dee Konzept vun Intérêt public beinhalt. Zemools wou deen Intérêt public, wat dat och ëmmer heescht, muss a Verbindung bruecht gi mat der Société européenne respektiv mam Transfert vun hirem Siège. D'Geriichter hätten do misse fir Kloerheet suergen, wat net am Sënn ass vun enger Sécurité juridique, déi mer an dëser Matière brauchen.

Dobäi muss een och d'Effikassitéit vun deem Oppositiounsrecht a Fro stellen. Wat geschitt wann an enger Gesellschaft eng Décisioun, déi vun zwee Drëttel op d'mannst vun den Aktionäre geholl gëtt, vun engem Minister «pour des raisons d'intérêt public» blockéiert gëtt? D'Société européenne gëtt dann net attraktiv, an dobäi gesot, wann der Société européenne duerch dës Oppositioun e Schued géif zougefügt ginn, da wär och de Stat dofir responsabel. Aus deene Grënn huet d'Commission juridique unanime beschloss, d'Oppositiounsrecht aus dësem Projet erauszehuelen.

Här President, d'Mobilitéit vun enger Société européenne…

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President!

M. le Président.- Jo, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Däerf ech dem Rapporteur eng Fro stellen?

M. le Président.- Jo.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci, Här President. A wellechem Cas de figure kann déi Oppositioun iwwerhaapt spillen? Ech hu mat groussem Intérêt dem Rapporteur nogelauschtert, mä hunn net erausfonnt, wat kënnt deen Intérêt national oder deen Intérêt public sinn.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Mir och net.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Et muss jo eng konkret Virstellung ginn. Ech sinn net Spriecher fir dëse Projet, mä da sinn ech frou wann de Minister kënnt dorobber äntwerten, ob hien ons e konkret Beispill kéint ginn, a wellechem Fall hie sech hätt kënne virstellen, wou de Justizminister hätt kënnen Oppositioun maachen.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Ech kann lech vläicht ee Beispill gi wat mer direkt afält, dat ass en Transfert vun engem Siège vun enger Gesellschaft, déi am Waffegeschäft täteg ass, oder - wéi a Frankräich oder an Däitschland oder an England - Gesellschaften, déi an der militärescher Industrie aktiv sinn. Do kann ech ee Beispill ginn, wat hei zu Lëtzebuerg net esou transposabel ass, mä dat do kënnt erëm zréck op de Problem „Wat ass en Intérêt public?". Ass dat wéinst der Gesellschaft oder ass dat wéinst dem Transfert?

An dann hätte missen d'Geriichter décidéieren, ob d'Aktionäre mat enger Zweedrëttelmajoritéit d'Recht gehat hätten, hir Décisioun ze huelen. An do on n'est pas sorti de l'auberge. Op d'mannst zu Lëtzebuerg.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, d'Mobilitéit vun enger Société européenne also ass hiren éischten a wichtegste Grondzuch. Ech wéilt elo kuerz op déi aner Charakteristiken zréckkommen.

D'Société européenne ass eng Kapitalgesellschaft, där hire Sëtz an engem Memberstat vun der Europäescher Unioun muss sinn. De Siège vun enger Société européenne gëtt no deene Regelen, déi mir och zu Lëtzebuerg kennen, wéi déi Lëtzebuerger Gesellschaftsformen, festgeluecht. Dat heescht, de Siège ass do wou en fait d'Décisiounen, d'Entscheedunge vun der Gesellschaft geholl ginn.

D'Kapital vun enger Société européenne muss an Euro ausgedréckt ginn, an d'Mindestkapital läit bei 120.000 Euro. A bestëmmte Secteuren, wéi zum Beispill am Banken- oder Assurancësecteur, kann iwwert d'national Gesetzgebung, wat och fir déi aner Gesellschaftsformen de Fall ass, méi en héicht Mindestkapital virgesi ginn.

Eng Société européenne kann nëmmen een Aktionär hunn.

Contrairement zu enger Société anonyme, déi vum Dag u besteet wou den Akt vum Notaire gemaach ass, d'Statute vum Notaire aktéiert ginn, besteet d'Société européenne eréischt vun deem Dag u wou se an den Handelsregister immatrikuléiert gouf. Dëst Androen an den Handelsregister ass och fir eng Lëtzebuerger Société anonyme oder eng Société à responsabilité limitée noutwendeg, mä hei handelt et sech ëm eng administrativ Prozedur. Bei der Société européenne ass dat de Grënnungsakt. Vun deem Dag u besteet se.

Eng Société européenne kann nëmmen a véier Fäll gegrënnt ginn, an an all deene Fäll muss eng europäesch Dimensioun bestoen. Dës véier Fäll sinn déi heiten:

Eng Société européenne kann duerch eng Fusioun gegrënnt ginn. Dat heescht, eng Gesellschaft aus engem Memberstat A an eng Gesellschaft aus engem Memberstat B fusionéieren, an déi Gesellschaft, déi aus där Fusioun ervirgeet, ass d'Société européenne.

Zweetens ka gegrënnt ginn duerch d'Grënnung vun enger Holdingsgesellschaft. Zwou Gesellschaften aus zwee verschiddene Memberstate soen hire respektiven Aktionären, si sollen eng Holdingsgesellschaft grënnen, an déi zwou Gesellschaften, déi déi Grënnung do promouvéiert hunn, ginn dann d'Filial vun där Société européenne holding.

Drëttens, duerch d'Grënnung vun enger gemeinsamer Filial, déi dann eng Société européenne ass,

a véiertens, duerch d'Transformatioun vun enger Société anonyme. Esou eng Société anonyme ka sech zu enger Société européenne transforméieren. Eng Société européenne kann och zu enger Société anonyme transforméiert ginn.

An all deene Fäll muss e grenziwwerschreidende Charakterelement do sinn, an nëmmen an deene Fäll kann eng Société européenne gegrënnt ginn, no enger gewëssener Prozedur, déi Der kënnt am Rapport an am Projet de loi noliesen.

Här President, wéi gëtt eng Société européenne géréiert? Eng Société

anonyme gëtt, wéi Der wësst, vun engem Verwaltungsrot geleet. Dëse System kann och op eng Société européenne ëmgesat ginn. Hei änneren d'Regelen, wéi se am Reglement virgesi sinn, net vill.

Mä et kann een och eng aner Gestioun, Verwaltungsstruktur fir eng Société européenne virgesinn. Nom däitsche Virbild kann eng Société européenne duerch zwee verschidden Organer geleet ginn, e Conseil de surveillance - Aufsichtsrat op Däitsch - an en Directoire. Den Directoire ass zoustänneg fir déi effektiv Gestioun, Verwaltung vun der Gesellschaft, an de Conseil de surveillance kontrolléiert dës Gestioun ouni sech kënnen an dës Gestioun anzemëschen. Den Directoire agéiert also sous le contrôle permanent du Conseil de surveillance.

D'Membere vum Conseil de surveillance gi vun den Aktionären oder dem Aktionär bestëmmt oder révoquéiert, an déi vum Directoire entweder vum Conseil de surveillance oder, wann d'Statuten et erlaben, direkt vun den Aktionären.

Et gëtt kee vun deenen zwee Systemer duerch Verwaltungsrot oder duerch Directoire a Conseil de surveillance weder privilegéiert nach benodeelegt. Et kann een also deen ee System huelen oder deen aneren, oder vun deem engen op deen aneren iwwergoen, ouni dass dee Choix sech negativ op d'Gesellschaft auswierkt.

De Projet de loi huet d'Méiglechkeet, och dësen duale System, Directoire a Conseil de surveillance, net nëmme fir d'Société européenne, mä och fir d'Société anonyme virzegesinn.

De Projet de loi gesäit och verschidde Regele vir no deenen d'Verwaltungsorganer funktionéiere sollen. Et sinn hei déiselwecht Regele virgesi fir eng Société européenne wéi fir eng Société anonyme, mat enger Ausnahm: De Verwaltungsrot oder den Directoire vun enger Société européenne, an nëmme vun enger Société européenne, muss an enger vun de Statute festgehalener Periodizitéit op d'mannst all drëtte Mount zesummekommen. Bei enger Société anonyme ass et den Organer an hire Memberen iwwerlooss, wéi dacks se zesummekomme mussen oder wëllen.

Déi aner Regelen, déi ee Gouvernance d'entreprise nennt oder „corporate governance", kann ee wéi folgt résuméieren:

D'Diskretiounsflicht, déi schonn haut de Membere vun engem Verwaltungsrot operluecht ass, gëtt gesetzlech verankert an op d'Membere vum Directoire respektiv vum Conseil de surveillance ausgedehnt. Hei ännert sech also um heitege Regime net vill.

Zweetens, eng Personne morale, z.B. eng Gesellschaft, ka Member vun engem Verwaltungsorgan vun enger Société européenne oder enger Société anonyme ginn. Och hei näischt Neies, ausser dass dës Personne morale muss e Représentant permanent, also e stännege Vertrieder ernennen.

Drëttens, déi wäiss oder ongülteg Stëmmen zielen zu deenen, déi géint d'Propositioun gestëmmt hunn. Eng Décisioun kann also nëmme geholl ginn, wann eng Majoritéit, déi an de Statuten oder am Gesetz festgeluecht ass, fir e Virschlag ass.

Véiertens, eng Réunioun um Niveau vun de Verwaltungsorganer wéi um Niveau vun den Aktionäre kann och iwwer Videokonferenz oder aner Telekommunikatiounsmëttel ofgehale ginn. Eng nächst Etapp wäert dann och de Vote électronique sinn, wou déi Europäesch Kommissioun am Januar 2006 eng entspriechend Proposition de directive presentéiert huet.

Fënneften a leschte Punkt, d'Aktionären, déi op d'mannst 10% vum Kapital representéieren - haut sinn et 20% -, kënnen dem Verwaltungsorgan virschloe fir eng Assemblée générale anzeberuffen. Déi Assemblée muss bannen engem Mount zesummekommen. Och kënnen déi Aktionären, déi op d'mannst 10% vum Kapital representéieren, froen, datt en zousätzleche Punkt um Ordre du jour vun enger Assemblée ka bäigefügt ginn.

D'Commission juridique huet eng Neierung, déi am initiale Projet de loi stoung, net iwwerholl. Rieds geet ëm d'Méiglechkeet, datt eng Statutenännerung net wéi bis elo mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel, mä mat just enger einfacher Majoritéit kéint beschloss ginn. Hei hu mer eis de Reflexioune vun der Chambre de Commerce an dem Statsrot ugeschloss. Et misst een - wéi dat och bei anere Projet-de-loien hei zur Sprooch koum - sech méi generell Gedanke maache wéi et ëm de Schutz vu Mannerheetsaktionäre bei Gesellschaftsstrukture steet.

Här President, déi puer Wierder zur Société européenne hu gewisen, datt de Regime vun der Société européenne, besonnesch wat hir Verwaltung ugeet, sech enk un dee vun der Société anonyme ulehnt. An dësem Gesetzprojet ginn och nach verschidden Neiheeten, Regele vun der Société européenne op d'Société anonyme iwwerholl. Dat si besonnesch d'Méiglechkeete fir en Directoire an e Conseil de surveillance amplaz vun engem Verwaltungsrot virzegesinn, d'Regele vun der Gouvernance d'entreprise an d'Méiglechkeet, fir eng Société anonyme mat nëmmen engem Aktionär, amplaz zwee wéi bis elo, ze hunn. Dofir hunn och misse sëlleche Gesetzer, déi och am Titel vun deem Gesetzesvirschlag opgelëscht sinn, geännert ginn.

An ech wéilt lech drop opmierksam maachen, datt am aachte Punkt d'Referenz vum Gesetz vum 8. Juni 1999 créant les fonds de pension sous forme de société d'épargne-pension à capital variable et d'association d'épargne-pension, falsch ass, an datt eng Referenz op d'Gesetz vum 13. Juli 2005 huet misse gemaach ginn. Dat kënnt an engem Corrigendum nach kuerz eraus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wéilt ech nach kuerz op déi zwee Kritikpunkte vum Statsrot zréckkommen. De Statsrot huet dëse Projet de loi kritiséiert, well e keng eege Sektioun am Gesetz vum 10. August 1915 virgesinn hätt, déi sech exklusiv mat der Société européenne befaasst hätt. D'Regelen, déi sech och op d'Société européenne uwennen, sinn an déi vun der Société anonyme agebaut ginn; et kéint ee bal soe verstreet ginn.

Et ass wouer, datt den Text vum Projet de loi net grad lieserlech ausgesäit. Mä de koordinéierten Text vum Gesetz vun 1915, deen d'Regierung och regelméisseg publizéiert, bréngt méi Duerchsiicht an dëser awer technescher Matière. Ech muss Iech awer och soen, wann ech de Choix gehat hätt zwëschent där enger oder där anerer Méiglechkeet, dann hätt ech eng eege Sektioun virgesinn. Mä et muss een heiansdo mat deene Meedercher danzen, déi do sinn.

Et ass och net esou wéi dat de Statsrot bemängelt huet, datt een duerch déi Struktur vum Projet de loi d'Iwwersiicht géing verléieren an dat d'Adaptatioun vun eisem Gesellschaftsrecht un déi europäesch Entwécklung géif méi schwéier maachen. D'Gesellschaftsrecht, als wichtege Standuertfacteur, muss permanent un d'Entwécklung um europäeschen Niveau, mä och par rapport zu eisen Nopeschlänner ugepasst ginn. D'Struktur vun dësem Projet de loi wäert do net am Wee stoen oder dat méi schwéier maachen.

De Statsrot huet och eng Opposition formelle gemaach, wat de Regime vum Représentant permanent vun enger Personne morale an engem Verwaltungsorgan vun enger Société anonyme oder Société européenne ugeet. Hei géif dëse Vertrieder, seet de Statsrot a sengem éischten Avis, anescht behandelt gi wéi de Vertrieder, dee vum Stat oder enger Personne morale de droit public dohinner delegéiert gëtt an deem säi Regime am Gesetz vum 25. Juli 1990 festgeluecht ass. «À défaut d'explications convaincantes», schreift de Statsrot, huet hie sech dofir formell géint déi Bestëmmung zur ziviler Responsabilitéit vun deem Représentant permanent ausgedréckt.

Mir hunn dem Statsrot erklärt - an den Detail vun där Erklärung kënnt Der an eisen Amendementer erëmfannen -, datt mer hei keng Différence de traitement maachen, mä mer versichen d'Regele vum Secteur privé, dat heescht, d'Regelen, déi am Gesetz vun 1915 stinn, dat elo heiduerch geännert gëtt, an d'Regelen aus dem Secteur privé, déi am Gesetz vum 25. Juli 1990 stinn, ze équilibréieren, Compte tenu des spécificités des secteurs respectifs.

De Statsrot schéngt dës Erklärung och akzeptéiert ze hunn, well en a sengem Avis complémentaire seng Opposition formelle net réitéréiert huet a just gesot huet: Jo, elo ginn et awer zwee Regimer: d'Gesellschaftsrecht fir déi eng, den Artikel 51bis, an d'Gesetz vun 1990 fir déi aner. Wat och stëmmt, mä et ass keng Différence de traitement do.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert déi technesch Detailer vun dësem Projet, déi awer och net onwesentlech sinn, ass dëse Projet - an d'Société européenne, déi domadder gesetzlech verankert gëtt - eng wesentlech Reform vun eisem Gesellschaftsrecht. Et gi weider zwou, dräi Reforme vun eisem Gesellschaftsrecht, déi nach dëst Joer op eis wäerten duerkommen. An der Kommissioun schaffe mer äerdeg dorunner.

Et geet drëm d'Gesetz vum 10. August 1915 iwwert déi kommerziell Gesellschaften ze adaptéieren, fir datt déi, déi dëst Gesetz uwennen, oder unzewennen hunn, e flexibele Kader kréien, fir datt d'lëtzebuergesch Gesellschaften den Usprëch vun der Praxis och am internationale Verglach gerecht ginn an den Evolutiounen um nationalen an internationale Parquet kënne Rechnung droen.

Et geet och hei bei dësem Projet de loi drëm fir Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert ze stäerken. Dëse Projet spillt an där Hisiicht eng wichteg Roll. Net nëmme gëtt eng nei Form vu Gesellschaft an eis national Gesetzgebung agefouert, mä och op verschiddenen, awer net - wéi ech scho gesot hunn - onwesentleche Punkten, ginn d'Regelen, déi sech op déi haut bestoend Gesellschaftsformen an notamment d'Sociétés anonymes applizéieren, moderniséiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schlussendlech wéilt ech alle Membere vun der Kommissioun an alle Mataarbechter vum Justizministère fir hir Mataarbecht an heiansdo och hir Gedold Merci soen. De schréftleche Rapport gouf wéi d'Amendementen unanime vun der Kommissioun virun enger Woch ugeholl. D'CSV-Fraktioun wäert dëse Projet de loi matstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren an Är Gedold. Elo kënnt Der och eng Kéier soen: Endlech ass e fäerdeg.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch!

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Dir hutt gesot et wär e komplizéierte Projet. Dat ass en och. Et ass e wichtege Projet.

Ech wéilt dem Rapporteur villmools Merci soe fir déi formidabel Aarbecht, déi hien an deem Zesummenhang hei gemaach huet. Ech hätt mer kee bessere Rapporteur bei dësem Projet kënne virstelle wéi een, dee wéi de Patrick Santer déi Experienz huet am Gesellschaftsrecht an am europäesche Recht. An ech géing als „footnote" vläicht derbäisoen, dass eng ganz Partie Membere vun der Kommissioun ganz frou ware wéi hie gesot huet, hie géing dee Rapport maachen.

Här President, mir si mat dem Rapport a mam proposéierten Text vun dësem Gesetz d'accord. Ech menge gëschter, am Zesummenhang mam Gesetz iwwert d'Sécurité des produits, huet de Minister gesot, d'Parlament wär wierklech bei där Diskussioun sengem Rôle voll a ganz gerecht ginn, well et hätt den Text wesentlech op enger Partie Punkten ofgeännert a verbessert. An ech mengen, dat kann een och bei dësem Gesetz soen.

D'Commission juridique an de Rapporteur hu sech et net liicht gemaach. An ech mengen, wann dat Gesetz, wat elo hei virläit, ka vun ons alleguerte matgedroe ginn, dann ass et och, well am Laf vun den Diskussiounen eng Partie Problemer konnte geléist ginn.

Ech ginn net op all déi Punkten an, déi de Rapporteur erwähnt huet. Ganz besonnesch säi schréftleche Rapport deckt alles ganz genee of: d'Genèse um europäesche Plang, d'Diskussioun vun den Artikelen, d'Commentairë vun den Artikelen, eng fouilléiert Analys vum Text.

Ech géing vläicht nëmmen eng oder zwou Remarquë maachen. Déi eng huet mam Artikel 51bis ze dinn, wou de Rapporteur jo och drop higewisen huet, dass eng Opposition formelle vum Conseil d'État virlouch, dass mer du probéiert hunn där an engem gewëssene Sënn Rechnung ze droen, mä besonnesch de Conseil d'État ze iwwerzeegen, datt se géigestandslos war. Elo ass dee Punkt jo an der Rei.

Nach wéilt ech bei dëser Geleeënheet d'Fro opwerfen, ob et net opportun wär, Här Minister, d'Dispositioune vum Gesetz vum 25. Juli 1990 iwwert de Statut des administrateurs représentant l'État erëm eng Kéier op de Leescht ze huelen. Ech mengen en Deel vun de Problemer, déi de Conseil d'État gesinn huet, hunn domadder ze dinn.

Ech hunn och keng perfekt Léisung, keng ideal Léisung hei ze proposéieren, mä ech mengen deen Text ass elo 16 Joer al, et kéint een e réexaminéieren a kucken, ob een do vläicht eng Partie vun deene Problemer, déi sech stellen, géif kënne léisen.

Déi zweet Remarque, Här President, dat ass, dass dat hei, an onsen Aen, en Deel ass vun enger Trilogie. Dat eent, wat mer elo stëmmen, ass dëst Gesetz, wat d'Transpositioun vum Reglement iwwert d'Société européenne virgesäit.

Deen zweete Volet, Här President, dat ass dat nächst Gesetz wat mer um Ordre du jour hunn iwwert d'Implication des travailleurs. A wann Der géift erlaben, Här President, géif ech dozou e puer Wuert soen an den Accord vu menger Fraktioun och zu deem Projet bréngen; da bräichte mer zu dësem Punkt net méi Stellung ze huelen.

Déi zwou Saache gi mateneen. De Rapporteur selwer huet jo drop higewisen. Mir hätten, ech menge wéi vill anerer, et vläicht léiwer gesinn, dass een hätt kënnen en eenheetleche legislative Kader an der ganzer EU schafen, mä mir kennen awer och d'Ursaache wuerfir dat net méiglech war, an dofir wäerte mer dee Projet, deen onsen nächste Punkt um Ordre du jour ass, also och matstëmmen.

Den drëtte Volet a mengen Aen ass natierlech de fiskalesche Volet. De Sënn vun dësem Gesetz, esou wéi mir et gesinn, ass e Kader ze schafen, deen et erméiglecht d'Grënnung vu Sociétés européennes hei zu Lëtzebuerg ze favoriséieren an eng Partie Sociétés européennes dozou ze bréngen, sech zu Lëtzebuerg ze etabléieren.

Wa mer dat awer wierklech wëllen erreechen, da musse mer och de fiskale Kader kucken an an deem Zesummenhang wëll ech eng Fro opwerfen - de Minister weess scho wat fir eng Fro ech hei opwerfen -, an dat ass déi vun der Abolitioun vum Droit d'apport; en Droit d'apport, dee mir nach hunn, während aner Länner dee scho ganz laang ofgeschaf hunn.

Dat gehéiert net direkt zu dëser Diskussioun, mä ech mengen dat ass awer och eng Fro, déi ee sech an dësem Zesummenhang stelle muss.

Mat deenen zwou, dräi Froen, Här President, wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, dass ons Fraktioun dëse Projet stëmme wäert, esou wéi deen nächsten op onsem Ordre du jour.

Ech soen och do dem Rapporteur vun deem Projet villmools Merci, well wann ech dat elo net géing maachen, da géing dat vergiess ginn, an dat wär net gutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Castegnaro agedroen.

(Interruptions)

Pardon, ech war schonn e Schratt méi wäit. Et ass den honorabelen Här Klein.

Une voix.- Merci, Här President!

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei wierklech bei engem ganz komplexen Text, an duerfir géif ech och ganz besonnesch dem Rapporteur Merci soen, dee Spezialist, deen Expert ass an dëser Matière, fir säin detailléierten a gudde Bericht.

(Interruption)

M. le Président.- Jo. Här Klein, et schéngt eppes mat der Anlag ze sinn. Dir musst e bësse méi haart schwätzen.

(Hilarité)

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Dir Dammen an Dir Häre,…

Plusieurs voix.- Aaahhhh!

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Nach eng Kéier, Här Rapporteur, Merci fir Äre Bericht!

D'Société Européenne, kuerz SE genannt, baséiert op zwee Texter. Éischtens op de Règlement communautaire vum 8. Oktober 2001, deen d'Regele vum Gesellschaftsrecht festleet, deen op d'Sociétés européennes uwendbar ass an deen an dësem Projet de loi behandelt gëtt; mä zweetens och op d'Direktiv 2001/86/CE, déi d'Auswierkungen op d'Arbeitnehmer regelt an op déi ech herno kuerz ze schwätze kommen.

De Rapporteur huet de Projet de loi ausféierlech presentéiert a kommentéiert. Duerfir wéilt ech mech drop beschränken, e puer Eckdate vun dësem Projet, bezéiungsweis vun der Société européenne ze ënnersträichen an dann eng Rei méi generell Bemierkungen zur Wichtegkeet, mä och zu den Erausfuerderunge vun dësem Projet fir eis Wirtschaft ze maachen.

Fir d'alleréischt misst een nach eng Kéier drun erënneren, dass eng

Société européenne net vu vireran als solch ka geschafe ginn. Et gi véier verschidde Prozeduren, an de Rapporteur huet se däitlech opgezeechent. Doraus ergëtt sech, datt als Éischt eng europäesch Dimensioun muss do sinn, éier eng europäesch Gesellschaft gegrënnt gi kann.

An dat bréngt eis zum nächste Punkt, an zwar zu de Virdeeler, déi eng SE mat sech bréngt.

D'Adoptioun vum Statut vun enger Société européenne erlaabt Gesellschaften, déi a méi wéi engem Memberstat etabléiert sinn, ze fusionéieren an op dem gesamten Territoire vun der EU ze operéieren op Basis vun engem eenzegen Ensembel vu Regelen a mat engem unifizéierte Gestiounssystem.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dës Gesellschaften, déi a verschiddene Länner operéieren, mussen also net méi iwwert de Wee vun engem komplexe Réseau vu Filiale fueren. E Réseau, deen administrativ schwéierfälleg ass, vu dass am Normalfall déi verschidde Filialen den nationale Législatioune vum jeeweilege Land ënnerstinn; an doduerch gëtt dee Réseau och deier.

De Groupe consultatif sur la compétitivité, deen d'Stats- an d'Regierungschefen 1995 an d'Liewe geruff haten, huet geschat, dass duerch de Statut vun der SE bis zu 30 Milliarden Euro administrativ Fraisë pro Joer kéinten agespuert ginn.

Dank hirem Statut kann nämlech eng SE, déi an engem Memberstat A immatrikuléiert ass, hire Siège statutaire an e Memberstat B transféréieren, ouni, wéi dat bis elo üblech war, fir d'éischt am Memberstat A eng Dissolutioun virzehuelen, fir dann am Memberstat B eng nei Entreprise ze grënnen.

Fir déi grouss europäesch Projeten, wéi zum Beispill déi transeuropäesch Energie- an Transportréseauen, heescht dat, dass eng SE méi liicht private Risikokapital unzéie kann, wéi wann eng ganz Rëtsch vun nationale Gesellschaften, déi all deene jeeweilegen nationale Législatiounen ënnerstinn, sech eenzel un de Marché géife wende fir Kapital ze fannen.

An dësem Zesummenhang kann ee vläicht och drun erënneren, dass dat europäescht Reglement a senger jëtzeger Ausriichtung festhält, dass de Siège statutaire vun enger Société européenne do ass, wou och seng Administration centrale ass; wat net verhënnert, dass de Siège statutaire an d'Administration centrale sech op zwou verschiddene Plazen innerhalb vun engem Memberstat befannen.

D'Reglement huet also en faveur vum Siège social reell tranchéiert. Dat kéint sech allerdéngs an Zukunft änneren. D'Reglement gesäit nämlech vir, dass d'Kommissioun bis 2009 e Bericht iwwert d'Applicatioun vum Reglement virleeë soll, an dass an deem Kontext notamment gekuckt soll ginn, ob et sech ubitt enger Société européenne d'Méiglechkeet ze ginn, hir Administration centrale an hire Siège social an zwee verschiddene Länner ze hunn. Dat heescht, a Richtung Incorporatioun ze goen. An dësem Fall behält d'Gesellschaft d'Nationalitéit vun deem Stat, wou se konstituéiert ginn ass, egal wou hir Aktivitéit duerno effektiv stattfënnt.

Wann dat antriede sollt, misst ee sech en tout état de cause iwwerleeën, ob een net och zu Lëtzebuerg dee Wee misst aschloen.

Dëse Projet de loi féiert awer elo schonn zwou gréisser Modifikatiounen an eist nationaalt Gesellschaftsrecht an.

Éischtens kënnen anonym Gesellschaften, déi nom lëtzebuergesche Recht fonctionnéieren an ënner engem Régime moniste konstituéiert gi sinn, an Zukunft fir de Régime dualiste de gestion optéieren.

Als Rappel: De Système moniste gesäit just e Conseil d'administration vir, während de Système dualiste mat zwee Gremië fonctionnéiert; engem Organe de direction, dat fir d'Gestioun vun der Firma responsabel ass, an engem Organe de surveillance, dat d'Membere vum Directoire nennt an dat säin Accord muss gi fir Operatioune wéi Investissementer, Akeef oder Verkeef, déi e bestëmmte Sockel dépasséieren.

Déi zweet gréisser Innovatioun, déi agefouert ginn ass, ass déi vun der Société anonyme unipersonnelle, dat heescht d'Méiglechkeet fir eng anonym Gesellschaft just een eenzegen Aktionär ze hunn.

Béid Verännerunge sinn iwwregens vun der Chambre de Commerce begréisst ginn, well se der Realitéit um Terrain Rechnung droen an hir domadder eng Base légale ginn.

Elo zur Approche. De Statsrot huet jo de Choix kritiséiert d'Décisiounen, déi d'SE betreffen, an déi eenzel Dispositioune vun der Société anonyme anzebauen, anstatt déi spezifesch Texter an enger separater Sektioun ze regruppéieren. Dës Kritik war motivéiert duerch d'Suerg, dass déi national Texter vun elo u konstant der Evolutioun vun der europäescher Législatioun ugepasst misste ginn.

D'Kommissioun huet awer zu Recht décidéiert, d'Struktur vum Gesetzesprojet bäizebehalen. Wann ee bedenkt, wéi wichteg dass d'Gesellschaftsrecht fir eist wirtschaftlecht Ëmfeld ass, ass et nämlech souwisou ubruecht, fir eisen Arsenal législatif systematesch den Entwécklungen um europäesche Plang unzepasse respektiv - do wou et méiglech ass - dësen Evolutioune souguer virzegräifen. Dat huet et eisem Land an der Vergaangenheet erméiglecht sech ze profiléieren - Beispill: d'Législatioun am Beräich Investmentfongen -, an et gëtt an Zukunft mat den Harmoniséierungsbestriewungen um europäeschen Niveau nach vill méi wichteg d'Nues vir ze hunn.

An dat bréngt mech zur Bedeitung vum Zesummespill tëschent europäeschen Dispositiounen an nationaler Législatioun am Kader vun der Société européenne.

Wéi Der wësst gläicht d'Forme juridique vun der SE an dësem Stadium méi engem Chantier wéi engem fäerdege Produkt. Déi Dispositioune vum Reglement, déi mir haut hei an eis Gesetzgebung afügen, decken net alles of. À titre subsidiaire gëtt eng SE, also och vum nationale Recht hier, aus deem Stat an deem se hire Siège effectif huet regéiert. Dozou gehéieren ënner anerem eng ganz Rei Dispositiounen, déi fir déi national SAen uwendbar sinn.

De Rapport vun eiser Kommissioun ënnersträicht also richtegerweis, dass et net eng eenzeg Société européenne gëtt, mä 25 verschidden Zorte vun nationalen SEen.

Dat heescht dann och, dass beim Choix vun enger Implantatioun ganz genee gekuckt gëtt, wéi eng Vir- an Nodeeler all eenzelne Memberstat um legislative Plang bitt, fir Chancen ze notzen, déi sech aus dësen Ënnerscheeder erginn.

An dësem Kontext huet d'Chambre de Commerce an hirem Avis zu Recht drop higewisen, dass et extrem wichteg ass och um fiskalesche Plang en Ëmfeld ze schafen, dat d'Implantatioune vun internationale Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg favoriséiert.

Mä d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun engem Wirtschaftsstanduert beschränke sech net nëmmen op dat juristescht a fiskalescht Ëmfeld. Wéi schonn éineschters ugedeit, sinn d'Harmoniséierungsbestriewungen um europäesche Plang grouss an agefouert Avantagen, notamment am fiskalesche Beräich, si meeschtens vu kuerzer Dauer. Dofir muss och de Rescht stëmmen, vun den administrativen Démarchen a Käschte bis hin zur Transport- a Kommunikatiounsinfrastruktur, vun der Qualifikatioun vun de Leit um Aarbechtsmaart bis hin zur Kultur- a Fräizäitoffer. An dat gëllt net nëmme fir d'SEen, mä am Allgemenge fir de Wuesstem vun eisem Land duerch eng Politique de diversification économique ze assuréieren.

Dir Dammen an Dir Hären, dëser Deeg reagéieren hei zu Lëtzebuerg d'Leit e bëssen allergesch op Wierder wéi „Fusioun" an „Iwwernahmen". Mä mer dierfen eis näischt virmaachen: Grouss Betriber, déi iwwerliewe wëllen, ginn Alliancë mat aneren an, kafen op oder fusionéieren. Et ass och kloer, dass an dësem Zesummenhang d'Politik respektiv d'Regierunge wuel matschwätze kënnen, mä a leschter Instanz d'Aktionären décidéiere wat wou ze geschéien huet.

Dat heescht awer net, dass mir esou Operatioune fäerte sollen. Lëtzebuerg huet an deene vergaangene Jore vill vun der Délocalisatioun profitéiert, well et duerch en attraktiivt Ëmfeld Betriber konnt unzéien oder hei behalen; Betriber a Filialen, déi dem Land eng héich Valeur ajoutée bruecht hunn an et domadder attraktiv gemaach hunn, fir weider Aktivitéiten unzezéien. Dovunner témoignéiert zum Beispill déi rezent Décisioun vun Delphi, seng Fuerschungsaktivitéit net nëmmen hei zu Lëtzebuerg ze behalen, mä och nach auszebauen.

Europäesch Fusioune kënne geneesou eng Chance ubidden. Als LSAP hu mir dofir och an eisem Wahlprogramm 2004 festgehale gehat, dass eist Land en avantagéise Kader bräicht, deen et interessant mécht fir transnational Gesellschaften hir Geschäfter vu Lëtzebuerg aus ze steieren. An et ass d'Roll vun der Politik dofir ze suergen, dass dës Efforten net op Käschte vun den Arbeitnehmer geschéien, dass d'Interessie vun den Aarbechter an d'Matsproocherecht vun de Gewerkschaften assuréiert bleiwen. An ech mengen, dass dat eis am Kader vun der Ëmsetzung vun der Direktiv 2001/86, déi d'Auswierkunge fir d'Arbeitnehmer am Kontext vun der SE regelt, och gelongen ass.

Ouni wëllen dem Rapport an de Rieden an dësem Beräich virzegräifen, wëll ech hei ënnersträichen, dass déi zoustänneg Chamberskommissioun op d'Virschléi vun de professionelle Chamberen a vum Statsrot agaangen ass an eng Rei Amendementen ugeholl huet, déi d'Rechter vun de Salariéen am Kader vun der Constitutioun vun enger Société européenne festegt.

Aus all dëse Grënn, géing ech heimadder den Accord vun eiser Fraktioun zum proposéierte Projet de loi ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Braz.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hale mech ganz kuerz, well den Här Santer huet a sengem Rapport wierklech alles gesot. Ech wëll him och gären net nëmme Merci soen, mä him och félicitéieren, well ouni d'Aarbecht vum Här Santer an och säi perséinlecht Wëssen, wär et an der Kommissioun ganz schwiereg gewiescht iwwerhaapt eng Diskussioun op dee Projet ze kréien. Neen, et muss ee soe wéi et ass, do souze vill Leit beienaner an et waren…

(Interruption)

Neen, dat ass einfach esou an all déi, déi an där Kommissioun Member sinn, däerften dat fairerweis zouginn, dass dem Här Santer säi perséinlecht Fachwëssen iwwerhaapt en Ufank vun enger Diskussioun méiglech gemaach huet, well mer alleguer relativ néophyte an där Matière sinn. An dofir huet et, mengen ech, och kee Sënn, dass mer nach eng Kéier alles paraphraséiere wat am Gesetz steet. Mir bréngen einfach eis Zoustëmmung a soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Dann huet elo den Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech wëll mech deene Félicitatiounen un de Rapporteur, den Här Santer, uschléissen. Als President, mä och als Rapporteur hat hien hei eng ganz schwéier Missioun, fir e ganz komplizéierten Text an all déi eenzel Amendementer ze erklären, an d'Diskussiounen ze féieren. An ech wëll him wierklech félicitéiere fir déi excellent Aarbecht a säin excellente schrëftleche mä och mëndleche Bericht.

Nach bleift e klenge Problem, deen awer muss diskutéiert ginn, an dat ass, wann een eng Société européenne schaaft, dann ass et natierlech esou, datt een hofft, datt déi Gesellschaften, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, an déi och dee Wee wéilte goen, dann och hei zu Lëtzebuerg hire Siège behalen an deen net an d'Ausland verleeën. Et kann een natierlech och hoffen, datt ee vum Ausland e puer Entreprisen op Lëtzebuerg kritt. Dofir ass et awer wichteg, datt déi steierlech Dimensioune vun esou enger Société européenne kloer duergeluecht ginn.

Ee vun de Problemer ass dee vum Droit d'apport, an do wier d'Regierung gutt berode fir deen ze analyséieren. Mä et ass awer och richteg, datt d'Regierung sollt higoen an eng Kéier der Steierverwaltung soen, si soll eng Modelldiskussioun féieren, fir ze kucke wat d'Effeten au niveau fiscal wieren a wat d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg an dësem Kontext kënnt sinn, wann een esou eng fiktiv Besteierung kënnt duerchféieren a kucke wou d'Intérête vu Lëtzebuerg kënnte sinn.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

M. le Président.- Nom Här Henckes kënnt dann elo den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Jo, Merci, Här President.

Also vun deem gudde Rapport a vun där grousser Euphorie do, déi heibannen herrscht, vis-à-vis zu deem Projet kann ech mech nëmme matrappe loossen a wäert en och stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech géif och gären dem honorabelen Här Santer Merci soe fir déi gutt a vill Aarbecht, déi hien zesumme mat de Kolleegen an der juristescher Kommissioun gemaach huet. Dat hei ass sécherlech e wichtege Projet fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. An ech mengen, dass dëse Projet, deen europäeschen Text, esou wéi en elo ëmgesat gëtt, erëm eng Kéier dat reflektéiert, wat mer am Gesellschaftsrecht versichen, nämlech e souplë juristesche Kader ze setzen, deen et wierklech och internationale Firmaen erlaabt hei zu Lëtzebuerg e gudden Terrain ze fanne fir hir Aktivitéiten auszebreeden.

Dofir hu mir och proposéiert - an ech si frou, datt dat och zréckbehale ginn ass -, datt zum Beispill d'Optioun besteet tëschent engem dualisteschen an engem monistesche System - also dee monisteschen, wéi mer en elo haten, mat just engem Verwaltungsrot oder an Zukunft wou ee ka wielen, ob een och wëllt en Directoire an e Conseil de surveillance maachen. Dat ass nëmmen ee Beispill fir ze weisen, datt mer déi Optiounen, déi mer am Fong ëmmer sollen eisem Gesellschaftsrecht ginn, och hei zréckbehalen. Dat fannen ech ganz positiv.

Elo ass et mer natierlech evident; an déi honorabel Madame Flesch huet déi Fro gestallt, wéi dat da mat dem steierleche Kader wär ronderëm déi Gesellschaften.

D'Schwieregkeet, an duerfir hu mer bis elo och nach keen extrae steierleche Kader proposéiert, ass déi, datt mer net kënnen nom europäesche Recht fir een Typ vu Gesellschaften en anere steierleche Regime maache wéi fir aner Gesellschaften.

Dat ass e bëssen de Problem, dee mer nach de Moment diskutéieren, mat den Holdingsgesellschaften, wou gesot gëtt: All d'Gesellschafte mussen d'nämlecht behandelt ginn. Dat war och eng Diskussioun, déi mer haten am Kader vun der Diskussioun Primarolo iwwer onfaire Steierwettbewerb an Europa.

D'Diskussioun iwwert den Droit d'apport féiere mer an deem Groupe d'analyse fiscale, deen d'Regierung agesat huet an deen nach virum Summer wäert seng Aarbechten ophuelen, déi mer och am Kader vun der Tripartite am Kontext Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Ekonomie diskutéiert hunn.

Ech soe just: Et ass einfach hei permanent ze plädéieren, fir Steieren ofzeschafen, well et ass d'Fuerderung den Droit d'apport ofzeschafen; et ass d'Fuerderung d'Taxe d'abonnement erofzesetzen; et ass d'Konsequenz, datt, wann d'Holdingsgesellschafte mussen ofgeschaf ginn, mer och do eng Rei Steiere manner erakréien.

Alles dat zesumme muss een awer gesi mat all deenen neien Dépensen, déi d'Chamber dauernd fuerdert. Déi lescht Stonnen hu bewisen, datt ëmmer erëm nei Iddië kommen, fir Suen auszeginn, an esou wäert dat och weidergoen.

An duerfir muss een déi Steierreformreduktiounen am Kontext vun deenen Objektiver gesinn, déi mer eis gesat hunn, fir d'Budgetssituatioun am Horizont 2009 am Équiliber ze halen. Mir gesinn, datt mer am Droit d'apport eppes maache musse wéinst der Konkurrenz mat anere Länner, mä mer musse wëssen, datt dat an enger éischter Phas op d'mannst manner Steiereinnahme betrëfft, an duerfir musse mer dann och op der Dépensësäit de Courage hunn, fir zousätzlech Dépensen ze sträichen. An ech hoffen, datt dat da gradesou hei Ënnerstëtzung am Parlament fënnt wéi d'Steierreduktiounen, déi ëmmer liicht ze fuerdere sinn, mä schwéier ëmzesetze sinn.

Ech si frou, datt dëse Projet eng grouss Zoustëmmung fënnt. Et ass wéi gesot e wichtege Projet. An ech hoffen, datt och eng ganz Rei vun internationale Gesellschaften, zesummen duerch aner flexibel Mechanismen, déi mer hunn, de Wee op Lëtzebuerg fannen an esou nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg och kënne schafen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5352. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5352[8].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner,

Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5435 iwwert de Statut vun der Société européenne. D'Riedezäit ass och hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen d'Madame Flesch - si hat awer scho Stellung geholl zu dësem Projet -, den Här Castegnaro, d'Madame Loschetter an den Här Jaerling. D'Wuert huet dann de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

5. 5435 - Projet de loi

1. complétant le statut de la société européenne (SE) pour ce qui concerne l'implication des travailleurs et

2. modifiant la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Och e Merci un d'Madame Flesch an un d'DP-Fraktioun, déi schonn hir Zoustëmmung zu deem Gesetzestext hei ginn hunn, ouni mech emol ze héieren. Dat ass e Vertrauensbeweis...

(Interruption)

E Vertrauensbeweis, Här Grethen, jo, jo. Et ënnersträicht och wierklech d'Seriositéit vun Ärer Fraktioun, datt Dir de Rapport däitlech gelies hutt an och keng Objektiounen am Rapport fonnt hutt par rapport zum Gesetz. Also nach eng Kéier villmools Merci.

Ech hunn awer ee klenge Problem. Am Numm vun eiser Fraktioun hat ech nach net d'Geleeënheet, fir virun der Ofstëmmung och dem Rapporteur vum Projet, dee mer elo grad gestëmmt hunn, Merci ze soen, mengem Fraktiounskolleeg Patrick Santer, dee sech op eng wierklech wonnerbar Aart a Weis an déi ganz Problematik, déi ganz komplex ass, ageschafft huet, a souwuel ee schréftleche wéi och e mëndleche Bericht hei presentéiert huet, déi ganz explizitt waren, déi däitlech waren a ganz kloer waren an déi absolut keen Zweifel méi zouloussen a mir et op alle Fall ganz liicht maachen, fir och dee Projet, deen elo zur Diskussioun steet, hei virzestellen.

Ech kann dofir dorop verzichten, fir op den Origine vun deem Projet anzegoen. Den Här Santer huet dat an der Rumm vu sengem Projet gemaach.

Ech wëll just dann och kuerz d'Noutwendegkeet vun deem heite Projet am Zesummenhang mat där Ofstëmmung, déi mer elo grad virgeholl hunn, ënnersträichen.

Nodeem an der Europäescher Unioun elo déi Direktiv applizéiert gëtt an och an d'nationaalt Recht ageschriwwe gëtt - wat mir elo gemaach hunn -, kënnen à tout moment iergendwou an Europa Entscheedunge getraff ginn an enger Société européenne, déi direkt Auswierkungen hunn op Produktiounsstätte vun engem anere Stat.

Dat heescht, iergendwou an Europa kënnen an enger Société européenne, wou Lëtzebuerger Betriber mat ageflecht sinn, Entscheedunge getraff ginn, déi Produktiounsverlagerungen zum Zil hunn, déi Standortverlagerungen zum Zil hunn, déi och Personalofbau a Restrukturatioune kënnen als Konsequenz hunn, ouni datt een d'Méiglechkeet huet rechtzäiteg ze intervenéieren, ouni datt een d'Méiglechkeet huet déi noutwendeg Vorkehrungen ze treffen, fir sozial dat ofzefiederen, wat do entstoe kéint.

An dofir war et scho wichteg a richteg a gutt, datt parallell zu där doten Direktiv et an der Europäescher Unioun fäerdeg bruecht ginn ass och eng weider Direktiv op den Instanzewee ze ginn, déi d'Société européenne verflicht, egal wou se implantéiert ass, Informatiounen un déi betraffen Arbeitnehmer weiderzeginn an och eng gewëss Matbestëmmung an e Matsproochrecht ze institutionaliséieren; dat an all deene Länner, déi an déi Société européenne mat agebonne sinn.

Et dréint sech also heidrëm, fir an der Rumm vun där neier Gesellschaftsform, där neier grenziwwerschreidender Gesellschaftsform Informatiounsrechter, Matbestëmmungsrechter vun den Arbeitnehmer grenziwwerschreidend anzebannen.

Dat ass dann och den Haaptobjektiv vun deem Gesetz, an ech maachen et elo relativ kuerz, well jidderee jo d'Geleeënheet hat, och de schréftleche Rapport, dee ganz detailléiert verfaasst ginn ass, ze liesen.

Et geet also drëm fir an där Société européenne Matbestëmmungsstrukturen anzesetzen, an déi gi genannt Organes de représentation, an zwar entspriechend och der national üblecher Gesetzgebung.

Mir hunn et ze dinn, an den Här Santer huet dat och hei schonn däitlech gemaach, mat zwou Gesellschaftsformen: Dat ass déi monistesch, esou wéi se hei zu Lëtzebuerg virherrscht, an déi dualistesch, wéi se an anere Länner virherrscht. Duerfir war et gutt, datt och déi zwou Beruffschamberen - d'Privatbeamtechamber an d'Arbeiterkammer - an och de Statsrot eis drop opmierksam gemaach hunn, datt, wa mer net eist Matbestëmmungsgesetz vun 1974 géifen deementspriechend ofänneren, mir da géife Gefor lafen ze échappéieren hei zu Lëtzebuerg, fir iwwerhaapt kënnen eis Vertrieder an déi aner Gesellschaftsstrukturen ze nennen. Ech kommen nach ganz kuerz dorop zréck.

Anerersäits fannt Dir a mengem schréftleche Rapport am Detail opgefouert d'Aufgabe vun deem Organe de représentation, d'Zesummesetzung dovun, d'Fonctionnéieren dovun, d'Wahlen dovun. An deen Organe de représentation, deen also eng wichteg Missioun kritt, ass och ze vergläiche mat där Gesetzgebung, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg kennen iwwert d'Matbestëmmung an de groussen Entreprisen, dem Comité mixte d'entreprise an der Vertriedung an de Verwaltungsréit.

Dat ass een Zil, wat natierlech muss ausgehandelt ginn a wat vu Société européenne zu Société européenne verschidde ka sinn, entspriechend och de gesetzleche Bedingungen, déi an deenen eenzelne Länner virherrschen. Fir dat dann auszehandelen, gesäit d'Gesetz vir, datt een Organe de représentation agesat gëtt, deen déi Verhandlunge muss a soll féieren an innerhalb sechs Méint muss zu engem Ergebnis kommen. Dee Groupe spécial de négociation handelt also mat där neier Betribsstruktur, mat där Société européenne deen Organe de représentation aus, wéi dat fonctionnéiere soll. Ech ginn elo net méi op den Detail an.

An de Gesetzesprojet ass dann och detailléiert ageschriwwen, wéi d'Aufgabe vun deem Groupe Spécial de Négociation, GSN heescht dat, sinn, wéi d'Zesummesetzung ass innerhalb vun den eenzelne Memberstaten, déi an esou eng Société européenne agebonne sinn, wéi d'Vertrieder gewielt ginn, no welleche Kritären. Wéi d'Lëtzebuerger Vertrieder gewielt ginn an dee Groupe spécial de négociation, dat entsprécht eise gesetzlechen Obligatiounen iwwert d'Delegatiounsgesetz, d'Matbestëmmungsgesetz.

Da steet och drageschriwwen, wéini datt déi Verhandlungen ufänke mussen. Déi Verhandlunge mussen ugefaange ginn au début, éier schonn déi Société européenne gegrënnt ass; wann d'Absicht besteet, déi ze grënnen, mussen d'Verhandlunge schonn ugefaange ginn, fir och déi Matbestëmmungs- an Informatiounsgremien a -strukturen anzebannen.

Voilà, dat ass also de groussen Deel vun deem wat an deem Projet de loi hei steet, wéi dat alles ze fonctionnéieren huet. Ech wollt nach eng Kéier ganz kuerz drop agoen, datt et wichteg war, datt och d'Beruffschamberen hiren Avis ofginn hunn. An der Kommissioun hu mer eis laang a breet mat deenen Avisë vun der Arbeiterkammer, vun der Privatbeamtechamber befaasst, wéi och mat deem vum Statsrot, déi virun allem emol drop higewisen hunn, datt ee sech net däerf eleng beruffen a bezéien op d'Bildung vun enger Société européenne, déi dem Privatkapital entsprécht, mä och muss eng Gesetzgebung schafen oder afüge fir all déi Sociétéiten, wou d'öffentlech Hand de Gros vum Kapital stellt. Och dat ass geschitt an engem spezielle Kapitel an der Rumm vun eisem Gesetz, an domat hu mer dann och den Avisë vun deene Beruffschamberen an dem Statsrot Rechnung gedroen.

An da virun allem awer, an ech hu schonn eng Kéier drop higewisen, war et noutwendeg, fir d'Matbestëmmungsgesetz vun 1974 dohigehend ofzeänneren, datt et och an där neier Société européenne, déi dann déi dualistesch Gesellschaftsstruktur géif als Basis huelen, méiglech wär, fir déi Lëtzebuerger Vertriedung an esou eng Société européenne mat anzebannen, respektiv wann esou eng Société européenne sech hei zu Lëtzebuerg implantéiert a fir den Dualismus vum Gesellschaftsrecht optéiert, datt et dann och méiglech wier, fir dee Lëtzebuerger Arbeitnehmer an déi Struktur mat anzebannen; esou wéi dat dann och gewënscht ass.

Deementspriechend si mer deem an der Kommissioun nokomm a mir hunn dann en neit Kapitel als Amendement ausgeschafft, dee mer dann och dem Statsrot an de Beruffschamberen nach eng Kéier iwwermëttelt hunn a wou dann och den Accord komm ass vun deenen zwou Salariatsberuffschamberen. D'Beruffschambere vun de Patronatsorganisatioune waren e bësse méi dezent. Si waren der Meenung, datt een déi Matbestëmmungsgesetzer net soll nach weider ausbauen. Dat fannt Der a mengem schréftleche Rapport erëm, esou wéi och d'Argumenter dozou.

Mir hunn also en neit Kapitel derbäigeschriwwen, dat dann och d'Approbatioun fonnt huet vum Statsrot, obwuel kloer ass, datt, wann e Betrib, wéi gesot, oder eng Société européenne den dualistesche Gesellschaftssystem hei applizéiert, och dee Lëtzebuerger Salariatsvertrieder dann d'Méiglechkeet huet, an deem Organe de représentation kënnen derbäi ze sinn.

Voilà, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass den Haaptpunkt vun deem Projet, deen elo zur Diskussioun steet. Ech wëll ofschléissend och nach eng Kéier de Regierungsvertrieder Merci soe fir hir Kollaboratioun. Mir hate véier oder fënnef Sëtzungen. Dir fannt dat op der Säit eent vu mengem schréftleche Rapport erëm, wéi oft datt mer eis an der Kommissioun mat där ganzer Problematik, déi ganz komplex ass, ausenaner gesat hunn. Dir fannt och do d'Avisë vun de Beruffschamberen a vum Statsrot.

Also nach eng Kéier villmools Merci un d'Mataarbechter, un d'ganz Kommissioun an un d'Sekretariat. Ech géif dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi bréngen an ech géif d'Chamber bieden, esou wéi virdrun e Vote ze huelen, deen eng large Zoustëmmung zu deem Gesetzesprojet weist.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Herr Glesener. Dann huet den Här Castegnaro d'Wuert.

Discussion générale

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Rapporteure vun deene béide Projeten iwwert d'Société européenne grad ewéi eng Rei vu Virriedner hunn d'Detailer vun deene Projeten op eng excellent Aart a Weis hei beschriwwen, an och ech wëll nach eng Kéier d'Qualitéit vun de Rapporten ënnersträichen, déi fir sech selwer schwätzt.

Ech wëll awer betounen, wéi wichteg et ass, dass hei parallell, also zesummen, déi zwee Voleten zu deem Reglement traitéiert ginn, dee mer virdrun als Projet de loi haten a jo och dofir gestëmmt hunn, deen den Droit des Sociétés betrëfft, deen de legale Kader schaaft, eng Rumm setzt an där Fusiounen a Kreatioune vu Sociétéeuropéennen hei kënne geschéien.

Dat ass ouni Zweifel dann och mat Verspéidung geschitt, well ech weess, dass mer eis eigentlech d'Zil gesat haten zu deenen Éischten ze gehéieren. Dat hu mer net erreecht oder verpasst, mä et bleift wichteg fir de Standuert Lëtzebuerg attraktiv ze halen, well mer och esou Aarbechtsplaze kënnen ofséchere respektiv nei Aarbechtsplaze kënne schafen.

Op där anerer Säit - an dat wäert wuel keen heibanne wonneren - läit mir besonnesch dat Soziaalt um Häerz an dass dat an där Diskussioun net ze kuerz kënnt. Dat betrëfft dann de Projet 5435, deen d'Direktiv 2001/86/CE soll ëmsetzen, an do gëtt jo dann de Volet vun der Aarbecht och couvréiert. Dat soll garantéieren, dass d'Rechter vun de schaffende Leit net vergiess oder och net ënnerhielegt gi bei der Kreatioun vun enger Société européenne.

De Fait, dass um europäeschen Niveau déi zwee Voleten Hand an Hand ginn, ass a sech schonn eleng besonnesch ervirzesträichen a luewenswäert. Dass dat esou ass, an dat wëll ech hei ënnersträichen, ass och de Mérite vun de Gewerkschaften, souwuel vum Europäesche Gewerkschaftsbond wéi vu sengen nationalen Organisatiounen, déi sech op nationalem, mä besonnesch op europäeschem Plang iwwer laang Jore ganz staark gemaach hunn an dofir agesat hunn, dass parallell zum Droit des Sociétés och d'Interesse vun de Beschäftegten an d'Matsproochrecht vun de Beschäftegten an de Gewerkschafte geregelt a garantéiert ginn.

D'Direktiv, ëm déi et hei geet, weist, wéi schwéier Europa sech nach ëmmer deet; an dat ass haut jo och schonn e puermol ënnerstrach ginn. Besonnesch och am soziale Beräich gesi mer, dass national Differenzen och iwwer esou eng Direktiv an hir Ëmsetzung net verschwannen, dass et also net méiglech war, en eenheetlechen europäesche Regime fir d'Participatioun an d'Implikatioun vun de Salariéen ze realiséieren, eben aus deene Grënn, dass déi national Gesetzgebungen ze vill verschidde sinn. Mä ëmmerhin - an dat ass luewenswäert, dat muss ervirgestrach ginn - ginn hei minimal Regele festgesat, déi och musse respektéiert ginn, wann d'Rechter vun de Salariéen a Saache Participatioun solle garantéiert bleiwen.

Den Haaptprinzip, deen dobäi spillt, ass dee vum Avant-Après, dat heescht, d'Rechter vun de Salariéen no der Constitutioun vun der Société européenne mussen op d'mannst dem Niveau vun hire Rechter vu virdrun entspriechen. Hei, an dat soll een och ënnersträichen, stinn net nëmmen d'Gewerkschaftsvertrieder am Betrib an hir Gewerkschaften an der Flicht, mä och de Législateur, deen och oppassen an dofir suerge muss, dass déi Rechter garantéiert bleiwen.

Do läit och d'Bedeitung vun der Reform vun der Gewerbeinspektioun, op déi mer schonn e Moment waarden an déi hei eng Aufgab ze erfëllen huet. Mä ech wëll besonnesch ënnersträichen, well et wichteg a bedeitend ass, dass an alle Fäll d'Sozial- an d'Aarbechtsrecht, an domat och d'Kollektivverträg am Land, net kënnen iwwert dee Wee hei ugetaascht ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och dat ass zwar de Mëtte scho gesot ginn: Och zu Lëtzebuerg kenne mer eis an der Tëschenzäit aus mat der Schléissung vu Betriber, mat Ofbau a Betriber, mat der Delokaliséierung vu Betriber, a genausou ass et Realitéit ginn, d'Fusiounen oder d'Iwwernahme wéi déi feindlech oder déi frëndlech. A mir sinn eis jo zënter dem 27. Januar bewosst ginn, wat et bedeit wann eng feindlech Iwwernahm organiséiert gëtt, wéi déi vu Mittal Steel op d'Cargolux, déi da schlussendlech den…

Plusieurs voix.- Op d'Cargolux?

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Entschëllegt, ech si menger Zäit viraus, Här President. Et huet mech gezeechent, Här Gira, bis un de Rescht vum Liewen. Awer dat ganz eescht.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Dir wësst schonn erëm eng Kéier méi, he?

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Ech weess eppes weider, Här Jaerling. Ech weess.

M. le Président.- Den Här Castegnaro huet alles kloergestallt.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Et ass d'Arcelor. A wat wichteg ass, ass, dass d'Arcelor et

fäerdeg bruecht huet de 25. Juni aus där feindlecher eng frëndlech Iwwernahm ze maachen. An duerfir soen ech et, well et domat och méiglech war de Sozialmodell vun der Arcelor an industriellt Konzept vertraglech ze verankeren. Dat besonnesch - an dat soll een net minimiséieren - am Interessi vun de Lëtzebuerger Standuerter a vun de Beschäftegten, déi op deene Standuerter schaffen.

Déi Episod do, déi sechs Méint net nëmmen d'Stolwelt mä besonnesch déi Beschäftegt aus der Stolwelt an och déi hei zu Lëtzebuerg an Otem gehalen huet, beweist d'Muecht vum Kapital a vun de Spekulanten. Och dat ass haut schonn an anere Wierder ënnerstrach ginn, awer et ënnersträicht besonnesch och d'Verantwortung vun der Politik, also vun eis, fir esou Spillregelen ze organiséieren a fir fir esou Spillregelen ze suergen, déi derzou bäidroen, dass d'Wirtschaftspolitik net nëmme Selbstzweck ass, mä dass se och am Wuel vun de Beschäftegten a vun engem Land stoe muss.

An dorëms geet et dann och bei där Direktiv, iwwert déi mer elo ofstëmme sollen, déi mer ëmsetze wëllen.

Dorëms ass et allerdéngs och bei der O.P.A.-Gesetzgebung gaange virun enger Rei vu Wochen, déi jo hei och zu enger Debatt gefouert huet. D'O.P.A.-Gesetz, wat den 19. Mee dëst Joer zum Gesetz ginn ass, regelt - an dat ass luewenswäert - eigentlech och d'Informatioun an d'Consultatioun vun de Beschäftegten an hire Gewerkschaften am Fall vun Iwwernahmen, feindlechen oder frëndlechen.

Ech bleiwe perséinlech der Meenung, dass d'O.P.A.-Gesetz hätt kënne besser sinn, an dass d'O.P.A.-Gesetz esou hätt kënnen ausfalen, dass eis Betriber besser viru feindlechen Iwwernahme geschützt gi wieren. Ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen. Wann de Minister Frieden nach hei wier, géing hie mer äntwerte wéi virdrun; Mir brauche Gesetzer, déi soupel sinn, fir attraktiv ze bleiwen. Bon, dann ass et och e soupelt Gesetz, wéi dat iwwert d'Société européenne.

Mä nach eng Kéier: Positiv an eisem O.P.A.-Gesetz ass, dass dat ganz kloer an däitlech verlaangt, dass d'Beschäftegt an hir Vertrieder an d'Gewerkschaften informéiert a consultéiert ginn; zousätzlech zu deene Bestëmmungen, déi mer haut an der Transpositioun vun der Direktiv an e Gesetz hei nach eng Kéier décidéieren.

An ech wëll och do just soen, dass dat nëmme besser ka gi wa mer d'Matbestëmmungsgesetzer vun 1974, déi op der Lee iergendwou stinn, och moderniséieren an upassen. Gleeft mer, dass d'Arcelor-Belegschaft während sechs Méint gelidden huet ënnert deem, wat sech do ofgespillt huet, genee esou wéi d'Belegschaft vu Villeroy & Boch oder vun der TDK, an aneren, déi am Endeffekt net nëmmen déi Lescht sinn, déi betraff sinn am Sënn oft vu Schléissung a Verléiere vun der Aarbechtsplaz, mä vun enger immenser Ongewëssheet, wat hir Zukunft ubelaangt. Si hunn also, déi eng wéi déi aner, déi eng méi, déi aner manner, erlieft wéi schnell hir Existenz a Gefor ka sinn an och kann zerstéiert ginn.

Mir mussen also alles maache fir déi Realitéit, déi eis net gefält, esou ze begleeden an esou an e Kader ze setzen, dass nieft deem Interessanten an Attraktiven, wat ee wëllt realiséieren, fir als Standuert attraktiv ze bleiwen, een awer och virrangeg d'Interesse vun de Beschäftegten assuréiert.

An d'Bühn, wou dat passéiere kann a passéiere muss, ass déi europäesch Bühn. Europa huet eng Sozialkultur. Si muss erhale bleiwen a si muss ausgebaut ginn, an net de Géigendeel. Och dat ass bei villen europäeschen Debatten hei an dësem Haus schonn ënnerstrach ginn. Mir sinn duerfir jo net driwwer rosen, dass déi sou genannte Bolkestein-Direktiv oder aner Versich gescheitert sinn, well dat eigentlech dee Punkt war, wou d'Aaxt sollt un de Sozialmodell ugeluecht ginn.

